



DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2018

2

D'GE ME NG

LA COMMUNE

50

KUL TUR

& TOURISMUS

CULTURE & TOURISME

29

SCH OU L

& MAISON RELAIS

ÉCOLE & MAISON RELAIS

88

KLI MA PA KT

PACTE CLIMAT

40

V ER ÄI NER

ASSOCIATIONS

101

INFO RMA TIOUN EN

INFORMATIONS

D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

*'t as Fréijor an d'Vullen déi sinn rëm erwaacht,
an d'Margréitchen huet sech eraus och gemaacht;
si huet d'wäiss Kolrettchen rëm frësch ugedon,
soubal si de Poufank gehéiert huet schlön;
soubal si de Poufank gehéiert huet schlön.*

D'Margréitchen. Vum Michel Lentz

Mam Fréijoer huet och de Redaktiounscomité sech vergréissert. D'Isabelle Oberlé ass derbäikomm bei déi dräi aner: Corinne Meyers, Maxime Bender a Marc Barthelemy.



Jean-Joseph Tholl

De FUUSS kënnt dräi Mol d'Joer eraus. Déi nächst Ausgab ass fir den 21. September geplant. Mir zielen op Är Mataarbecht! Mellt lech weg. bei eis, wann Dir wëllt hëllefen: fuuss@waldbillig.lu

Mir hunn decidéiert, d'Begréffer Bierger, Leit, Awunner, Persounen als neutral Bezeichnung fir all Mensch ze gebrauchen.

An dësem De FUUSS läit e groussen Akzent op der Restauratioun vun engem ganz kostbare Stéck, op dat eis Gemeng houfreg ass: d'Maquette vum Fiissche-Monument um Knuedler. An et ass an der Schäfferotserklärung präziséiert, wat an den nächste fënnef Joer an der Gemeng geschitt.

Un där heiten Ausgab hunn ausser eis matgeschafft:

Robi Baden, Jil Beckené, Pit Beckené, Serge Boonen, Denis Dimmer, Martine Dimmer, Marcel Ewers, Camille Goedert, Liz Henx, Andrée Henx-Greischer, Fernand Huss, Christine Kieffer, Annette Klein, Elisabeth Koltz, Joëlle Leuchter, Mike Michels, Théo Moulin, Joëlle Niederweis, Jacqueline Penning, Joyce Petry, Damaris Pletschette, Annik Reinert, Kim Ruppert, Filipe Soares, Thomas Rünnenburger, Willy Smit, Push Steffen, Sandra Thinnés, Jean-Joseph Tholl, Romain Tobes, Ern Wagner, Mike Wewer, Henry Wickens.

Korrektur: Karin Enser, Anne Kauffmann.

Grafesch Gestaltung: GR-ink vun Hiefenech.

Drock: Imprimerie de l'Est, lechternach.

Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg.

SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG 2017-2023



Ministère de l'intérieur

Schäfferot a Gemengerot

Am Schäfferot sinn: Andrée Henx-Greischer *Buergermeeschtesch*
Serge Boonen 1. *Schäffen*
Théo Moulin 2. *Schäffen*

D'Sitzunge vum Schäfferot sinn all Méindeg vun 08h30 un an der Gemeng.

Am Gemengerot sinn: Marc Barthelemy
Maxime Bender
Corinne Meyers
Mike Michels
Jean-Joseph Tholl
Romain Tobes

De Gemengerot gëtt a regelméisseggen Aarbechtssëtzungen iwwert d'Projete vum Schäfferot informéiert, fir domadder d'Sitzunge vum Gemengerot virzebereeden.

Interkommunal Vereenegungen a Syndikater

Vereenegung / Syndicat	Delegéierten	Stellvertrieder
Sécurité f.p. et écoles	Huss Fernand	Henx
Sidest	Henx	
Sigre	Moulin	
Natur Park Mëllerdall	Henx	
Leader	Moulin	Bender
CIGR Mëllerdall	Barthelemy	Moulin
Club Senior an der Loupescht	Henx	
Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile	Meyers	
Commission de surveillance de l'a.s.b.l.	Meyers	Michels
Association Luxembourg Alzheimer		
Commission de surveillance CIPA Junglinster	Meyers	
Office social régional à Larochette	Simon Anne-Rose	
MEC	Meyers	
RIM	Moulin	
Délégué à la promotion féminine	Meyers	Henx
Recycling Center Junglinster	Tobes	Boonen
Conseil national pour la sécurité routière	Boonen	Barthelemy
SYVICOL	Henx	
SIAEE	Boonen	
Syndicat d'Initiative Waldbillig	Moulin	
Syndicat intercommunal de distribution d'eau entre les communes de Beaufort, Berdorf et Waldbillig	Boonen	
Délégué pour le transport public	Barthelemy	Boonen
Comité de surveillance "Heringer Millen". Composition: 3 membres conseil comm. dont 2 du collège échevinal, 3 membres proposés par Syndicat. Président désigné par conseil communal	Henx, Moulin, Tobes	
Landakademie	Henx	
ORT	Bender	Moulin



Gemengekommissiounen

Integratiounskommissioune

Bautekommissioune

Kultur- an Tourismuskommissioune

Schoulkommissioune

Sportskommissioune

D'Leit aus der Gemeng goufen opgefuedert, fir an dëse Kommissioune matzeschaffen, a mir si frou, datt no engem zweeten Ulf all Kommissioune besat ass.

Zesummeliewen an Tourismus

D'Duerfliwe gëtt weiderhi geférdert, eis Dierfer mussen hire ländleche Charakter behalen. Et gi weiderhin Duerffester a kulturell Evenementer organiséiert.

D'Zesummenarbecht an d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner ass wichteg a gëtt ewéi bis elo geférdert.

Eng modern Schoul a Maison relais sinn néideg fir d'Stärke vun de Kanner, a fir datt déi jonk Eltere sech weiderhi bei eis wuelfillen.

D'Buvette um Fussballsterrain zu Chrëschtnech gëtt èmgebaut.

Och déi Jugendlech brauche Plazen, wou si sech kënnen zesummefannen, sief dat am Clubsall oder op enger neier Grillplaz, déi beim Beachvolleyball amenagéiert gëtt.

Am Mëllerdall gëtt bei der Heringer Millen eng pädagogesch Spillplaz gebaut mat engem Sanitärbai fir öffentlech Toiletten an Duschen.

Um Schéissendëmpel gi Moospunktén ubruecht, fir ronderém dësen touristesche Site d'Beweegunge vun de Fielsen ze iwverwaachen.

Op de Kierfechter zu Chrëschtnech an Haler gi Colombairen amenagéiert.

Informatioun a Kommunikatioun

De Gemengebuet *De FUUSS* gëtt dräimol am Joer publizéiert. Esou bleiwen d'Awunner op deem neiste Stand.

Den Internetsite vun der Gemeng gëtt weiderhi verbessert an iwwer „Ma Commune“ wäert et méiglech ginn, fir verschidden Dokumenter an Informatiounen elektronesch ze kréien.

Op Ufro kënnen d'Bierger gären e Rendez-vous mam Schäfferot kréien.

Ëmwelt, Energie, Drénk- an Ofwaasser

Mir schaffe weider am Klimapakt, an dat neit Klimateam steet. D'Bestandsopname vun de Gemengegebaier sinn ofgeschloss. Am Cader vum Klimapakt ginn och den Offall, d'Raum-Planung, den Energieverbrauch an d'Energieproduktioun, bis hin zu de Fouss- a Vélosweeër, den öffentleche Verkéier, d'Kommunikatioun an d'Zesummenarbecht mat de Bierger, Veräiner, Schoulen a vill aner Punkten traitéiert. D'Gemeng huet de 27. Juli 2016 am Audit mat 51,8% déi zweit Stuf vun dräi (40%, 50% an duerno 75%) am Klimapakt erreecht (European Energy Award), wat eng Auszeichnung no europäesche Standarden ass. Fir datt eis Aarbecht nohalteg bleibt, muss sech eng zertifiziéiert Gemeng all véier Joer engem neien Audit énnerzéien (dee gratis fir d'Gemengen ass). Fir den nächsten Audit wölle mir eis héich Zertifizierung báihalen respektiv verbesseren.

Mir si fir ëmweltfréndlech Verkéiersmëttel an installéieren eng Borne fir Elektroautoen an E-Bikes beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech.

D'Waasserschutzone sinn ausgewisen. Domat geet et awer net duer; d'Drénkwaasserversuergung an eiser Gemeng ass e groussen a wichtige Projet. Den ale Waasserbehälter zu Haler gëtt émgebaut an d'Versuergungsnetz gëtt verbessert. Och d'Leit um Freckeisen wäerten d'Waasser aus dem Mëllerdall kréien. Eis Quelle gi permanent kontrolléiert an d'Resultater vun den Analysen am *De FUUSS* veréffentlecht.

Eis Kläranlagen zu Chrëschtnech an zu Waldbëlleg si vereelzt, si entspriechen net méi den aktuellen Normen. De Kläranlageprojet gëtt e ganz grousse Projet fir déi nächst Joren. Eng nei Kläranlag gëtt zu Chrëschtnech gebaut, d'Ofwaasser vu Waldbëlleg gëtt dann op Chrëschtnech gepompelt. Zu Waldbëlleg gëtt och déi ganz Anlag émgebaut, esou datt all Ufuederunge vum Wasserwirtschaftsamt erfëllt ginn. Zu Waldbëlleg muss en neie Kollektér bis bei d'Kläranlag verluecht ginn. Den Trafostosten am Duerf zu Waldbëlleg gëtt och am Cader vun deenen Aarbechten ofgerappt an op déi aner Stroossesäit verluecht.

Gemengen- an aner Servicer

Den Zentrum vu Waldbëlleg soll émgeplangt ginn. D'Gemeng muss vergréissert ginn, an dat fréiert Haus Majerus soll integréiert ginn. Dofir gëtt bis 2023 e Konzept ausgeschafft an d'Aarbechte wäerten dann a verschiddene Phase realiséiert ginn.

D'Gemeng bedeelegt sech weiderhin un de Servicer vum Bummelbus, Late-Night-Bus an Night Rider.

Eis Gemeng mécht mat beim Club Senior an der Loupescht, deen de Leit vun der Alterskategorie 50+ vill Aktivitéiten ubitt. De Service vun den Heinzelmännercher (CIGR Bäerdref) bleift och bestoen.

Sécherheet a Verkéier

D'Zebrasträifen op den Haaptstroosse gi beliicht. Mir wëllen eppes énnerhuelen, fir géint déi héich Vitesse an eisen Dierfer virzegoen. Dowéinst riichte mer nach méi Schélter an den Entréeë vun eisen Dierfer op, déi d'Vitesse uweisen, mat där ee fier.

Verschidde Busarrête gi verluecht an no de Richtlinie vu Ponts et Chaussées émgebaut.

Waldbëlleg, am Januar 2018
De Schäfferot



Filipe Soares

GEMENGEROTSSËTZUNG 2017 9

Sëtzung vum FREIDEG, DEN 22. DEZEMBER 2017

D'Präsenzelëscht am *De FUUSS 2018/1* war net richtig. Hei ass se verbessert:

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
// BOONEN Serge, Schäffen
// MOULIN Théo, Schäffen
// BARTHELEMY Marc, Conseiller
// BENDER Maxime, Conseiller
// MEYERS Corinne, Conseiller
// MICHELS Mike, Conseiller
// THOLL Jean-Joseph, Conseiller
// TOBES Romain, Conseiller
// DIMMER Martine, Sekretärin

Net do: /

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2017 9

Séance du VENDREDI, 22 DÉCEMBRE 2017

La liste de présence publiée au De FUUSS 2018/1 comportait des erreurs, la voilà redressée :

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
// BOONEN Serge, échevin
// MOULIN Théo, échevin
// BARTHELEMY Marc, conseiller
// BENDER Maxime, conseiller
// MEYERS Corinne, conseiller
// MICHELS Mike, conseiller
// THOLL Jean-Joseph, conseiller
// TOBES Romain, conseiller
// DIMMER Martine, secrétaire

Absents : /

GEMENGEROTSSËTZUNG 2018 1

Sëtzung vum DËNSCHDEG, DE 6. FEBRUAR 2018

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
// BOONEN Serge, Schäffen
// MOULIN Théo, Schäffen
// BARTHELEMY Marc, Conseiller
// BENDER Maxime, Conseiller
// MEYERS Corinne, Conseiller
// MICHELS Mike, Conseiller
// THOLL Jean-Joseph, Conseiller
// TOBES Romain, Conseiller
// DIMMER Martine, Sekretärin

Net do: /

Dagesuerdnung

2018-01-01

Allgemeng fräi Nuechte fir d'Joer 2018

2018-01-02

Konzessiounen op de Kierfechter vu Waldbëlleg,
Chrëschtnech an Haler

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 1

Séance du MARDI, 6 FÉVRIER 2018

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
// BOONEN Serge, échevin
// MOULIN Théo, échevin
// BARTHELEMY Marc, conseiller
// BENDER Maxime, conseiller
// MEYERS Corinne, conseiller
// MICHELS Mike, conseiller
// THOLL Jean-Joseph, conseiller
// TOBES Romain, conseiller
// DIMMER Martine, secrétaire

Absents : /

Ordre du jour

2018-01-01

Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2018

2018-01-02

Concessions des cimetières de Waldbillig, Christnach et Haller

2018-01-03	2018-01-03
Upassung vun den Tarifer fir d'Loune vu Gemengesäll	<i>Adaptation des tarifs pour l'utilisation des salles communales</i>
2018-01-04	2018-01-04
Ernennung vun de Membere vun der Schoulkommis-sioun	<i>Nomination des membres de la commission scolaire</i>
2018-01-05	2018-01-05
Ernennung vun de Membere vun der Bautekommis-sioun	<i>Nomination des membres de la commission des bâtisses</i>
2018-01-06	2018-01-06
Ernennung vun de Membere vun der Kultur- an Touris-muskommissioun	<i>Nomination des membres de la commission de la culture et du tourisme</i>
2018-01-07	2018-01-07
Ernennung vun de Membere vun der Klimaekipp	<i>Nomination des membres de l'équipe climat</i>
2018-01-08	2018-01-08
Entscheidung iwwert d'Zesummesetzung vun der Integratiouns- an der Sportskommissioun	<i>Décision sur la constitution de la commission d'intégration et de la commission des sports</i>
2018-01-09	2018-01-09
Konventioun mam Bummelbus fir 2018	<i>Convention Bummelbus 2018</i>
2018-01-10	2018-01-10
Diskussioun iwwert d'Konventioun mat der a.s.b.l. Mou-vement pour l'Égalité des Chances	<i>Discussion sur la convention avec l'a.s.b.l. Mouvement pour l'Égalité des Chances</i>
2018-01-11	2018-01-11
Diskussioun iwwert d'Konventioun mat der Landwirt-schaftskammer, Träger vun der „Landakademie“	<i>Discussion sur la convention avec la Chambre d'Agriculture, structure porteuse de la « Landakademie »</i>
2018-01-12	2018-01-12
Bewöllegung vun engem Compromis fir d'Iwwerloosse vun engem Wee zu Haler	<i>Approbation d'un compromis de cession</i>
2018-01-13	2018-01-13
Bewöllegung vun engem Aarbechtskontrakt	<i>Approbation d'un contrat de travail</i>
2018-01-14	2018-01-14
Ufro fir d'Deele vun engem Terrain	<i>Demande de morcellement d'un terrain</i>
2018-01-15	2018-01-15
Verschiddenes	<i>Divers</i>
Deliberatioun	Délibération
1. De Gemengerot hält déi heite fräi Nuechte fir 2018 fest:	1. Le conseil communal décide de proroger l'heure d'ouverture jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig en dates suivantes :
Nationalfeierdag: vum 22.06.2018 bis den 23.06.2018	Fête Nationale : du 22.06.2018 au 23.06.2018
Kermes zu Haler: vu samschdes bis sonndes	Kermesse à Haller : du samedi au dimanche
vu sonndes bis méindes	du dimanche au lundi
Kermes zu Chrëschtnach: vu samschdes bis sonndes	Kermesse à Christnach : du samedi au dimanche
vu sonndes bis méindes	du dimanche au lundi

Kiermes zu Waldbëlleg:

vu samschdes bis sonndes

vu sonndes bis méindes

Silvester:

vum 31.12.2018 bis den 01.01.2019

2. De Gemengerot entscheet, déi gefrote Konzessiounen op de Kierfechter vun der Gemeng Waldbëlleg z'accordéieren, fir déi concernéiert Leit, déi vun der Gemeng ugeschriwwen goufen.

3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, mat Effet op den 1. Juni 2018:

Artikel 1:

a) Den Dagestarif fir d'Awunner aus der Gemeng fir d'Loune vun der Cafeteria mat Kichen an der Sportshal zu Waldbëlleg gëtt op 350€ festgeluecht. Zousätzlech ass eng Kautioun vun 250€ ze hannerleeën.

b) Den Tarif fir d'Awunner aus der Gemeng fir d'Loune vum Veräinsbau mat Kichen zu Chrëschtnech gëtt op 250€ festgeluecht. Zousätzlech ass eng Kautioun vun 250€ ze hannerleeën.

c) Fir d'Veräiner aus der Gemeng Waldbëlleg bleift d'Be-notze vun der Cafeteria vun der Sportshal a vum Veräinsbau zu Chrëschtnech mat Kichen gratis.

d) Fir Leit a Veräiner, déi net aus der Gemeng sinn, gëtt d'Loune vun der Cafeteria mat der Kiche vun der Sports-hal vu Waldbëlleg mat 700€ verrechent. Zousätzlech ass eng Kautioun vun 250€ ze hannerleeën.

e) Fir Leit a Veräiner, déi net aus der Gemeng sinn, gëtt d'Loune vum Veräinsbau zu Chrëschtnech mat 500€ ver-rechent. Zousätzlech ass eng Kautioun vun 250€ ze han-nerleeën.

Artikel 2:

E Veräin oder eng Vereenegung ass net aus der Gemeng, wa wéinstens eng vun deenen heite Conditounen erfëllt ass:

- 1) De Sëtz ass net an der Gemeng Waldbëlleg.
- 2) D'Statuten sinn net bei der Gemeng Waldbëlleg han-nertuecht ginn.
- 3) Manner ewéi 50% vun de Membere wunnen an der Gemeng Waldbëlleg.

Kermesse à Waldbillig :

du samedi au dimanche

du dimanche au lundi

Saint-Sylvestre :

du 31.12.2018 au 01.01.2019

2. Le conseil communal décide d'accorder les concessions sur les cimetières de la commune de Waldbillig demandées par les titulaires concernés suite au courrier leur adressé par la commune.

3. Le conseil communal décide unanimement avec effet au 1er juin 2018 :

Article 1 :

a) Pour la location de la cafétéria avec cuisine du hall sportif de Waldbillig, le tarif journalier de 350€ sera facturé aux personnes privées résidant dans la commune de Waldbillig. Une caution de 250€ par location de la cafétéria avec cui-sine du hall sportif de Waldbillig est à payer à la caisse com-munale.

b) Pour la location de la salle avec cuisine au centre culturel à Christnach, le tarif journalier de 250€ sera facturé aux personnes privées résidant dans la commune de Waldbillig. Une caution de 250€ est à payer à la caisse communale.

c) L'utilisation de la cafétéria avec cuisine du hall sportif et de la salle communale avec cuisine au centre culturel à Christnach par les associations sportives et culturelles de la commune de Waldbillig reste gratuite.

d) Pour la location de la cafétéria avec cuisine du hall sportif de Waldbillig, le tarif journalier de 700€ sera facturé aux personnes ou associations étrangères. Une caution de 250€ est à payer à la caisse communale.

e) Pour la location de la salle avec cuisine au centre culturel à Christnach, le tarif journalier de 500€ sera facturé aux personnes ou associations étrangères. Une caution de 250€ est à payer à la caisse communale.

Article 2 :

Par associations étrangères on entend :

- 1) celles qui n'ont pas leur siège social dans la commune,
- 2) celles qui n'ont pas déposé leurs statuts à la commune,
- 3) celles qui comprennent moins de 50% de membres rési-dant dans la commune.

Artikel 3:

D'Kautiounen, vun deenen am Artikel 1 rieds geet, si vi-rum Benotze vun de Säll bei der Gemengekeess ze han-nerleeën.

Virun an no all Manifestatioun ginn d'Raim an d'Ariich-tung a Präsenz vum Benutzer kontrolléiert. Dee Moment gëtt e Protokoll opgestallt, deen esouwuel vum Benutzer ewéi och vun enger Persoun vum Gemengepersonal än-nerschriwwé gëtt.

D'Kautioun gëtt no der Manifestatioun erëmbezuelt. D'Käschte vun eventuelle Schied, déi festgestallt goufen, gi vun der Kautioun ofgehal.

4. De Gemengrot stëmmt d'Dammen Dammé Sybille, Mehlen Danielle, Meyers Corinne an den Här Michels Mike als Membere vun der Schoulkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg.

5. De Gemengerot stëmmt déi heite Kandidaten als Membere vun der Bautekommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg:

Memberen aus dem Gemengerot: Tholl Jean-Joseph, Tobes Romain

Extern Memberen: Dammé Christian, Friedrich Luc, Meyers Tom, Sauer Ulrike, Schroeder Serge, Simões Valente Toni, Smit Willy, Wagner Ernest

Membere vum Gemengepersonal: Huss Fernand, Soares Filipe

6. De Gemengerot stëmmt d'Madame Pletschette Damaris an d'Häre Barthelemy Marc, Bender Maxime, Feidt Marc, Hof Gijs, Wickens Henry als Membere vun der Kul-tur- an Tourismuskommissioun.

7. De Gemengerot stëmmt déi heite Membere vun der Klimaekipp:

Memberen aus dem Gemengerot: Henx-Greischer Andrée, Boonen Serge, Moulin Théo, Bender Maxime, Meyers Corinne, Michels Mike, Tholl Jean-Joseph, Tobes Romain

Member vum Gemengepersonal: Soares Filipe

Klimaberoder: Rünnenburger Thomas

Extern Memberen: Feidt Marc, Ladroye Regina

8. De Gemengerot stëmmt d'Madame Majerus-Weis Ma-rie-Rose an d'Hären Hof Gijs a Lushiku Paul-Yves als Mem-bere vun der Integratiounskommissioun. E stëmmt den Här Michels Mike als Member vun der Sportskommissioun. Déi Posten, déi an deenen zwou Kommissiounen

Article 3 :

Les cautions dont est question sous l'article 1er sont à payer à la caisse communale avant l'utilisation des locaux communaux.

Avant et après chaque manifestation, une inspection des lieux et du mobilier sera organisée en présence de l'utilisateur. Un constat sera dressé et devra être signé par l'utilisateur et une personne chargée de cette mission par l'administration communale.

La caution sera remboursée après la manifestation, déduc-tion faite du montant des dégâts éventuellement causés.

4. *Le conseil communal nomme les dames Dammé Sybille, Mehlen Danielle, Meyers Corinne et le sieur Michels Mike comme membres de la commission scolaire de la commune de Waldbillig.*

5. *Le conseil communal nomme les candidats suivants membres de la commission des bâtisses de la commune de Waldbillig :*

Membres du conseil communal : Tholl Jean-Joseph, Tobes Romain

Membres externes : Dammé Christian, Friedrich Luc, Meyers Tom, Sauer Ulrike, Schroeder Serge, Simões Valente Toni, Smit Willy, Wagner Ernest

Membres du personnel administratif : Huss Fernand, Soares Filipe

6. *Le conseil communal nomme la dame Pletschette Damaris et les sieurs Barthelemy Marc, Bender Maxime, Feidt Marc, Hof Gijs, Wickens Henry comme membres de la commission de la culture et du tourisme de la commune Waldbillig.*

7. *Le conseil communal nomme les candidats suivants membres de l'équipe climat :*

Membres du conseil communal : Henx-Greischer An-drée, Boonen Serge, Moulin Théo, Bender Maxime, Meyers Corinne, Michels Mike, Tholl Jean-Joseph, Tobes Romain

Membre du personnel administratif : Soares Filipe

Conseiller climat : Rünnenburger Thomas

Membres externes : Feidt Marc, Ladroye Regina

8. *Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de nommer la dame Majerus-Weis Marie-Rose et les sieurs Hof Gijs et Lushiku Paul Yves comme membres de la commis-sion d'intégration ainsi que le sieur Michels Mike comme membre de la commission des sports. Par ailleurs, le conseil communal décide de publier une deuxième fois les vacances des postes non occupés dans les deux commissions.*

net besat goufen, ginn eng zweete Kéier ausgeschriwwen.

9. De Gemengerot gëtt säin Averstàndnis fir d'Konventionoun, déi tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg an der a.s.b.l. Forum pour l'Emploi fir d'Joer 2018 ofgeschloss gouf. An dëser Konventioun sinn d'Konditiounen festgehal, mat deenen d'Gemeng hire Bierger d'Servicer vum Bummelbus zur Verfügung stellt.

10. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Responsabel vun der a.s.b.l. MEC an eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot ze ruffen.

11. De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Responsabel vun der Landwirtschaftskammer, Träger vun der „Landakademie“ an eng Aarbechtssëtzung ze ruffen.

12. De Gemengrot stëmmt dem Compromis vum 31. Januar 2018 zou, matt deem d'Gemeng Waldbëlleg der Madame Sylvie Bredimus e Wee zu Haler iwwerléisst, deen an der Sektion A läit an ënnert den Nummeren 782/2372 an 787/2373 um Kadasteramt agedroen ass. De Wee huet eng Fläch vu 7 Ar an 29 Centiar. Dëse Compromis ass zustane komm nom Jugement vum Friddensgeriicht vum 27. August 1932, dat deen Terrain dem Här Nicolas Hansen zugesprach hat, vun deem d'Madame Bredimus lerwin ass.

13. De Gemengerot gëtt säin Averstàndnis fir den Aarbechtskontrakt vun der Madame Vânia Pinto Dos Santos; et ass en op ee Joer begrenzte Poste vun 20 Stonnen d'Woch. D'Madame Vânia Pinto Dos Santos verstärkt d'Botzekipp vum 1. Mäerz 2018 un.

14. De Gemengerot gëtt säin Accord fir de Projet vun der Madame Simone Weis-Majerus, fir d'Parzell 409/4726, Sektion B vu Walbëlleg, ze deelen.

15.

a) De Gemengerot entscheet, deenen heiten néng Associationen e Subsid vun allkéiers 75€ ze ginn:

- Natur & Ëmwelt, Fondation Hëlleff fir d'Natur;
- SOS Faim Luxembourg a.s.b.l.;
- Frères des Hommes Luxembourg;
- MemoShoah Luxembourg a.s.b.l.;
- Handicap International;
- Association Luxembourg Alzheimer;
- Fondation Caritas Luxembourg;
- Les Amis du Tibet Luxembourg;
- Treffpunkt ADHS a.s.b.l.

b) De Gemengerot nennt den Här Maxime Bender, Gemengeconseiller, als Delegéierten, an den Här Théo Moulin, Schäffen, als Stellvertrieder, am Office Régional

9. Le conseil communal marque son accord à la convention conclue pour l'année 2018 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Waldbillig et l'a.s.b.l. Forum pour l'Emploi qui définit les conditions auxquelles la commune de Waldbillig met le service du Bummelbus à la disposition de ses habitants.

10. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de convoquer les responsables de MEC a.s.b.l. à une réunion de travail du conseil communal.

11. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de convoquer les responsables de la Chambre d'Agriculture, structure porteuse de la « Landakademie », à une réunion de travail du conseil communal.

12. Le conseil communal marque son accord au compromis de cession du 31 janvier 2018, aux termes duquel l'Administration communale de Waldbillig déclare céder à Madame Sylvie Marie Bredimus un chemin, sis à Haller, section A de Haller, inscrit au cadastre sous les numéros 782/2372 et 787/2373, avec une contenance de 7 ares 29 centiares. Ce compromis fait suite au jugement du tribunal de paix du 27 août 1932 par lequel Monsieur Nicolas Hansen, dont Madame Bredimus est héritière, rapportait la preuve d'une possession annale et légale de ce terrain.

13. Le conseil communal marque son accord au contrat de louage de service à durée déterminée d'un an, conclu entre le collège échevinal et Madame Vânia Pinto Dos Santos à partir du 1er mars 2018 pour le poste de technicienne de surface auprès de l'administration communale de Waldbillig, à raison de 20 heures par semaine.

14. Le conseil communal marque son accord au projet de morcellement de la parcelle cadastrale 409/4726, sise à Waldbillig, section B dite de Waldbillig, appartenant à Madame Simone Weis-Majerus.

15.

a) Le conseil communal décide d'accorder un subside de 75€ à chacune des neuf associations suivantes :

- Natur & Ëmwelt Fondation Hëlleff fir d'Natur ;
- SOS Faim Luxembourg a.s.b.l. ;
- Frères des Hommes Luxembourg ;
- MemoShoah Luxembourg a.s.b.l. ;
- Handicap International ;
- Association Luxembourg Alzheimer ;
- Fondation Caritas Luxembourg ;
- Les Amis du Tibet Luxembourg ;
- Treffpunkt ADHS a.s.b.l.

b) Le conseil communal désigne unanimement Monsieur Maxime Bender, conseiller communal, au poste de délégué effectif et Monsieur Théo Moulin, échevin, au poste de

du Tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise.

c) De Gemengerot stëmmt d'Madame Isabelle Koster-Oberlé als Mataarbechterin vum Redaktiounsgrupp *De FUUSS*.

d) De Gemengerot entscheet mat 8 Stëmmen an enger Enthalung, fir en negativen Avis ofzeginn iwwert d'Aschreibung op den zousätzlechen Inventaire vun den nationale Monumenter vum Haus 21-23, rue du Hallerbach, um Kadaster ènnert der Sektion A vun Haler an der Nummer 433/2043 agedroen. De Gemengerot schléisst sech mat désem Avis der Positioun vun de Propriétäre Walch Henriette a Walch Marie Paule Yvonne un.

délégué suppléant à l'Office Régional du Tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise.

c) Le conseil communal désigne unanimement Madame Isabelle Koster-Oberlé comme collaboratrice du comité de rédaction du bulletin communal *De FUUSS*.

d) Le conseil communal décide avec huit voix et une abstention d'émettre un avis défavorable concernant l'inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux de l'immeuble sis 21-23, rue du Hallerbach, inscrit au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller sous le numéro 433/2043 appartenant à Walch Henriette et Walch Marie Paule Yvonne. Le conseil communal se rallie ainsi à la position des propriétaires.

GEMENGEROTSSËTZUNG 2018 2

Sëtzung vum DONNESCHDEG, DEN 19. ABRËLL 2018

Et waren do:

- // HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
- // BOONEN Serge, Schäffen
- // MOULIN Théo, Schäffen
- // BARTHELEMY Marc, Conseiller
- // BENDER Maxime, Conseiller
- // MEYERS Corinne, Conseiller
- // MICHELS Mike, Conseiller
- // THOLL Jean-Joseph, Conseiller
- // TOBES Romain, Conseiller
- // DIMMER Martine, Sekretärin

Net do: /

Dagesuerdnung

2018-02-01

Taxereglement iwwert d'Tariffer fir d'Abonnement vun enger „Night Card“.

2018-02-02

Entscheidung iwwer de Prinzip fir de Verkaf vun der aler Gemeng op 2, rue des Fleurs zu Waldbëlleg.

2018-02-03

Verlängerung vun enger Konzessiou um Chrëschtnecher Kierfecht.

2018-02-04

Bewöllegung vun enger Konzessiou um Waldbëllegger Kierfecht.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 2

Séance du JEUDI, 19 AVRIL 2018

présents :

- // HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
- // BOONEN Serge, échevin
- // MOULIN Théo, échevin
- // BARTHELEMY Marc, conseiller
- // BENDER Maxime, conseiller
- // MEYERS Corinne, conseiller
- // MICHELS Mike, conseiller
- // THOLL Jean-Joseph, conseiller
- // TOBES Romain, conseiller
- // DIMMER Martine, secrétaire

Absents : /

Ordre du jour

2018-02-01

Règlement-taxe portant fixation des tarifs de l'abonnement d'une carte dite « Night Card ».

2018-02-02

Décision de principe relative à la vente du bâtiment abritant l'ancienne mairie sis 2, rue des Fleurs à Waldbillig.

2018-02-03

Maintien d'une concession au cimetière de Christnach.

2018-02-04

Octroi d'une concession au cimetière de Waldbillig.

2018-02-05

Ajoute zu engem Pachtvertrag vu landwirtschaftlechen Terrainen.

2018-02-06

Bewöllegung vun engem lerfpachtvertrag.

2018-02-07

Bewöllegung vun notariellen Akten.

2018-02-08

Ernennung vun zousätzleche Membere fir d'Integratiounskommissioun no engem neie Kandidaturopuff.

2018-02-09

Ernennung vun zousätzleche Membere fir d'Sportskommissioun no engem neie Kandidaturopuff.

2018-02-10

Ofrechnunge vun aussergeweinlechen Aarbechten.

2018-02-11

Ufroe vu Subsiden.

2018-02-12

Verschiddenes.

Op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes, Gemengerotsmemberen, sinn déi heite Punkten op d'Dagesuerdnung, déi den 12. Abrëll annoncéiert gouf, bâigesat ginn, dëst a Konformitéit mam Artikel 13 vum Gemengegesetz, esou wéi et den 13. Dezember 1988 ofgeännert gouf:

- Offer Gemeng: Bei dësem Punkt geet et iwwert d'Offer vun der Crèche fir Kanner ab 6 Méint (aktuell ab 18 Méint), d'lwwerschaffe vum Internetsite vun der Gemeng Waldbëlleg, an déi aktuell Ëffnungszäite vun der Gemeng Waldbëlleg.

- Schäfferotserklärung: Wat sinn déi grouss Projeten fir dës Amtsperiod?

- Service um Bierger: Discussioun iwwer de Service „sms2citizen“, eng Newsletter, déi regelméisseg un interesséiert Bierger gemaitt gëtt, an iwwer de Livestream vun de Gemengerotssätzungen.

1. De Gemengerot décidéiert eestëmmeg:

Artikel 1:

D'Gemeng Waldbëlleg stellt senge Bierger de Service vum Nightrider géint Bezuele vun enger jäerlecher Abonnementskaart zur Verfügung.

Dës personnaliséiert Nightcard gëllt fir ee Kalennerjoer a gëtt op der Gemeng verkaaft.

2018-02-05

Ajout à un contrat de location de terrain agricole.

2018-02-06

Approbation d'un bail emphytéotique.

2018-02-07

Approbation d'actes notariés.

2018-02-08

Nomination des membres supplémentaires de la commission consultative communale d'intégration suite à un nouvel appel à candidatures.

2018-02-09

Nomination des membres supplémentaires de la commission consultative communale des sports suite à un nouvel appel à candidatures.

2018-02-10

Décomptes de travaux extraordinaires.

2018-02-11

Demandes de subside.

2018-02-12

Divers.

Sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, les points suivants sont ajoutés à l'ordre du jour, annoncé le 12 avril 2018, conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 :

- L'offre de la commune. Ce point inclut la discussion sur l'offre de la crèche d'accueillir des enfants à partir de l'âge de 6 mois (actuellement à partir de 18 mois), la révision du site Internet de la commune de Waldbillig et les heures d'ouverture actuelles de la commune de Waldbillig.

- La déclaration du Collège échevinal – quels sont les projets d'envergure pour cette période législative ?

- Services au citoyen : Discussion sur le service « sms2citizen », une newsletter, envoyée régulièrement par e-mail aux citoyens intéressés, et le Live Stream des séances du conseil communal.

1. Le conseil communal décide unanimement :

Article 1 :

La commune de Waldbillig met à disposition de ses citoyens le service du Nightrider contre paiement d'une carte d'abonnement annuel. Cette carte spéciale et personnalisée est vendue par l'administration communale de Waldbillig.

Artikel 2:

D'Nightcard ass némme fir d'Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg. Si ka just fir Trajete genotzt ginn, bei deenen entweder den Départ oder d'Zil um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg läit.

Artikel 3 :

Mat der Nightcard si Faarte mam Nightrider gratis. D'Be-notzer am Alter téscht 16 a 25 Joer kënnen dee Service ouni Aschränkungen notzen; d'Benutzer vu 26 Joer un kënnen 12 Mol (Aller a Retour) pro Joer dervu profitéieren.

Artikel 4 :

D'Tarifer fir déi järlech Nightcard vum Nightrider sinn :

- Fir d'Benutzer am Alter vu 16 bis 25 Joer: 25€
- Fir d'Benutzer vu 26 Joer un: 100€

Artikel 5 :

Am Fall wou e bestallten Nightrider net ofbestallt gëtt, ginn d'Käschte vun der Faart, déi der Gemeng vu Sales-Lentz SA verrechent ginn, de concernéierte Personen aus der Gemeng a Rechnung gestallt.

2. De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme géint 2 Stëmmen an enger Enthalung, fir d'Gebai ze versteéen, an deem sech déi al Gemeng befonnt huet, dat um Kadasteramt an der Sektion B vu Waldbëlleg énnert der Nummer 499/3535 agedroen ass, an dat eng Gesamtfläch vun 3 Ar a 76 Centiar huet.

3. De Gemengerot verlängert dem Här Chichery Marc d'Konzessioun vum Graf „Weydert-Koch“ um Kierfecht zu Chrëschtnech fir 30 Joer.

4. De Gemengerot bewöllegt der Madame Agnes-Kuhn Anita d'Konzessioun vun engem Kompartiment am Kolumbarium vum Waldbéllegger Kierfecht fir 30 Joer.

5. De Gemengerot decidéiert mat 7 Stëmmen d'Bäifüge vun enger Kompensatiounsparzell, déi an der Sektion A vun Haler läit, um Kadasteramt énnert der Nummer 774/1525 agedroen ass an eng Fläch vu 76 Ar huet, an de Pachtvertrag vu landwirtschaftlichen Terraine vum 24. Oktober 2016, dee vun der Gemeng Waldbëlleg mam Här Pierre Tholl ofgeschloss an den 12. Mäerz 2018 énnerschriwwen gouf.

Un déser Délibératioun hunn d'Conseillerë Mike Michels a Jean-Joseph Tholl, geméiss dem Artikel 20 vum Gemengegesetz, net deelgeholl.

Article 2 :

La Nightcard n'est valable que pour les résidents de la commune de Waldbillig. Elle est valable pour tout trajet dont le lieu de départ ou le lieu de destination est situé sur le territoire de la commune de Waldbillig.

Article 3 :

Les courses avec le service Nightrider sont gratuites. Les utilisateurs âgés de 16 à 25 ans peuvent utiliser le service Nightrider sans restriction, tandis que les utilisateurs âgés de 26 ans et plus ne pourront en profiter que 12 fois par an, pour l'aller et le retour.

Article 4 :

Les tarifs pour un abonnement annuel de la Nightcard sont fixés comme suit :

- Pour les utilisateurs de 16 à 25 ans : 25€
- Pour les utilisateurs à partir de 26 ans : 100€

Article 5 :

Dans le cas de non annulation du service Nightrider commandé, les frais de la course facturés par la SA Sales-Lentz sont facturés par la commune à la personne concernée.

2. Le conseil communal décide avec six voix contre deux voix et une abstention de faire procéder à la vente aux enchères par adjudication publique du bâtiment abritant l'ancienne mairie à Waldbillig, inscrit au cadastre de la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig sous le numéro 499/3535, d'une contenance totale de 3 ares 76 centiaires

3. Le conseil communal décide d'accorder à Monsieur Chichery Marc le maintien de la concession de la sépulture « Weydert-Koch », située au cimetière de Christnach, pour une durée de 30 ans.

4. Le conseil communal décide d'accorder à Madame Agnes-Kuhn Anita une concession d'un compartiment au columinaire du cimetière de Waldbillig pour une durée de 30 ans.

5. Le conseil communal décide avec 7 voix d'approuver l'ajout au contrat de location de terrain agricole du 24 octobre 2016, conclu entre le collège échevinal et Monsieur Pierre Tholl et signé le 12 mars 2018.

Monsieur Mike Michels et Monsieur Jean-Joseph Tholl, conseillers, n'ont pas participé à cette délibération, conformément à l'article 20 de la loi communale.

6. De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, säin Averstàndnis zum lerfpachtvertrag ze ginn, mat deem den Här Philippe Stoqué a seng Fra Rita Kunnert, wunhaft am Mëllerdall, der Gemeng Waldbëlleg e Foussgängerwee verlounen, deen um Kadasteramt ènnert der Nummer 1155/3473 agedroen ass an eng Längt vun 51,2 Meter huet.

7. De Gemengerot bewöllegt déi heiten notariell Akten, mat deenen:

- d'Firma IMMO TAVRES SA der Gemeng Waldbëlleg zwou Emprisen zum Präis vun 196 € verkeeft. Dës Emprise leien an der Sektion B vu Waldbëlleg, sinn um Kadasteramt ènnert den Nummeren 530/4623 a 530/4622 agedroen an hunn eng Fläch vun insgesamt 28 Centiar;

- d'Madame Greischer-Merx der Gemeng Waldbëlleg èmsoss zwou Parzellen iwwerléisst. Dës Parzelle leien an der Sektion C vu Chrëschtnech, sinn um Kadasteramt ènnert den Nummeren 1994/4404 an 1994/4625 agedroen an hunn eng Fläch vun ingesamt 9 Ar an 32 Centiar;

- d'Famill Corry-Murray der Gemeng Waldbëlleg zwou Parzellen iwwerléisst, déi an der Sektion B vu Waldbëlleg leien, um Kadasteramt ènnert den Nummeren 399/4743 a 403/4746 agedroe sinn an eng Gesamtfläch vu 4 Centiar hunn. An d'Plaz kritt d'Famill Corry-Murray vun der Gemeng Waldbëlleg eng Parzell, déi an der Sektion B vu Waldbëlleg läit, um Kadasteramt ènnert der Nummer 399/4742 agedroen ass an eng Fläch vun engem Centiar huet;

- d'Madame Maria Schmitt der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise vu 7 Centiar fir 49 € verkeeft. Dës Emprise läit an der Sektion B vu Waldbëlleg an ass um Kadasteramt ènnert der Nummer 5529/4722 agedroen;

- den Här François Wecker der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise vun 20 Centiar fir 140 € verkeeft. Dës Emprise läit an der Sektion B vu Waldbëlleg an ass um Kadasteramt ènnert der Nummer 429/4431 agedroen;

- den Här Jean Altmann der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise vu 6 Centiar fir 42 € verkeeft. Dës Emprise läit an der Sektion B vu Waldbëlleg an ass um Kadasteramt ènnert der Nummer 519/4717 agedroen;

- d'Gemeng Waldbëlleg dem Här Antoine Weis a senger Frau Manuela Pellin eng Emprise vun 19 Centiar fir 133 € verkeeft. Dës Emprise läit an der Sektion B vu Waldbëlleg an ass um Kadasteramt ènnert den Nummeren 510/4589 a 510/4590 agedroen;

6. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au bail emphytéotique, aux termes duquel Monsieur Philippe Stoqué et son épouse Rita Kunnert, domiciliés à Mullerthal, donnent en location à la commune de Waldbillig le chemin piétonnier situé sur la parcelle n° 1155/3473 d'une longueur de 51,2 mètres, destiné entre autre au passage de piétons au Mullerthal

7. Le conseil communal approuve les actes notariés suivants, selon lesquels :

- l'Administration communale de Waldbillig acquiert de la société IMMO TAVARES SA deux emprises, sises section B de Waldbillig, inscrites au cadastre sous les numéros 530/4622 et 530/4623, avec une contenance totale de 28 centiares, pour le prix de 196 € ;

- Madame Greischer-Merx déclare céder à l'Administration communale de Waldbillig, à titre gratuit, deux parcelles sises section C de Christnach, inscrites au cadastre sous les numéros 1994/4404 et 1994/4625 avec une contenance totale de 9 ares et 32 centiares ;

- la famille Corry-Murray cède à l'Administration communale de Waldbillig deux parcelles sises section B de Waldbillig, inscrites au cadastre sous les numéros 399/4743 et 403/4746 avec une contenance totale de 4 centiares. En contrepartie, la famille Corry-Murray reçoit de l'Administration communale de Waldbillig une parcelle sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 399/4742, avec une contenance de 1 centiar ;

- l'Administration communale de Waldbillig acquiert de Madame Maria Schmitt une emprise, sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 5529/4722, avec une contenance de 7 centiares pour le prix de 49 € ;

- l'Administration communale de Waldbillig acquiert de Monsieur François Wecker une emprise, sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 529/4431, avec une contenance de 20 centiares pour le prix de 140 € ;

- l'Administration communale acquiert de Monsieur Jean Altmann une emprise sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 519/4717, avec une contenance totale de 6 centiares pour le prix de 42 € ;

- l'Administration communale de Waldbillig vend à Monsieur Antoine Weis et son épouse Manuela Pellin une emprise sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous les numéros 510/4589 et 510/4590, avec une contenance totale de 19 centiares pour le prix de 133 € ;

• den Här Mike Michels der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise vun 58 Centiar iwwerléisst, déi an der Sektioun B vu Waldbëlleg läit an um Kadasteramt énnert der Nummer 507/4632 agedroen ass. An d'Plaz kritt den Här Mike Michels vun der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise vun 18 Centiar, déi um Kadasteramt énnert der Nummer 507/4634 agedroen ass.

Un déser Délibératioun huet de Conseiller Mike Michels, geméiss dem Artikel 20 vum Gemenggesetz, net deel-geholl.

8. No engem neie Kandidatuopruff, fir déi net besate Poste vun der Integratiouns-Kommissioun ze besetzen, ernennt de Gemengerot déi heiten zousätzlech Memberen:

Lëtzebuergesch Bierger:

- Smit Willy
- Greisch Jean-Paul

Net-lëtzebuergesch Bierger:

- Dammé Sybille

9. No engem neie Kandidatuopruff, fir déi net besate Poste vun der Sportskommissioun ze besetzen, ernennt de Gemengerot déi heiten zousätzlech Memberen:

- Dhamen Sven
- Leuchter Joëlle
- Schumacher Christophe
- Von Sayn Wittgenstein Micha

10.

a) De Gemengerot stëmmt d'Ofrechnung vun de Renovatiounsaarbechte vun der Kierch vu Waldbëlleg zum Präis vun 678.826,19 €. De Kulturministère huet dat Ganzt mat 191.945 € subsidiéiert.

b) De Gemengerot stëmmt d'Ofrechnung vun den Aarbechte fir d'Ramp op de Plateau vun der Kierch zu Waldbëlleg zum Präis vun 115.450 €.

11. De Gemengerot gëtt deenen heiten Associatiounen e Subsid vun allkéiers 75 €:

- CARE;
- Fondation Cancer;
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung a La Canne Blanche asbl;
- UNICEF Lëtzebuerg;
- SOS Sahel International Luxembourg asbl;
- FËBLUX asbl.

• Monsieur Mike Michels déclare céder à l'Administration communale de Waldbillig une emprise sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 507/4632, avec une contenance de 58 centiares. Monsieur Mike Michels reçoit en contrepartie une emprise sise section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 507/4634 avec une contenance de 18 centiares.

Monsieur Mike Michels, conseiller, n'a pas participé à cette délibération, conformément à l'article 20 de la loi communale.

8. Suite à une nouvelle publication des vacances des postes non occupés dans la commission consultative d'intégration, le conseil communal nomme les membres supplémentaires suivants :

Citoyens luxembourgeois :

- Smit Willy
- Greisch Jean-Paul

Citoyen non-luxembourgeois :

- Dammé Sybille

9. Suite à une nouvelle publication des vacances des postes non occupés dans la commission consultative des sports, le conseil communal nomme les membres supplémentaires suivants :

- Dhamen Sven
- Leuchter Joëlle
- Schumacher Christophe
- Von Sayn Wittgenstein Micha

10.

a) Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au décompte concernant les travaux de rénovation de l'église de Waldbillig au montant total à charge de la Commune de 678.826,19 €. Le Ministère de la Culture a subsidié ces travaux de rénovation avec un montant de 191.945 €.

b) Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au décompte concernant les travaux d'aménagement d'une rampe d'accès au plateau près de l'église à Waldbillig au montant total de 115.450,00 €.

11. Le conseil communal décide d'accorder un subside de 75 € à chacune des six associations suivantes :

- CARE ;
- Fondation Cancer ;
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung et La Canne Blanche asbl ;
- UNICEF Lëtzebuerg ;
- SOS Sahel International Luxembourg asbl ;
- FËBLUX asbl.

12.

a) De Gemengerot gëtt eestëmmeg sain Averstänndnis zum Projet fir d'Deelung vum Domaine public an der Rue Michel Rodange (CR 356), deen eng Fläch vun 3 Ar an 38 Centiar huet. Dës Parzell läit an der Sektion B vu Waldbelleg, virum Terrain, deen um Kadasteramt énnert der Nummer 836/4646 agedroen ass.

b) De Gemengerot entscheet, datt beim Quiz am Gemengebulletin *De FUUSS* net dierfen deelhuen: d'Membere vum Redaktiounscomité, vum Gemengeconseil, vum Gemengepersonal, an och d'Familljemberen, déi am selweschten Haushalt wunnen.

13.

a) De Gemengerot décideert, sech dem Vorschlag vum Schäfferot unzeschlissen, fir eng Ëmfro bei den Elteren aus der Gemeng mat Kanner énner 18 Méint ze maachen. Si gi gefrot, ob d'Offer vun enger Crèche fir Kanner vu 6 Méint un si interesséiert hätt, an ob si vun dëser Méiglechkeet profitéiert hätten. Domat gëtt kloer, ob esou eng Offer gefrot gëtt.

De Gemengerot décideert eestëmmeg, sech dem Vorschlag vum Schäfferot unzeschlissen, fir den aktuelen Internetsite net ze erneieren, mee fir en ze verbesseren. E Grupp vun Interesséierten gëtt domat beoptraagt, déi Punkte festzehalen, déi iwwerschafft solle ginn an dës an enger zweeter Phase dem Büro virzeleeën, deen den Internetsite ausgeschafft huet. An dësem Kontext ass och festgehale ginn, datt d'Rubrik „Agenda“ an och d'Kompatibilitéit vum Internetsite mam Handy ze iwwerschaffe sinn.

De Gemengerot décideert mat 6 Stëmme géint 3 Stëmmen, fir d'Éffnungszäite vun der Gemengeverwaltung net ze änneren.

b) De Gemengerot ass eestëmmeg d'accord mat der Schäfferotserklärung vun der Gemeng Waldbelleg fir d'Period 2018-2023, wéi se vun der Madame Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, virgestallt gouf.

c) De Gemengerot décideert eestëmmeg, de Punkt iwwert d'Discussioun iwwert „sms2citizen“ d.h. eng Newsletter, déi reegelméisseg un interesséiert Bierger verschéckt gëtt, op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssitzung ze reportéieren.

De Gemengerot décideert mat 6 Stëmme géint 3 Stëmmen, fir d'Gemengerotssëtzung net via Livestream ze iwwerdroen.

12.

a) Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du domaine public communal se trouvant dans la rue Michel Rodange (CR 356) à Waldbillig, section B de Waldbillig, devant le terrain inscrit au cadastre sous le numéro 836/4646, d'une parcelle d'une contenance de 3 ares 38 centiares.

b) Le conseil communal décide que ne peuvent participer au quiz publié au bulletin communal *De FUUSS*, les membres du comité de rédaction, du conseil communal, personnel communal ainsi que les membres de leurs familles habitant dans leur ménage.

13.

a) Le conseil communal décide unanimement de se rallier à la proposition du collège échevinal de demander auprès des parents d'un enfant de moins de 18 mois, citoyens de la commune, si l'offre d'une crèche à partir de l'âge de 6 mois les aurait intéressées et s'ils en auraient profité pour leur besoin, en vue d'évaluer si la demande d'une telle offre est pertinente.

Le conseil communal décide unanimement de se rallier à la proposition du collège échevinal de ne pas changer le site Internet existant, mais de l'optimiser en chargeant un groupe d'intéressés à noter les points à réviser et à les présenter par après au bureau qui a élaboré le site. Il a déjà été relevé que la rubrique Agenda et la compatibilité du site avec les portables sont à réviser.

Le conseil communal décide avec six voix contre trois voix de laisser inchangées les heures d'ouverture de l'administration communale.

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité la déclaration du collège échevinal de la commune de Waldbillig pour la période de 2018 à 2023, telle que présentée par Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre.

c) Le conseil communal décide unanimement de reporter le point portant sur la discussion sur le service au citoyen, notamment « sms2citizen », une newsletter envoyée régulièrement par e-mail aux citoyens intéressés à l'ordre du jour à la prochaine séance du Conseil communal.

Le conseil communal décide avec 6 voix contre 3 voix de ne pas procéder à la retransmission en direct (Live Stream) des séances du Conseil communal.

DÎNER DU PRINTEMPS



De 16. Mäerz war d'Fréijoersiesse vun der Gemeng an der Cafetéria vun der Sportshal. D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet d'Mataarbechter vun der Gemeng begréisst an hinnen all en décke Merci gesot fir déi geleschten Aarbecht.

D'lesse gouf dëst Joer vum Restaurant Cigalon aus dem Mëllerdall geliwwert.



Filipe Soares

ETAT CIVIL

Gebuerten // Naissances

08/02/2018	Hild	Kyra	<i>Chrëschtnech</i>
13/02/2018	Rötzel	Sebastian Daniel	<i>Chrëschtnech</i>
28/02/2018	Vogel	Levin	<i>Waldbëlleg</i>
28/02/2018	Vogel	Finn	<i>Waldbëlleg</i>

Bestietnesser // Mariages

20/03/2018	Tavares Estrela Christophe & Silva Ferreira Priscila	<i>Waldbëlleg</i>
23/03/2018	Grégorius Pascal & Gillen Tania	<i>Chrëschtnech</i>
14/04/2018	Dielissen Laurent & Franck Maïté Josette Hélène	<i>Waldbëlleg</i>

Partenariaten // Partenariats

19/04/2018	Delleré Stéphane & Koster Christiane	<i>Chrëschtnech</i>
24/04/2018	Antoni Fabien & Massa Martine	<i>Mëllerdall</i>

Stierffäll // Décès

14/02/2018	Neubert Karen (56)	<i>Waldbëlleg</i>
28/02/2018	Reinert Nico (63)	<i>Chrëschtnech</i>
22/04/2018	Schroeder Joseph (88)	<i>Waldbëlleg</i>

MIR GRATULÉIEREN



Den 20. Mäerz hunn sech **d'Priscila Silva Ferreira an de Christophe Tavares Estrela** bestuet.



De 14. Abrëll hunn sech **d'Maïté Frank an de Laurent Dielissen** bestuet.




Den 23. Mäerz hunn sech **d'Tania Gillen an de Pascal Grégorius** bestuet.



De 24. Abrëll hunn sech **d'Martine Massa an de Fabien Antoni** gepacst.




Den 19. Abrëll hunn sech **d'Christiane Koster an de Stéphane Delleré** gepacst.



WELT-AUTISMUS-DAG

Den 2. Abrëll war de Welt-Autismus-Dag. Dofir war déi Nuecht d'Gemeng zu Waldbëlleg ewéi vill aner Gebaier op der Welt blo beliicht.

Autismus ass eng ugebueren an onheelbar Krankheet, mat däer d'Perzeptioun an d'Informatiounsverarbeitung am Gehir gestéiert sinn. De Welt-Autismus-Dag mécht op d'Problemer vun de Concernéierten opmierksam a rifft dozou op, d'Barrièren an der Kommunikatioun mat autistesche Leit ofzebauen.



 Fernand Huss

OFGERAPPT!

Den Atelier zu Waldbëlleg um Eck vun der Chrëschtnecher Strooss an der André-Hentges-Strooss ass ofgerappt ginn.



INTERVIEW MAM THÉO MOULIN, SCHÄFFEN

Géift Dir lech kuerz virstellen?

Gebuer sinn ech 1971 den 15. Mee ze Péiteng, wou meng Elteren e Metzleschbetrib haten. Dat selwecht Joer si mir an d'Heemecht vu menger Mamm op Miersch gezunn. Hei hunn ech d'Primärschoul gemaach, meng Kandheet an meng Jugend verbruecht.

1989, no der 3e am Dikrecher Kolléisch hunn ech decidéiert, de Fierschterberuff ze léieren. No fénnef Joer Ausbildung hunn ech am Oktober 1994 meng berufflech Carrière am Revéier Konsdref ugefaangen, wou ech bis November 2017 als Fierschter am Déngscht war. Laang hunn ech an der Géigend vu menger Aarbecht no engem neien Doheem gesicht, bis datt ech d'Gléck hat, 1998 a Klenschen (3,rue de la Montagne) ze Waldbëlleg dat Richtegt ze fannen.

Meng deemoleg Fréndin an haiteg Fra, d'Fatima, an ech hunn ons ze Waldbëlleg etabléiert a lues a lues ons Famill grénnent. 2001, dräi Méint ier d'Maud, onst eelste Meedchen, gebuer gouf, hu mir ons hei ze Waldbëlleg bestuet, an dräi Joer duerno huet d'Maurane ons Famill kompletéiert. D'Familljeliewen ass mir besonnesch wichteg an och nach haut, wou d'Kanner schonns bal Madamme sinn, profitéiere meng Fra an ech vu fräie Momenter, fir si nach weider bei hiren Aktivitéiten an Hobbyen ze énnerstëtzen.

Meng Hobbyen si vill Saachen, déi mat der Natur zesummenhänken. Spadséiere goe mat onsem Charlie (Borderterrier) mécht émmer erëm eng grouss Freed. Des Weidere sinn ech Sekretär vum Waldbélleg Juegd- a Fëschereisindicat. Sät der Grënnung vum Badminton Waldbëlleg sinn ech och President vun désem Veräin, an deem ech ufangs och sportlech aktiv war; leider huelen ech mer elo net méi déi néideg Zäit dofir. Bei schéinem Wieder maachen ech och gären nach en Tour mam Motorrad, an net ze vergiessen ass sonndes moies de Rendez-vous op der Boulepiste.

Wéini a firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

2011 hunn ech mech bei de Gemengewale presentéiert. Duerch mäi Beruff hunn ech émmer ganz enk zesumme mat de Schäfferéit geschafft, an hat och émmer vill Kontakt zum Gemengepersonal. Dëse Kontakt wollt ech net némme vu mengem Beruff ofhängeg maachen, mee ech wollt och op aneren Niveauen méi aktiv an der Gemeng sinn.

Duerch mäi Beruff als Fierschter konnt ech mech bei de Walen 2011 némmen als Conseiller wiele loossen, wat jo dunn och déi éischte Kéier geklappt hat. Als Conseiller konnt ech d'Zesummenarbecht mat der Gemeng nach verdéiwen an hunn d'Entscheidung getraff, fir mech 2017 nach eng Kéier opzesetzen.

Als Drëttgewielten hunn ech du missten eng Decisioun huelen téscht dem Mandat a mengem Beruff, woubäi ech de Wielerwëllen als Prioritéit ugesinn a mech berufflech bei deem selwechte Patron émorientéiert hunn.

Et brauch een net laang dobäi ze sinn, fir ze mierken, datt et am Schäfferot eng aner Gei ass, an datt et dacks net émmer einfach ass, fir Decisiounen ze huelen a jidderengem et gerecht ze maachen. Politik ass eben émmer e spannend Thema, ob national oder lokal, a grad dëst mécht et esou interessant.





Wat si fir lech déi wichteg Objektiver vu Gemengepolitik?

Et kann e schonns bal vu Chance schwätzen, wann een an esou enger ländlecher Gemeng ewéi Waldbëlleg wunnt, déi dem Bierger villes, awer leider net alles, kann ubidden.

Wichteg ass et mir, datt mir op laang Dauer dem Bierger sämtlech Servicer kënnen ubidden, sief dëst am administrativen ewéi och am soziale Beräich. Sämtlech Generatiounen sollen d'Méiglechkeet hunn, sech ze Waldbëlleg wuel ze llen.

Et ass eng grouss Erausfuerderung, fir der stänneger Weiderentwicklung entgéintzekommen, sief dëst bei der Erzéitung vun onse Kanner oder bei deene émmer méi komplizéierten Dossieren, déi ze kläre sinn.

Wéi eng politesch Dossiere leien lech speziell um Häerz?

Ech ka mech hei nämmen de Wiederer vun der Madame Buergermeeschter uschléissen, an hirem Interview am leschte De FUUSS.

An der Drénk- an Ofwaasserpolitik sinn eng ganz Partie Dossieren um Lafen, fir déi néideg Modernisatiounen ze maachen. Déi wäerten ons nach déi nächst Jore begleeden. D'Ressource Waasser ass liewenswichteg, an dofir läit dësen Dossier mir besonnesch um Häerz.

Eng verrietbar Energiepolitik ass émmer erëm en Thema, dee mir vill Gedanke mécht. Ech denken hei un erneierbar Energiequellen, déi effizient sollen agesat ginn, a vun deenen esouwuel d'Gemeng ewéi och de Bierger profitéiere kënnen.

Als Touristeregioun ass et mir wichtig, datt mir fir d'Zukunft onse Visiteuren weider déi beschte Moyene bidden, fir datt si sech wuel bei ons llen. Heibäi denken ech haapsächlech un den Ausbau vum Site op der Heringermillen.

Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Wald-bëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?

Och wa mir hei ze Lëtzebuerg net kënne vu groussen Distanze schwätzen, kéint ech mir net virstellen, mat enger Nopeschgemeng ze fusionéieren. D'Kierch soll am Duerf bleiwen. Ons Gemeng fonctionnéiert autonom, a mir si bis elo net op anerer ugewisen fir Infrastrukturen a Servicer, déi mir onse Bierger net kéinte selwer bidden.

A mengen Ae wier eng Fusioun kontraproduktiv, an d'Relatioun mam Bierger an der Gemeng géif mat Sécherheet dorënner leiden. Als Naturparkgemeng gi souwisou schonns vill Projeten um regionale Niveau gemaach an d'Zesummenarbecht mat de Nopeschgemengen leeft och ouni Fusioun ganz gutt.



Ass d'Bedeelung vun der Bevölkerung u Gemengenaktivitéiten an den Interessi un der Gemengepolitik grouss genuch?

Mir hunn eng ganz Partie Veräiner an der Gemeng, déi gutt funktionéieren. Wann d'Gemeng eppes organiséiert, gesäit een émmer erém, datt d'Leit, déi an de Veräiner aktiv sinn, bei den Aktivitéiten präsent sinn. Awer net némmen d'Veräiner, mee och déi aner Bierger huelen un den Aktivitéiten deel. Jiddereen ass wëllkomm, an et wier e Wonschdenken, datt sämtlech Bierger sech géife bedeelegen.

Natierlech ass et émmer einfach, d'Gemengepolitik ze kritiséieren. Mee wann et drëms geet, aktiv matzeschaffen a wäertvoll Zäit ze investéieren, dann hëlt den Interessi of. Natierlech kann net jidderee sech déi Zäit huellen, an duerfir soll een dëst net als Reproche ugesinn.

Bei der Ausschreiwung vun de Gemengekommissiounen hu mir bei verschidde Beräicher gesinn, wéi schwéier et ass, Leit zesummenzukréien. Dëst ass awer e Phénoméen, deen net némme fir d'Gemeng Waldbëlleg zielt. Jidderee kann a soll sech op iergendeng Aart a Weis mat abannen.

Wat si fir lech perséinlech d'Unzéitungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gären hei?

Fir mech war et émmer wichteg, an enger ländlecher Gemeng ze wunnen. Waldbëlleg läit matzen an der Natur, a mir sinn ofgeschiermt vun deem ville Verkéiersstress, dee mir an de Stied erëmfannen. Obschonns e bëssen ofgeleeën, ass ee séier a méi groussen Uertschaften.

D'Mentalitéit vun de Leit, den Noperen, reflektéiert sech och heino a mécht d'Zesummeliewen vill méi agreabel.


Ech géif mech schwéierdoen, net méi hei an der Gemeng ze wunnen, well d'Viraussetzungen, fir eng gutt Liewensqualitéit ze hunn, sinn all ginn a mir kënnen émmer do-vunner profitéieren.

Wat kéint besser sinn?

Natierlech ginn et émmer erém Saachen, bei deene kéint innovéiert, nogebessert oder Neies agefouert ginn. Ech denken hei besonnesch un eng Verbesserung vum effentlechen Transport, zemools de Weekend, wou et dacks net méiglech ass, eng Busverbindung ze kréien. Wa mir d'Verkéiersproblematik um nationale Plang wëlle verbesseren, da musse mir dëst och um lokalen Niveau upaken.

Schéi wier et, wann eng kleng Epicerie sech erém kéint an der Gemeng etabléieren. Dëst géif jiddefalls ons Gemeng opwäerten. Ech weess awer och, datt mir net alles kënnen hunn.





INTERVIEW MAM SERGE BOONEN, SCHÄFFEN

Géift Dir lech kuerz virstellen?

Ech sënn den 18. Abrëll 1986 an der Stad op d'Welt komm. Bis 1998 hunn ech zu Haler gewunnt, an zanterhier zu Waldbëlleg an der Laach.

No der Primärschoul huet et mech fir dräi Joer an den Technique op lechternach gezunn an dunn op Ettelbréck an d'Akerbauschoul, wou ech 2005 de Landwirtschaftstechnikerdiplom krut. Domat hat ech es awer net genuch a wollt op enger Uni probéieren, mäin Diplom opzwäerten. Ech hu mech op d'Rheinische Friedrich-Wilhelms-Universität zu Bonn am Studiegang Agrarwissenschaften ageschriwwen. No e puer mei schwéiere Joren, wat d'Léieren ugaangen ass, hunn ech et gepackt, fir 2012 den Diplom ze kréien als Agraringenieur mat der Spezialisatioun Déierewëssenschaften.

Vun Ufank u war ech mir zimlech sécher, datt ech no der Schoul géing um Bauerebetrieb bleiwen, wou mäi Papp Associé ass. Direkt no der Uni hunn ech ugefaangen, um Betrib ze schaffen.

An der Fräizäit, déi nach nieft Beruff a Gemengepolitik iwwereg bleift, maachen ech e bësse Sport an së gäre mat Kolleegen énnerwee.

Wéini a firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Den Interessi un der Gemengepolitik war scho ganz fréi do.

Doduerch dass ech a ville Veräiner aktiv war an doduerch vill a Kontakt mat Awunner aus der Gemeng, hunn ech émmer erëm bei Diskussioune geduecht, dass ee bei ville Saachen aus der Gemeng nach Klengegkeete kéint verbesseren. 2011 hunn ech just nach un menger Diplomaarbecht geschriwwen a mech prett gefüllt, fir en neien Challenge unzegoen; ech hu mech als Kandidat gemellt.

Mam Walresultat 2011, wou ech direkt Schäffe gouf, hat ech absolut net gerechent. Die nei Aufgab hunn ech awer ganz gären a mat vill Motivatioun ugeholl, an et huet mer vill Spaass gemaach. Doduerch war d'Entscheidung, fir mech 2017 nach eng Kéier der Wal ze stellen, och net esou schwéier ze huelen. Allerdéngs wéll ech soen, dass et net némme schéi Momenter an der Politik gëtt. Heiansdo muss een sech mat Instanzen, Prozeduren an Delaie ploen, déi engem vill Energie a Motivatioun huelen.

Wat si fir lech déi wichteg Objektiver vu Gemengepolitik?

Liewensqualitéit an d'Freed, an eiser Gemeng ze liewen, së mir immens wichteg.

Villes kann ee leider net beaflossen, mee op deene Punkten, wou eng Gemeng eppes ka verbesseren, soll se och aktiv sinn. Nieft enger gudden Betreitung a Formatioun an der Schoul spiller d'Veräiner heibäi eng immens wichteg Roll, well et zum groussen Deel d'Veräiner sënn, di Liewen an d'Gemeng bréngen. Mir hunn dat grousst Glück, an enger Landgemeng ze liewen, vun där een awer mat kuerzen Trajeten an de méi grousse Stied ka sënn. Heibäi gëtt et a punkto öffentlechen Transport allerdéngs nach Verbesserungspotenzial.



Wéi eng politesch Dossiere leien lech speziell um Häerz?

Ganz speziell um Häerz läit mir de Projet vun der Drénkwaasserversuergung. Dee ganze Projet wäert eis nach di nächst fénnef Joer beschäftegen, bis mer eise komplette Réseau um neiste Stand hunn an da fir vill Joren ofgéséchert senn.

Ganz enk zesumme mam Drénkwaasserprojet hänkt d'Quelleschutzgebitt, fir di gutt Qualitéit vum Waasser ze behalen an nach ze verbesseren.

Donieft ass natierlech de Projet vum Ofwaasser mat enger Kanalisiatioun zu Waldbëlleg an enger héichmoderner Kläranlag zu Chrëschtnech immens wichteg.

Ech wëll awer och net vergeessen, dass et mir och immens wichteg ass, dass fir eis Veräiner di néideg Infrastrukture moderniséiert ginn, fir dass d'Veräinsliewe weiderhin op engem héijen Niveau bleift.



Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?

Ech denken, dass eis Gemeng bis dato keng Nodeeler huet als onofhängeg Gemeng, vis-à-vis vun enger Fusiouns-meng. Esoulaang dëst esou bleibt, solle mir wi scho bis elo ganz staark mat eisen Noperen zesummeschaffen, fir iwwert dee Wee een deem aneren ze hëlfen.

Ech vergläichen eng Fusioun mat engem Bestiednes, a genee wi beim Bestiednes soll eng Fusioun vun de Leit aus ze-stane kommen an net duerch politeschen Drock vun uewen erof.

Ass d'Bedeelung vun der Bevölkerung u Gemengenaktivitéiten an den Interessi un der Gemengepolitik grouss genuch?

D'Bedeelung vun den Awunner ass schwéier generell ze beschreiwen. Bei verschiddenen Aktivitéite gesäßt ee vill Awunner, bei aneren éischter manner. Ech mengen awer, dass dat net némmen an eiser Gemeng de Fall ass. Mir organiséieren Aktivitéiten an Informatiounsvsammlungen a ganz verschiddene Beräicher, fir esouvill Leit wi méiglech unzespriechen.



Ech géing mir wënschen, dass eis Veräiner erëm méi nei Memberen kéinte rekrutéieren. Den Interessi un der Politik ass a mengen Ae grouss. Bei de Walen 2017 hate mir fofzéng Kandidate fir néng Plazen. Am Verglach mat anere Gemengen ass dat vill. Dobái kënnt, dass een als Member vum Gemengerot esou zimlech op all Plaz, wou een ass, op d'Gemengepolitik ugeschwat gëtt. Ech denken, dat ass en Zeechen, dass ganz vill Awunner sech fir d'Politik interesséieren.

Wat si fir lech perséinlech d'Unzéierungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gären hei? Wat kéint besser sinn?

D'Gemeng Waldbëlleg ass eng relativ kleng Landgemeng, di am Zentrum vun engem immensen Tourismusunzéierungspunkt läit. Fir d'Fräizäit nieft dem Beruff gëtt eng grouss Palett u Méiglechkeeten ugebueden. Fir Noutfäll së mer super opgestallt. Och fir d'Zukunft ass gesuergt, well d'Gemeng permanent an hir Infrastrukturen investeert, fir alles um neiste Stand ze halen.

Ech liewe ganz gären hei, well ech dee ländleche Charme gären hunn, an et trotzdem net wäit ass bis an Dierfer oder Stied, di méi grouss sënn an nach vill méi bidde kënnen.

Ech géing mer wënschen, dass mer Méiglechkeete kéinte schafen, dass kleng a métteilstänneg Betriber an eiser Gemeng bleiwen oder bäikommen, an dass den öffentlechen Transport punktuell esou verbessert gëtt, dass d'Ubbannung un d'Stied ronderëm méi einfach ass.



AN DER SCHOUL

DE CYCLE 1

Op enger flotter **Fuesparty** an der Cafeteria vun der Sportshal hunn d'Kanner aus der Spillschoul an dem Préoce gutt gefeiert an sech d'Fueskichelcher schmaache gelooss.



Si waren d'**Theaterstéck vun de Bremer Stadtmusikanten** kucken, an dat beandrockend Gebai vun der Philharmonie an der Stad.



Fir **Ouschteren** goufe schéin Dekoratiounen virbereet.



DE CYCLE 2

Wéi déi lescht Joren huet de Cycle 2 och dëst Joër de **Stater Maart** besicht. D'Kanner konnten de Maart mat all senge Facetten entdecken.



Si si gewuer ginn, wéi esou e Maart opgebaut ass a wat et alles do ze kafe gëtt. Mat hirem Akafsziedel an hire Suen an der Hand si si stolz iwwert de Maart gaang, hu gekuckt, geschmaacht, mat de Maartleit diskutéiert, gehandelt a kaaft.

No e puer flotte Stonnen hu si sech vollgepaakt erëm op den Heemwee gemaach!

Den Cycle 2.1. huet d'**Thema Verkéiersmëttel** mat all senge Facette beliicht.

Nieft enger eegener klenger Ausstellung mat Modellautoen, Biller, Fotoen a Fantasie-Lego-Autoe ware si och op Dikrech an den Autosmusée an hunn do gesinn, wéi fréier d'Rieder fir op d'Wéen gemaach goufen a konnten vill al Autoe bewonneren.



DE CYCLE 4

Mir Kanner aus dem Cycle 4 hu **Cajaton-Instrumenter** gebastelt.

Dat huet eis vill Spaass gemaach a mir freeën eis schonn drop, eis Trommelen ze bemolen a bei eisem nächste Cajaton-Atelier ze léieren, wéi ee richteg drop spilt!



* Eine Cajaton ist ein Schlaginstrument: Eine robuste Kiste aus spezieller Pappe mit einer Schlagfläche aus dünnem Holz. Die Schlagfläche hat einen schnarrenden Klang, ähnlich wie bei einer Snare beim Schlagzeug.

Der Spieler/die Spielerin sitzt auf der Cajaton und spielt mit den Händen oder den Fingern auf der Schlagfläche oder auf den Seitenflächen. (www.cajaton.de)


Op der **Fuesparty** vum Cycle 4 waren dëst Joer nieft villen originellen an traditionelle Verkleedungen och eng ganz Rëtsch Einhörner an aner Déieren ze gesinn. D'Kanner hu sech gutt ameséiert an et gouf gedanzt, gespillt an eng flott Playback-Show presentéiert.



De Cycle 4.1. huet de Spillschoulskanner lëtzebuergesch Bicher virgelies. Et war e flotten a gemittleche Moien an et huet deene Klenge gutt gefall.



Den Cycle 4.1. huet sech mam **Thema Elektrizitéit** beschäftegt, selwer Stroumkreesser gebaut a war och op Rouspert déi interessant Ausstellung iwwert den Henri Tudor kucken. Zum Schluss hu si nach e Roboter gebaut, dee mat Solarzellen ugedriwwen gëtt.



Déi traditionell Pausenaktivitéit vum **Schülerparlament** war dëst Joer an der Woch virun der Ouschtervakanz. Gespillt gouf dat bekannte **Kaartespill Uno**.

D'Kanner konnten sech aschreiwe fir géint aner Kanner aus hirem Cycle ze spiller. Um Enn vun dësem Tournoi stoung du freides mëttes vun all Cycle ee Gewënner fest.

D'Gewënner kruten e Pokal iwwerreecht an et gouf en Diplom fir all d'Kanner, déi matgermaach haten.



Texter: Christine Kieffer, Joëlle Niederweis, Sandra Thinnens, Mike Wewer, d'Kanner vum C4

D'Enseignanten aus der Grondschoul



D'FIISSERCHER

D'Generalversammlung vun de Fiissercher war den 28. März 2018 um 19 Auer an der Maison relais zu Waldbëlleg. Nieft dem Keessen- an Activitéitsrapport ass och de Comité zum Deel erneiert ginn.

D'Memberen vum Comité vun D'Fiissercher asbl, vu lénks no riets op der Foto:



- Jean-Marc Felgen (Member)
- Catalina Baden (Member)
- Elizabeth Helminger (Sekretärin)
- Alexandra Helminger (Präsidentin)
- Isabel Bichler (Member)
- Carole Mehlen (Trésorière)
- Jean-Paul Ferreira (Vize-Präsident)

D'MAISON RELAIS

D'Maison relais vu Waldbëlleg huet och an dësem Joer ganz vill Aktivitéiten dobannen an dobaussen organiséiert. Op der Generalversammlung vun D'Fiissercher asbl kréien d'Elteren émmer en ausféierleche Film vun dësen Aktivitéiten gewisen a kënnen de Mataarbechter a Membere vum Comité Froen zum Alldag vun der Maison relais stellen.

Mir hu mëttlerweil 175 Kanner téschent 18 Méint an 12 Joer an eisem Haus ageschriwwen. D'Schoulkanner komme moies virun der Schoul, fir d'Méttegiessen, an nomëttes no der Schoul. Mir versichen, hinnen an engem net formale Kader eng flott an ofwiesslungsräich Fräizäitgestaltung ze erméiglechen.





D'Fissercher, also d'Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn, kënnen all Dag vun 7 Auer bis 18h30 an d'Maison relais kommen. Mir gi mat hinnen iwwert dat ganzt Joer zweemol d'Woch an de Bësch an eemol d'Woch turnen.

Mir freeën eis alleguer schonn op d'Summervakanz, an där mir och dëst Joer de Kanner en ofwiesslungsräiche Programm mat villen Aktivitéiten an der Regioun ubidden. Dëse Programm steet um Internet-Site vun der Gemeng Wald-bëllieg.

Bei Froe kënnst Dir eis ganz gär an der Maison relais énnert der Nummer 87 88 46 54 oder der E-Mail-Adress mrwaldbillig@hotmail.com erreechen.

Joëlle Leuchter



CHANGEMENTER AM COMITÉ VU JONK AN AL – GEMENG WALDBËLLEG

D'jar 2017 stoung beim Senioreveräin *Jonk an Al – Gemeng Waldbëlleg* am Zeeche vum 30. Anniversaire, deen och op munnech Manéieren, an haapsächlech den 30. September, gefeiert gouf. Mee niewent deene ganz schéine Momenter goufen et och Decisiounen, déi net esou erfreelech waren, well de President Pierre Majerus an d'Sekretärin Irène Schmit-Dahm – déi vun Ufank un déi Poste bekleet hunn – hir Demissioun matgedeelt hunn. Den Interims- a Vizepresident Pierre Diederich huet dunn d'Geschäfter vum Veräin bis zur Generalversammlung geleet.

De Vizepresident huet um Ufank vun där Versammlung déi vill Membre begréisst, déi am Veräinsbau zu Chrëschtnech zesummekomm waren. Hien huet d'Vertrieeder vun der Gemeng begréisst, d'Conseilleren Corinne Meyers a Marc Barthelemy. Hien huet och e waarmen Appell gemaach, jénger Leit unzespriechen, fir an de Veräin ze kommen a fir do déi zersetzen, déi net méi aktiv un den Organisatiounen kënnen deelhuelen.

D'Sekretärin Irène Schmit huet op hir gewinnte flott Aart a Weis hiren 31. a leschten Aktivitéitsbericht presentéiert, aus deem ervirgaangen ass, datt eng gutt Aarbecht am Veräin geleescht gouf an datt *Jonk an Al* eng wichteg Roll am Liewe vun der Gemeng spilt. Si huet besonnesch d'Aktivitéité ronderëm den 30. Anniversaire, de Summerausfluch op d'Musel an nach vill flott Fester beschriwwen. Fir 2018 sinn en Dagesausfluch am Juni virgesinn, a vum 18. bis den 22. September en Ausfluch an d'Bourgogne.

Trotz de ville Feiere sinn d'Finanze vum Veräin méi wéi gesond, esou wéi d'Marianne Diederich-Meyers, Responsabel vun de Sue vum Veräin, matgedeelt huet.

Uschléissend koum et zu der neier deelweiser Posteverdeelung am Comité, wou de Pierre Majerus an d'Irène Schmit mat engem grousse Merci a mat Blummen a Kadodoen entlooss goufen, nodiem si den Titel Éiereprésident an Éieresekretärin kritt haten.

Als neie Member gouf de Willy Smit an de Comité opgeholl, dien och de Poste vum neie President iwverholl huet. Hien huet déi gutt a wichteg Aarbecht énnerstrach, déi vu senge Virgänger an deenen 30 Jar am Déngscht vum 3. Alter geleescht ginn ass an hien huet verséichert, an deem Sënn wëlle weiderzefueren, well e staarke Club fir Senioren däerf a kengem Fall an der Gemeng feelen.



Den neie Comité gesäit elo esou aus:

- President: Willy Smit;
- Vizepresident: Pierre Diederich;
- Caissière: Marianne Diederich;
- Sekretärin: Henriette Baden;
- Memberen: Raymond Schaaf
a Brigitte Mair-Schomers.

Willy Smit



© Denis Dimmer

BUERGBRENNEN

Buergsamsdeg, de 17. Februar a Buergsonndeg, den 18. Februar, gouf de Wanter an der Gemeng dräimol verbrannt, zu Haler, zu Waldbëlleg an zu Chrëschtnech. Organiséiert hunn dat d'*Haler Leit, Sang Mat an d'Pompjeeën zu Waldbëlleg*, de *Club des Jeunes zu Chrëschtnech*.




Jil Beckené





© Damaris Pletschette



© Mike Michels

Zu Haler goufe beim Buergbrennen 1.000 Euro gesammelt mat generéise Spende vun den treie Visiteuren an den *Haler Leit* selwer. Domadder konnten déi *Haler Leit* e Scheck vun 1.000 € un den Här Nico Welter, Vize-President vun der *Association nationale des Victimes de la Route* (AVR), iwverreechen.



Mike Michels



YOGA FIR FIT ZE BLEIWEN

Den Turnveräin *Emmer Fit* hat kierzlech Schnupper-Yogacoursen an der Gemeng organiséiert.

De 5., 10., 17. a 24. Abrëll huet d'Carolina Orgaz vu Waldbëlleg mat 14 Leit am Veräinsbau zu Chrëschtnech bei doucer Musek „respiration appropriée, exercices appropriés a relaxation appropriée“ gemat.

Ab September 2018 wölle mer eemol d'Woch Yogacourse mam Carolina organiséieren. Méi Informatioune kritt der am nächsten *De FUUSS*.

Le club gymnastique ‘Emmer Fit’ organisera des classes de yoga avec Carolina Orgaz à partir de la rentrée 2018. Si vous êtes intéressées à améliorer votre état physique et émotionnel, consultez le prochain De FUUSS pour plus d’info.

Alice Greischer, Carolina Orgaz, Isabelle Koster-Oberlé





D'AÉROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

An der Mee-Editioun 2018 vum De FUUSS presentéiere mir eisen dynamicsche Veräin a seng Fréijoersaktivitéiten.

Fir de séchere Flugbetrib um Fons-Mehlen-Airfield am Vugelsbësch ze garantéieren, sinn eng ganz Rei Aarbechten vun de Memberen ze leeschten.

Op der Generalversammlung Mëtt Mäerz koumen d'Memberen an de Comité zesummen fir d'Aarbechten an d'Aktivitéiten vum Joer ze decidéieren.



Dat ass gemengerhand e flotten Owend bei engem Maufel ... oder och zwee ... agrementéiert vun engem gudde Patt dië gestëft gëtt vun engem verdéngte Member!



Usprooch, Iwwerreechung vun engem verluerene Segelfliger, poteren ... eng geselleg Affär!

Den Terrain gëtt gewalzt an de Wues all Woch geméit, genee no Méiplang.



Kaffi am Chalet, mat vu lénks no riets: Pol Mehlen, Romain Hanten, Fränz Havé, Push Steffen, Marcel Delleré, Marc Boever, Jos Gaspard a Marc Ginter



De gewalzten Terrain mat Chalet aus 50 Meter Héicht.

Am nächstem De Fuuss presentéiere
mir d'Aarbechten um Chalet, a weisen
nei Disziplinne vun der Modellfli-
gerei: Parapente, Helikopter ... asw!

Push Steffen



Do muss gutt geschafft gi sinn, fir datt den Aéromodellist esou zefridde mat senge Pilote kann
de Moment genéissen!





DE BADMINTON WALDBÉLLEG

Badminton Waldbéleg

Mir haten am Ufank vun der Saison 17/18 e Preparatiounstournoi an e puer Méint drop nach e flotten Hierschttournoi. Insgesamt véier Equuppen hunn um Championnat matgemaach an niewebäi hunn eis Spiller och un de Masters, un de Grand-Prixen an un der individueller Landesmeeschterschaft deelgeholl. Op der individueller Landesmeeschterschaft hunn d'Michèle Havé an d'Maud Moulin déi 3. Plaz am Eenzel C, de Jeremy Wenner déi 3. Plaz am Eenzel D, d'Michèle Duschang mam Maud Moulin déi 3. Plaz am Doubel C, de Jeremy mam Alain Wenner déi 1. Plaz an de Liam Schmidt mam Gary Berens déi 3. Plaz am Doubel D gemaach. De Louis Moyen ass bei de Minimes 3. ginn.

Eis éischt Equipe ass vun der 3. an déi 2. Divisioun opgestigen, nodeems se géint Jonglénster 7:1 gewonnen huet.

Badminton als Competitiounssport

Mir bidden Training vun héijer Qualitéit un, fir Jonker an Erwuessener, déi Badminton als Competitiounssport bedreiwe wëllen. Dës Membere maachen eng Lizenz bei der Federatioun, si spille Championnat a kënne sech op villen Turnéieren umellen.

Badminton als Hobbysport

Well mer néng Terrainen hunn, bleift genuch Plaz fir Hobbyspiller, déi keng Lizenz maache wëllen. Badminton gëtt vu ville Leit als Hobbysport praktizéiert, well en och op deem Niveau Spaass mécht an de ganze Beweegungsapparat fit hält. Raquetten a Bäll gi vum Veräi geléint, Terraine gi fräi gehal, dat bis 10 Auer owes.

Viraussiichtlech Trainingszäiten

- Kanner (8 bis 13 Joer):** dënschdes a freides vu 17h bis 18h15, samschdes vun 10h bis 12h.
- Jugend/Senior (vu 14 Joer un):** dënschdes a freides vun 18h15 bis 19h30, samschdes vun 10h bis 12h.
- Ufänger (vu 14 Joer un):** dënschdes a freides vun 19h30 bis 20h15, samschdes vun 10h bis 12h.

No dem Training kënnen nach Matcher gespillt ginn, déi vum Trainer organiséiert ginn.

Wann Dir och Loscht hutt, Badminton ze spiller, ob als Hobby- oder Lizenzspiller, da mellt lech bei eis op badmintonwaldbillig@gmail.com. Wann Dir nach méi Informatione braucht, mellt lech och oder kuckt op eiser Säit www.badmintonwaldbillig.lu.

Hei nach e puer vun de Spiller, mat eisen zwee Traineren, dem Maxime Szturma an dem Julien Malchair.





Merci eisen Haaptsponsoren, der Firma Tavares Frères, déi eis Jugendspiller énnerstëtzzt, an der Firma Entrapaulus, déi d'Uniforme vun de Kompetitiounsspiller finanzéiert.

Liz Henx

RESTAURATIOUN VUN DER MAQUETTE VUM FISSCHEN UM KNUEDLER

Um Knuedler steet zanter 1932 zu Éiere vum Michel Rodange e Monument, de Fiisschen. D'Maquette, déi de Kënschtler Jean Curot als Virlag fir dat Monument realiséiert hat, steet an der Gemeng zu Waldbëlleg an ass elo restauréiert ginn.

D'Fiissche-Monument um Knuedler an der Stad.

Nodeems de Michel Rodange a säi Renert laang Jore vu wäite Kreesser vun der lëtzebuergescher Gesellschaft wéinst senge gesellschafts- a kierchekriteschen Aussoen ignoréiert an erofgemaach gi war, gouf dat anescht no der Feier vun 1927, wéi den honnertjärege Gebuertsdag vum Michel Rodange gefeiert gouf, och a sengem Heemechtsduerf Waldbëlleg¹. Vun 1927 u gouf de Renert kaum nach kritiséiert an als wichtegst Wierk vun der Literatur a Lëtzebuerger Sprooch unerkannt.

1932 koum de Rodange zu groussen Éieren: Um Knuedler ass de 26. Juni d'Monument zu sengen Éieren ageweit ginn, mat enger Skulptur vum Renert.

Mee och du war e Monument fir de Michel Rodange nach laang net bei jidderengem beléift. D'Monument gouf privat finanzéiert an iwwert e Concours ausgeschriwwen. Op Initiativ vum Distriktskommissär vu Gréiwemaacher sollten d'Gemengen dozou opgeruff ginn, déi Initiativ ze éännerstézzen. Dat gouf allerdéngs vun der Regierung énnersot!

Géint all Widderränn huet de Comité vun der Initiativ et fäerdegruecht, genuch Suen ze sammelen an den Accord vun der Gemeng Lëtzebuerg ze kréien. Presidéiert gouf dee Comité vum Alfons Nickels (1881-1944), Generalsekretär vun der Arbed a President vum Cercle artistique. „Dies ist eines der Denkmäler, die es wirklich bis zur Errichtung und zur Enthüllung brachten. Dank der unerbitlichen Energie, die den Denkmalaus-



¹ Beschriwwen sinn déi ganz Entwécklungen a Feierlechkeeten am Buch *De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg*, dat 2017 vun der Gemeng Waldbëlleg publiziert gouf an nach émmer op der Gemeng ze kafen ass.

schuss von seinem Vorsitzenden her belebte", huet de Batty Weber a sengem Kalennerblat vum 15. Juni 1932 geschriwwen.

Et goufen dräi Präisser bei deem Concours, vergi vun engem internationale Jury. Den éischte Präis goung un de Professor Jean Curot aus der Handwierschoul. Den zweeten an den drëtte Präis krut de Claus Cito. Och matgemaach hat den Auguste Trémont, deen e Monument am Stater Park wollt virgesinn, e Sprangbuer mat de Renert-Déieren ronderëm.

D'Monument ass vum Professer Curot realiséiert ginn, mat senger Maquette als Virbild. Hien hat do d'Hëllef vum Sculpteur Mergen fir de Medaillon a vun de Kënschtler Demuth a Grosber fir d'Skulptur vum Fiisschen.

Et goufen e puer Ënnerscheeder tëscht der Maquette an dem Monument. Et ass net ewéi bei der Maquette eng véier-eckeg Plack mam Kapp vum Michel Rodange vir am Mëttelpunkt; op de Monument koum e ronne Medaillon. Op der Récksäit steet, wat bei der Maquette och net esou virgesi war, en Zitat aus dem *Renert*, mat Bezug op de Bambësch, dat awer net vum Fuuss selwer staamt, mee vum Grimpert, dem Dachs:

„*Mer pléckten Aprikosen
un allen Hecke gier,
wie geet nun awer praffen
am Bambësch d'Schléiwendier?*“

Bei der Aweiung hu geschwat den Alphonse Nickels, de Staatsminister Joseph Bech an de Stater Buergermeeschter Gaston Diderich. De Prënz Felix war Éiregaascht, grad ewéi déi zwou Duechtere vum Michel Rodange, Elise a Marguerite. De Fils Albert Rodange, deen sech als Ingénieur en chef en Numm gemaach an den éischte Projet vun der Neier Bréck ausgeschafft hat, war du schonns dout. Keent vun den dräi Geschwëster hat Nokommen.

Dem Batty Weber seng Festkantat war vum Fernand Mertens vertount ginn. Et krut allerdéngs keen se ze héieren, well ewéi d'Militärmusek domadder ugesat huet, hunn d'Klacke vun der Kathedral ugefaang ze lauden an net méi opgehal bis zum Enn vun dem Stéck! „*Man wird noch lange davon reden!*“ huet de Batty Weber geschriwwen.

De Professer Jean Curot war den 3. August 1882 zu Lëtzebuerg gebuer ginn. Hien hat an der École d'Artisans zu Lëtzebuerg studéiert, an och zu Paräis, zu München an zu Wien. Vum 1903 hat hie Courses an der École d'Artisans gehal, wou en 1911 als Professer genannt gouf an do bis 1944 enseignéiert huet. Gestuerwen ass de Jean Curot den 21. Abrëll 1954 zu Lëtzebuerg.

De Jean Curot hat sech fir Art nouveau an du spéider fir Art déco begeeschert. 1925 hat hie mat senger Schoul deel-geholl un der Exposition des Arts décoratifs et industriels modernes zu Paräis a krut do en Diplom éischter Klass. 1935 goung hien och op d'Exposition universelle et internationale zu Bréissel.

De Jean Curot huet ausser dem Monument um Knuedler nach eng Partie aner Wierker realiséiert, zu Mondorf, zu Méideng, zu Garnech an a Clausen. Hien huet och Vasen am Art-déco-Stil fir Villeroy et Boch a vill Couverturë fir Bicher entworft.

Den haitege Fiisschen um Knuedler ass net méi deeselwechten ewéi bei der Aweiung. Am November 1979 hate Vandalen de Fiisschen därmooesse beschiedegt, datt en huet missen ewechgeholl ginn. Déi eidel Plaz war du séier vun engem roude Fiisschen squattéiert ginn, deen déi deemoleg *Alternativ Lëscht* virun de Walen dohinner gestallt hat, an dee séier manu militari erofgeholl gouf. Et sollt bis 1981 daueran, bis eng Replik vum Fiisschen dem Monument erëm seng ursprénglech Form ginn huet.



Dem Professer Curot seng Maquette vum Monument, mat där hien de Concours gewonnen hat, koum an d'Gemeng Waldbëlleg a war do laang ausgestallt. Mat de Joren hat se gelidden; e Stéck vum Fouss war ofgebrach an d'Faarf war op enger Partie Plazen ofgeblidert.

2018 huet de Gemengerot décidéiert, déi Maquette restauréieren ze loessen. Et ass jo een eemolegt Stéck aus der lëtzebuergescher Kulturgeschicht, mat der éischter Faassung vum éische Monument, dat eise Nationaldichter opgeriicht krut. Leider sinn d'Maquettë vun deenen anere Bäitrag zu deem Concours net méi ze fannen. Déi zwou Skulpture vum Claus Cito sinn awer am Werkverzeichnis beschriwwen, op de Säiten 209 bis 2011, dat d'Gemeng Käerjeng 2014 mat der *Agence luxembourgeoise d'action culturelle* erausginn huet.

Den Optrag fir d'Restauratioun vun der Maquette goung u *Les Ateliers du Luxembourg* vu Buerglënster, wou d'Madame Elisabeth Koltz an hire Mann sech dem gudde Stréck ugeholl hunn. D'Maquette ass no der Restauratioun erëm ewéi nei a si steet an enger Glasvitriinn an der Gemeng zu Waldbëlleg .

Niewent där Maquette steet, och ènner Glas, eng mat klenge Poppen nogestallten Zeen aus dem *Renert*. Déi hat de Marcel Ditsch gemaach, deen e groussen Deel vun der Geschicht vum Renert mat selwer gebastelte Figuren opgestallt, fotograféiert an a véier Bänn vu 1982 bis 1984 publizéiert hat. Dës Zeen gouf der Gemeng offréiert vun dem Marcel Ditsch senge Kanner, der Madame Gita Ditsch an dem Här Joe Ditsch.

Marc Barthelemy

Quellen:

- De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg. Gemeng Waldbëlleg 2017.
- Roger Muller. Michel Rodange und die Stadt Luxemburg. Ons Stad Nr 63, 2000.
- Roger Muller. De Renert um Knuedler. Ons Stad Nr 27, 1988.
- Signatures Portraits et autoportraits Artistes plasticiens au Luxembourg. Lambert Herr. Éditions Saint-Paul. Luxembourg 2001.
- Anthologie des Arts au Luxembourg. Lambert Herr. Éditions Emil Borschette. Luxembourg 1992.
- Regard sur deux siècles de création et d'éducation artistiques. L'Association des Professeurs d'Education Artistique de l'Enseignement Secondaire et Supérieur (APEA). Luxembourg 1987.



Marc Barthelemy

E Merci, fir d'Referenzen op de Professer Curot, un d'Madame Véronique Schaber, d'Madame Sylvie-Anne Thyes an den Här Jean-Marc Weckbecker aus der Handwierskerschoul, dem haitege Lycée des Arts et Métiers.

Marcel Ditsch (1923-2001)



De Marcel Ditsch gouf 1923 gebuer. Als Stater Jong huet hien all schéin Ecker an der Stad, awer och am Land kannt a gär gehat. Dohier och säi spéideren Intérêt fir de *Renert*.

Geléiert hat en, esou wéi säi Papp, fir Metzler, mä sain Häerz huet fir d'Konscht geschloen. E war sensibel a kënschtle-resch begaapt an hätt am léifsten eng Molercarrière ageschloen.

Am Krich gouf en zwangsrekrutéiert, huet desertéiert a war laang verstoppt. Nom Krich gouf en Ënneroffizéier an der Lëtzebuerger Arméi. Wéi den obligatoreschen Arméidéngscht ofgeschaft gouf, koum de Marcel Ditsch bei den Erzéiungsministère, wou e sech ènner anerem èm den *Atlas du Luxembourg* gekëmmert huet.

D'Molerei blouf awer sain Hobby. Als Autodidakt an iwwer Korrespondenzcoursen huet e seng Technik am Aquarell, der Uelegmolerei an dem Linoschnëtt verfeinert. Donieft huet en all méiglech konschthandwierklech Techniken ausprobéiert a mat Holz, Glas, Ratan, Pabeier a Material aus der Natur modelléiert a kreeéiert. Parallel dozou huet e sech och un d'Fotografie ginn an och hei mat verschiddenen Entwécklungstechniken experimentéiert.

Aus deem Amalgam vu kreativen Aktivitéiten ass uganks vun den 1980er-Joren eng illustréiert Renert-Editioun entstanen. Eigentlech wollt de Marcel Ditsch eng Diasserie mat Zeeenen aus dem Renert schafen. Mä wéi e bis amgaang war, huet e realiséiert, datt en dat Ganzt kéint als Buch erausginn.

Vun der Renert-Figur bis bei d'färdeg Faarffoto huet de Marcel Ditsch alles selwer gemaach: Déierefiguren aus Koffer-drot a Modelléiermass, Kleeder aus Filzstoft, Stater Kulissen, Béscher a Landschaften aus Pabeier a Karton, kleng Miwwelen aus Holz vun Zigarekëschten, mini Kichegeschir, Handwierksgeschir asw. Esouguer d'Scheinwerfer, mat deenen e seng Zeene beliicht huet, ware selwer gebastelt – aus Konservebéchsen. D'Faarffotoe goufen an enger improviséierter Dunkelkammer am Buedzëmmer vergréissert.

Véier Joer huet et gedauert, bis all d'Requisite färdeg an d'Biller an der Këscht waren. Deen éischte vu 4 Bänn vun der illustréierter Renert-Editioun koum 1982 bei der Sankt-Paulus-Dréckerei eraus, dee leschten ass 1984 publizéiert ginn.

Carel Scheltgen

Les Ateliers du Luxembourg

Elisabeth Koltz, conservatrice-restauratrice d'œuvres d'art et Marc Hubert, tailleur de pierre, formés chez les compagnons du devoir se sont rencontrés il y a plus de 13 ans en Égypte, où ils ont œuvré à la conservation-restauration du temple de Karnak à Louxor.

Après un passage à Paris et dans les Pays de la Loire, où ils travaillent pendant douze ans pour les monuments historiques, ils décident d'ouvrir Les Ateliers du Luxembourg, une plateforme de conservateurs-restaurateurs et artisans du patrimoine, dans le beau village de Bourglinster.

Les Ateliers du Luxembourg proposent de nombreux services : conservation-restauration de tableaux, mobilier, papier, céramique, sculptures, constats d'états, inventaires de collections, conditionnement et transport. Ils proposent aussi d'intervenir en conservation-restauration d'éléments architecturaux, entretien et déplacement de sculptures en extérieur, gravure et sculpture sur pierre mais aussi des enduits traditionnels à la chaux et des badigeons naturels.

En collaboration avec des artisans choisis pour leur savoir-faire et leur déontologie, ils offrent aussi des prestations dans les domaines suivants : décoration d'intérieur, ferronnerie, dorure, copies de tableaux...




Les Ateliers du Luxembourg ont été amenés à restaurer la maquette du monument du Renert il y a quelques mois.

Ils ont été heureux de restaurer cette maquette d'un monument national qui fait partie du paysage luxembourgeois et que bon nombre de luxembourgeois connaissent depuis leur enfance. Il était d'ailleurs intéressant de constater les petites variantes entre la maquette et la version finale.

La maquette en elle-même présentait des coups, pertes de matière, un encrassement mais aussi une partie du socle désolidarisée. Notre travail a été de nettoyer la sculpture, coller la partie désolidarisée après avoir changé les goujons oxydés, mais aussi mastiquer les lacunes et les retoucher. La commune a également souhaité placer la maquette sous une protection en plexiglas. Celle-ci a été faite sur mesure.

La maquette est aujourd'hui de nouveau en bon état de conservation et prête à être admirée par les petits et grands, amoureux du Renert et de l'œuvre de Michel Rodange. Les Ateliers du Luxembourg ont été ravis de contribuer à sa conservation-restauration et ainsi à la sauvegarde du patrimoine luxembourgeois.

Elisabeth Koltz



Observations finales

Commentaires généraux

La maquette en plâtre présente un bon état de conservation hormis des petits détails où lacunes et un caillou déifié à partie devant avec un morceau qui s'est détaché. Ce morceau montre des résidus de colle et deux goujons rouillés. Au revers il y a des lacunes accompagnées de soulèvements. Elle présente des réparations montrant une ancienne restauration. (D) photographies)

Traitement de conservation-restauration : Urgent

Commentaires pour le traitement de conservation-restauration
Dépolissage, nettoyage des soulèvements et fissures, remplacement des éléments, collage de la cassure avec tiges inox, rebouchage

Autres recommandations

La maquette va être placée sous un écran de protection (plexiglas pour les vitrines).

Signature(s) de : Elisabeth Koltz, Les Ateliers du Luxembourg

E. Koltz

Elisabeth Koltz

Move Together

#respect



EXPOSITION PHOTOGRAPHIQUE

Du 29 mai au 19 juin 2018

Centre culturel TRIFOLION | 2 Porte St Willibrord | L-6486 Echternach
Ouverture: mardi et jeudi de 13h à 17h + événements TRIFOLION | Entrée gratuite



me_c asbl mouvement pour
l'égalité des chances

... pour tous!

Infos & réservation de l'exposition:

MEC asbl | Tél.: 26 72 00 35 | GSM: 621 66 92 12
info@mecasbl.lu | www.mecasbl.lu

Production: MEC asbl | Design: kacom.lu
Photos: Riyad Almajmas

oe CŒUVRE
Nationale de Sécurité
Grande-Duchesse Charlotte



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des chances



BGL
BNP PARIBAS


GARAGE KRUFT
Echternach | www.kruft.lu

Kacom.lu



... pour tous!

FOTOSAUSSTELLUNG: MOVE TOGETHER #RESPECT

De Mouvement pour l'Égalité des chances (MEC) invitíert vum 29. Mee bis den 19. Juni an den Trifolion op eng Fotosausstellung énnert dem Motto *Move Together #respect*. Et geet drëm, op de Respekt opmierksam ze maachen, dee mir ee fir deen anere sollen am Alldag hunn.

Eng ganz Rei Organisatiounen aus dem soziale Beräich hunn dorun deelgeholl, andeems se eng Thematik definéiert hunn: Aarbecht, Alter, Déieren, Ethnien, Famill, Fraen a Männer, Fréundschaft, Gesondheet, Handicap, Homosexualitéit, Immigratioun, Kommunikatioun, Mënscherechter, Natur, Relioun, Sex, Traffic, Wunnen.

D'Fotoe sinn all gemaach gi vum irakesche Fotograf Riyadh Almajmas, deen 2016 op Lëtzebuerg komm ass. D'Ausstellung ass bis den 19. Juni op, dënschdes an donneschdes vun 13h bis 17h, an och, wann e Concert oder soss eng Virstellung am Trifolion ass. Den Entrée ass gratis.

Informationen: <https://move-together.mecasbl.lu/activites/>

Camille Goedert



ORT MËLLERDALL

Generalversammlunge vum ORT Mëllerdall

Den 28. Februar 2018 war déi ausseruerdentlech Generalversammlung vum Office régional de Tourisme (ORT) Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise.

An de Comité goufe gewielt:

- Marc Diederich, President
- Joe Nilles a Serge Pommerell, Vizepresidenten
- Fernand Schmit, Keessjee
- Robi Baden, Vertrieder vun den SITen
- Jean Conzemius, Vertrieder vun der HORESCA
- Raoul Miny, Vertrieder vun der Camprilux


Déi uerdentlech Generalversammlung vum ORT Mëllerdall war dunn den 22. Mäerz zu lechternach. De Vizepresident Joe Nilles huet d'Invitéé begréisst, d'Gestionnairin Sandra Bertholet den Aktivitéitsrapport presentéiert. D'Staatssekretärin Francine Closener huet op d'Projeten am exzellenten Tourismusjoer 2017 hanneschtgekuckt.



Vu lénks: Jean Conzemius, Serge Pommerell, Sandra Bertholet (Gérante), Marc Diederich, Robi Baden, Raoul Miny, Fernand Schmit.

Ouschtereeërsich op Ouschteronndeg

Op Ouschteronndeg, den 1. Abrëll, hat den Touristcenter Heringer Millen d'Kanner invitéeert, fir Ouschtereeër sichen ze goen. Obschonns d'Wierder verreent war, hate sech e Koup Familljen op de Wee gemaach, fir no faarwegen Eeër an nom Ouschterhues ze sichen.



ORT Mëllerdall

Märchentour, den 22. Abrëll

Am Kader vun engem Projet haten dräi Schülerinne vun der 2e GCG vum lechternacher Lycée e Märchentour fir Kanner organiséiert, zesumme mam Touristcenter Heringer Millen.

An zwee Duerchgäng henn d'Kanner hier Feigefill, hier logescht Denken an hiren Teamgeescht gebraucht, fir der Prinzessin Griseline hire Schatz erëmzebréngéng, dee vun engem béisene Draach bewaacht gouf.

Do dernieft goufe verschidden Atelieren ugebueden, ewéi Face painting, Inteféschen a mat der Armbrust schéissen.



ORT Mëllerdall

A war et lester dann net schéin, nu sot,
 am Mëller dall an an der Karel'slee?
 Et ass meng sexter jo as wi e Schlass,
 wou Paarten a vill Gäng an Dire sénn.
 Zum ischten huet ee bal net Ae g'nuch,
 an 't kuckt een doeruechter, 't weess een net,
 ewéi dat alles mënscheméiglech ass.
 An hu mer do op eemol net gemeent,
 mer wieren op em Wee zum Goldgemaach,
 wou fréier d'Wiichtelchen Harmonika
 op hirem Trunn vun ledelstenge suz?

Michel Rodange. Heringen und seine Umgebung. Eine Epistel im Müllertals-Dialekt an seinen Freund G. Scholl aus Schwabenland.

Müllerthal, im Juli 1857

aus: 190 Joer Michel Rodange. De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg. Gemeng Waldbëlleg, 2017



Pierre Haas

„Die Sängerin des Müllertals: Griselinde, die reiche und schöne Erbin des Schlosses Heringen, lebte einsam mir ihrer Lehrerin, der Fee Harmonika. Diese hatte sie die Kunst gelernt, bezaubernd schön zu singen und gefühllose Zuhörer in Felsen zu verwandeln. Schon viele Ritter, welche ihren Gesang nicht zu würdigen wussten, waren in starre Felsen verwandelt worden, wie dies die vielen Steinmassen des Müllertales beweisen.“

Eines Abends kam der junge Ritter von Folkendingen daher. Er vernahm ihren Gesang. Von Sehnsucht ergriffen, wollte er sich heimlich der Sängerin nähern und erkletterte den steilen Felsen, auf dem die Burg stand; er tat aber einen Fehltritt und stürzte in den Abgrund. Die Jungfrau hört das Ächzen des Sterbenden, eilt hinzu und findet ihren Geliebten tot. Von dem Tage an härmte sie sich und starb bald. Jeden Frühling aber kehrt sie zurück und lässt auf den Ruinen der Burg ihren Klagegesang vernehmen.“

Aus: Nicolas Gredt. Sagenschatz des Luxemburger Landes. Institut Grand-Ducal.

Section de linguistique, d'Ethnologie et d'Onomasique. Luxembourg 2005.

Mullerthal Trail Season Opening 2018

Sonndes de 6. Mee huet d'Saison vum Mëllerdall-Trail offiziell ugefaang, mat enger Wanderung, déi den ORT Mëllerdall organiséiert hat.

Vun 9 Auer u sinn d'Participante vun lechternach oder Rouspert op Mompech gewandert. Dräi Strecke ware méiglech mat 13, 14 oder 23 Kilometer. Natierlech goungen déi Weeër iwwert de Mëllerdall-Trail.

Et konnt ee mat engem Guide goen, oder alleng fir sech.

Zu Mompech gouf et Animatiounen, Concerten, e Workshop am Tudormusée, Holzskulpture mat der Motorsee an Toure mat der Päerdkutsch. An natierlech lessen an Drénken, mat regionale Produiten.

Hannescht konnt ee mam Bus fueren.



ORT Mëllerdall

3. Editioun vum Ultra Trail Mullerthal den 8. September 2018



Um Programm stinn:

- **Kids Adventure Run:** e Laf fir Kanner bis 6 Joer an e Laf fir Kanner vu 6 bis 12 Joer, op engem Miniparcours um Site vum Touristcenter mat abenteuerleche Passagen.
- **Shorty Trail iwwer 15 km** vum Touristcenter Heringer Millen op lechternach, iwwert d'Route 2 vum Mëllerdalltrail.
- **Trail 39 km:** iwwer d'Route 2 vum Mëllerdalltrail.
- Long Trail 75 km: iwwer d'Routen 2 an 3 vum Mëllerdalltrail.
- **Ultra Trail 112 km:** iwwer d'Routen 1, 2 an 3 vum Mëllerdalltrail.



Informatiounen an Aschreiwungen, déi warscheinlech ewéi déi aner Jore séier ausgebucht wäerte sinn:
www.utml.lu

Den Trail, Long Trail an Ultra Trail starten zu lechternach, den Ultra Trail schonns um 00h05. Fir dës Trailen ass um Site vum Touristcenter Heringer Millen en zentrale Ravitaillement ageriicht, mat groussem Buffet, medizinescher Versuergung a gudden Laun.

De Sven Remakel hat den Ultra Trail 2017 gewonnen an dofir knapp 11 Stonne gebraucht fir déi 112 km. De José Mantrisi aus eiser Gemeng hat sech als 6. klasséiert.

Et ginn nach Fräiwölleger gesicht, fir ze hëllefen!



ORT Mëllerdall

DE GALACONCERT VUN DER WALDBËLLEGER MUSEK

D'Waldbëlleger Musek huet e Samschdeg, den 28. Abrëll 2018 op hire Galaconcert A Journey through America invitierert, zu Waldbëlleg an der Sportshal. Dirigéiert huet de Christophe Weiland, d'Stécker goufe presentéiert vum Jean-Luc Schleich. Vill Frënn vun der Musek si lauschte komm.



A senger Aleedung huet de Jean-Luc Schleich dorun erënnert, datt et dëst Joer kee Galaconcert war ewei déi aner Joren, an dat wéinst engem ganz trauregen Evenement: Virun e puer Wochen ass den Néckel Reinert onerwaart gestuerwen, deen zanter 2012 President vun der Waldbëlleger Musek war. Net némmen eisem President hu mir missen Äddi soen, mee am Abrëll och dem Jos Schroeder. Hie war laang Joren en aktive Musikant, hie war awer och Archivar an huet sellechen Instrumenter gefléckt. Mir behale si a gudden Erënnerung a sinn dankbar fir hir Aarbecht.

Als nei Presidentin hëlt d'Annik Reinert d'Relèeve vun hirem Papp, als éischt Fra op dësem Posten. Si hat um Galaconcert virun der Paus hiren éischten Oprëtt an déser Fonktioun, fir dem Plooschterprojet e Scheck ze iwwerreechen. Dës Suen haten d'Waldbëlleger Musek an de Mëllerdaller Männerchouer beim Chrëschtconcert bei den Nolauschterer opgehuewen.



Zesumme mat Vetrieder vum Mëllerdaller Männerchouer huet déi nei Presidentin de Scheck iwwerreecht un d'Madame Lieners vum Plooschterprojet. D'Madame Lieners huet d'Ziler vun deem Projet erkläert, wou et drëm geet, Leukämiekranken ze hëlfelen. Si huet insistéiert, wéi wichtig et ass, datt Leit bereet sinn, Stammzellen ze spenden. Spender kann ee ginn téscht 10 a 40 Joer; an et ass och keng grouss Affaire, dat ze maachen. Och Blutt spenden ass wichtig; dat ka quasi jiddweree maachen. A schlisslech sinn och Sue fir de Projet wichtig.

De Jean-Luc Schleich huet an de verschiddenste Verkleedungen déi eenzel Musekstécker agefouert, de Kontext explizéiert, de Public op seng Kenntnësser getest a mat Schockela belount. Um Programm stoungen:

- *Symphonic Overture* vum Charles Carter
- *Mid-West Golden Jubilee Overture* vum James Curnow
- *J.F.K.: In Memoriam* vum James Curnow
- *Virginia* vum Jacob de Haan
- *Disney at the Movies* arrangéiert vum John Higgins
- *Hollywood!* arrangéiert vum Warren Barker
- *Highlights from West Side Story* arrangéiert vum Leonard Bernstein, arrangéiert vum Ted Ingram
- *Earth Wind & Fire in Concert* arrangéiert vum Richard Saucedo
- *The Muppet Show Theme* vun Jim Henson an Sam Pottle, arrangéiert vum Marcel Saurer
- *Western Graffiti* arrangéiert vum Stefan Schwalgin
- Als Bis *New York, New York* vum John Kander, aus dem Film mam selwechten Titel vum Martin Scorsese

Gestëft goufen d'Stécker vun: Boucherie OSWEILER, lechternach; Burger-Restaurant LOU's DINER, Beidler; Café DINA, Waldbëlleg; Domaine Viticole BECK-FRANK, Greiweldeng; Musik SCHAEFER & JUTZ, Bitburg; Restaurant GUDDE KASCHT, Haler; Famill Boonen Louis, Famill Barthelemy-Kauffmann Marc, Famill Goedert-Bartholomé Camille, Famill Mehlen-Majerus Paul, Madame Pansin-Simon Annerose.

E grousse Merci un eis Sponsoren an Donateuren.



Camille Goedert

Bei der Musek steet de Moment alles am Zeeche vum Changement. Net nëmmen hu si eng nei Presidentin. Mee mat hir och e neie Comité mam Daniel Boonen als Vize-President, mam Camille Goedert als Sekretär a mam Jane Wickens als Trésorière. Donieft sinn de Marco Pinnel an de Gil Gonner als Memberen am Comité.

D'Musek ass den 2. Mee an hiren neie Proufsall am Pompjeesbau nieft dem Zenter Michel Rodange geplënnert, nodeems si iwwer Jorzéngten an der aler Gemeng geprouft hunn. Vill flott Erënnerungen wäerte mir och un d'Stonne behalen, déi mir do zesummen erlieft hunn, a mir freeën eis op dat wat kënnnt.

Déi Deeg virdrun huet d'Musek, ewéi et Traditioun ass, Meekräinz gemaach, och wann et am Bësch kal a naass war. Esou e Kranz hu si bei der Gemeng opgehaang, wou se vum Schäffen- a Gemengerot empfaang goufen, beim Café Dina, beim Golf a beim Éierepresident Paul Mehlen.

De 5. Mee huet Musek hiren Deel zum Fréijoersconcert vun der Maacher Musek bäägedroen. Den Erléis vun dem Concert goung un De Leederwon. De Weekend drop huet d'Musek am Mëllerdall um Millefest gehollef. Päischtdënschteg stoung dann och d'Sprangprëssessioun zu lechternach am Kalenner.

An no désem chargéierte Programm, prouwe mir dann elo fläisseg fir eis Concerten am Summer. Dës sinn:

- sonndes, den 8. Juli, mëttes um 16h30 um Schlassfest zu Beefort,
- dënschdes, de 17. Juli, um 20h ënnert dem Dénzelt zu lechternach,
- sonndes, den 22. Juli, mëttes um 16h zu Réimech,
- dënschdes, de 25. September, owes um 20h op der Plëss.

A wie Loscht huet, Musek ze spiller, deen ass gäre wëllkomm. Mir prouwen dënschdes vun 20h bis 22h zu Waldbëlleg am Proufsall iwwert dem Pompjeesbau.

Annik Reinert



Camille Goedert



Camille Goedert & Marc Barthelemy

UERGELFRENN WALDBËLLEG UERGEL-CONCERT MAM PATER THOMAS MÖLLER

Sonndes, de 15. Abrëll waren d'Uergelfrënn ganz frou, op en Uergel-Recital mam Pater Thomas Möller OP aus Düsseldorf an der Waldbëlleger Kierch z'invitéieren. Un engem schéine Fréijoerssonndeg kann ee fir en Uergel-Concert net émmer mat engem groussen Undrang rechnen, an awer waren ém déi 50 Leit do, fir nozelauschteren.



An eise Concerts-Serië ware bis elo net vill Opféierunge vu renger Uergelmusek, ausser dem Concert inaugural am Mee 2016 mam Paul Kayser an dem Recital mat Organisten aus der Gemeng Waldbëlleg am Mäerz 2017. Dofir huet et als ganz vill Freed gemaach, dem Pater Thomas säi Programm ze héieren, deen aus Uergelmusek vum 18. bis zum 20. Joerhonnert bestanen huet.

Zur Persoun vum Pater Thomas Möller zitéieren ech aus dem Programmheft vum Concert:

Pater Thomas Möller OP (*1976) entstammt der Kirchengemeinde St. Dominikus in Datteln-Meckinghoven (Deutschland). 1995 absolvierte er das C-Examen (nebenamtliche Kirchenmusikerausbildung) im Bistum Münster. Von 1993-97 war Thomas Möller als nebenamtlicher Kirchenmusiker in der Pfarrgemeinde St. Maria-Magdalena in Datteln-Horneburg tätig, wo er 1994 einen Kirchenchor gründete. 1994 übernahm er zusätzlich eine Chorleiterstelle in der Kirchengemeinde St. Josef/St. Marien in Datteln, in dem er selbst schon jahrelang mitsang.

Nach dem Abitur und dem Zivildienst trat Thomas Möller in den Dominikanerorden ein. Sein Noviziat verbrachte er im Wormser Dominikanerkloster. Nach dem Theologiestudium in Bonn und Toulouse wurde er 2005 zum Priester

geweiht. Anschließend stellte ihn der Orden für ein Kirchenmusikstudium an der Hochschule für Musik und Tanz Köln frei, das er 2009 mit dem Diplom abschloss.

Von 2009-2017 war Pater Thomas als Hochschulseelsorger im Bistum Mainz tätig, wo er auch von 2010-2015 an der Wormser Hochschule den Kooperationschor "Multi Voices" der Hochschule und der Kath. Hochschulgemeinde Worms leitete. Unter seiner Leitung entstand 2012 die CD-Aufnahme "Vesperae in honorem Sancti Dominici" (Dominikanischer Choral und Orgel improvisation).

Seit November 2017 lebt Pater Thomas im Düsseldorfer Dominikanerkloster und arbeitet in der Citypastoral Düsseldorf. Im Kloster ist er verantwortlich für die wöchentliche Konzertreihe "Die Sonntagsorgel". Darüber hinaus ist er konzertant an Orgel und Cembalo im In- und Ausland zu hören.

Dobäi kann een och ernimmen, datt de Pater Thomas zanter 2012 e gudde Kolleeg ass vun eisem Sekretär Daniel Mantrisi, deen d'Begréissung am Numm vun den Uergelfrënn gemaach huet.

Dem Pater Thomas säi Programm huet bewosst un d'Ouschterzäit ugeknäppt an huet ugefaange mam Choral-Präludium „Christ ist erstanden“ vum J.S. Bach. No enger Suite vum Bach sengem franséischen Zäitgenossen Louis-Nicolas Clérambault huet hien eng Sonat vum Felix Mendelssohn-Bartholdy gespiltt - deem romantesche Komponist, dee bekanntlech dem J.S. Bach seng Wierker nei entdeckt an der moderner Welt zougänglech gemaach huet.

Duerno stoung e Stéck vum amerikanesche Kierchemuseker Michael Burkhardt um Programm, an zwar dat freedegt „Good Christian Friends, Rejoice and Sing“, basiert op engem engleschen Ouschterlidd (d'Melodie ass op däitsch bekannt als „Gelobt sei Gott im höchsten Thron“).

Dem J.S. Bach säi Fantasia G-Dur koum als nächst, an de Concert huet ofgeschloss mat zwee Wierker vu franséische Komponisten aus dem 20. Joerhonnert, dem Jean Giroud seng „Toccata pour l'élevation“ an dem Denis Bédard säi „Prélude et Toccata sur Victimae Paschali Laudes“. Dëst lescht Stéck basiert op engem gregorianesche Choral fir d'Ouschterzäit.

Dee ganze Programm huet duerch d'Villfältegkeet vu senge Klangfaarwen impressionéiert, an huet op en Neits bewisen, datt eis kleng Uergel, och wa si als Barock-Instrument konzipiert ass, sech duerchaus och fir Kompositiounen aus aneren Epochen eegent.

Mir soen dem Pater Thomas härzlech Merci fir säi wonnerschéine Concert an hoffen, hie geschwënn zu Waldbëlleg erëmzegesinn. E Merci gëllt och de Leit, déi nolauschte komm sinn.

Henry Wickens
President, Uergelfrënn Waldbëlleg



DE WALDBËLLEGER FRÄIHEETSbam



De Fräiheetsbam haut.

Marc Barthelemy

Well d'Gestapo dacks an der Gaass opgetaucht ass, war d'Gefar grouss fir d'Famill Jacoby an natierlech och fir de Fräiheetsbam. Aus Angscht ass de Bam erëm nuets geplënnert ginn an koum dunn nees hannescht an d'Halerstrooss bei d'Famill Schabert.

1939, am Kader vun der 100järeger Onofhängegeet vun eisem Land, war am deemolegen *Schoulpesch*, do wou 1964 eng nei Schoul ageweit ginn ass, eng Lann als Fräiheetsbam gesat ginn. Ronderëm dee Bam gouf mat wäisse Steng d'Lëtzebuerger Land an de Buedem geluecht. Fir déi Zäit war dat eng erfreelech Feier zu Waldbëlleg, woubäi Duerfleit, Schoulkanner a Veräiner deelgeholl hunn.

Am Ufank vum Krich, wéi eist Land 1940 besat gouf, ass direkt déi Zeechnung vum Lëtzebuerger Land ewech geholl ginn, an d'Lann ass an de Gaart vun *Iewescht Greisen* bei der Famill Misch Schabert-Friederich (5, Halerstrooss) émgeplantz ginn, well gefaart gouf, d'Preise géifen eise Fräiheetsbam zerstéieren.

Wéi dunn aus der Noperschaft Warnunge koumen, huet de Misch Schabert gefaart, datt déi nei Plaz géif verrode ginn an hien huet drop gehalen, datt de Bam sollt fortkommen. Bei *Nacht und Nebel* ass déi Lann vun der Haler Strooss an de Gaart vun der Famill Jos Jacoby-Michels (11, rue des Fleurs) bruecht ginn.

Am Dezember 1943 goufen zwee direkt Noperen vun der Famill Jacoby, den Decker Péiter (Goerens Pierre 13, rue des Fleurs) an de Feltes Camille (Konsbrück Camille 12, rue des Fleurs), déi an der Resistenz (LPPD) aktiv waren, verroden a vun der Gestapo verhaft. Sie koumen op Hinzert (D) an d'KZ.

Nom Krich, 1945, gouf déi zerstéiert Meedercherschoul ganz ofgerappt. Do steet äis Lann elo nach émmer a voller Pracht, sät 73 Joer an nodiems si fénnef Mol geplénnert ginn ass. Den Waldbëlleger Fräiheetsbam huet, no alle Strapazen an Émplanzungen, dem Krich an dem Terror getrotzt, an soll eis alleguer e Symbol fir eis kostbar Fräiheet sinn.

E grousse Merci soe mir der Madame Félicie Hoss-Schabert fir déi interessant Geschicht, déi bestëmmt vill Lett nüt kennet.

Jacqueline Penning
& Erny Wagner



Bei der Mederchersschoul, si gouf ofgerappt nom Krich. Riets ass „an Hauen“.



D'Plaz vun der aler Mederchersschoul 2015, do steet de Fräiheetsbam vun 1939



2016: de Fräiheetsbam vun der Rue des Fleurs aus gesinn.

D'MARECHEN

D'Marechen vu Waldbëlleg huet elo 94 Joér a wunnt säit dem 17. Mäerz 2016 ze Miersch am Home pour Personnes agées St Joseph, wouhinner ech si besiche wor. De Moien ass si zefritten a frësch gekämmt erof hir Zeitung siche gaang, op der Kiné hire Velo geklomm, an d'Rezeptioun en neie Labello kafen an an de Bistrot hir Petit-beurrë sichen. De Kummerschlüssel kritt si schlecht gedréit, den Nuetsläpp ass schif gefaalt, den éwege Schal ass liicht gedrudelt, mee hire Mond laacht schausseg¹ an hir Ae stralen! Si ass wi èmmer frou iwwer Besuch aus hirem Duerf. Schwups! peekt si mäin Exemplaire vum leschte FUUSS an, fir en herno a Rou ze liesen. Stolt beäntwert si meng Froen iwwert hir Liewensgeschicht an erkläert mir mat engem schéine Grinsen hir Fotossammlung!

Ze Waldbëlleg op Nummer 9 an der Rue des Fleurs ass den 9. Januar 1924 d'Madamm **Marie Parmentier-Baum** als leshtent Kand an där Famill op d'Welt komm. Eent vun zwielef Kanner war gestuerwen.

Hire Papp wor de Pit, also Pier Baum, deen do mat sénge dräi Bridder hiert Heemechthaus hat. De Papp ass gestuerwen, ewéi dat klenkt Marechen zwee Joer hat.

Hir Mamm huet och Marie geheesch a koum vun der Schanz. Wéi hire Mann dout wor, ass si an de Mëllerdall an den Hotel Schank schaffe gaang. D'Marechen ass sechs Joer an di al Meedercherschoul gaang, wou si Däitsch, Franséisch, Bitzen a Strécke geléiert huet - vu Rechne wor an der Meedercherschoul keng rieds. Spéider huet si hirem Mann Pulloveren a Jackette gestréckt, èmmer wéi hie wollt „weg. mat Tirett“. Vun hirer Mamm hat d'Marechen vill geléiert: Zoppe kachen, steiwe Buedem èmgruewen, allerlee Geméis séinen, nei Grompere setzen.

Heiansdo ass si aushöllefe gaang bei e Schwoer, dee Bäcker wor, an deen huet si zerguttst Bake geléiert.

An d'Vakanz wor d'Marechen ni, „just emol an de Mëllerdall!“ Ze Waldbëlleg wor deemools eng Hiewan, de Bäcker Feltes, d'Epicerie bei Schmitten, de Coiffer Wil, de Koch - e Buttek a Café, wou een alles krut.²

Fir am Zweete Weltkrich net an Däitschland geschéckt ze ginn³, ass d'Marechen op Veianen an de Sanatorium schaffe gaang. „Do haten se genee su e Bok un ewéi d'Nonnen hei ze Miersch.“ Si kickelt náischnotzeg, mee lauschtert am Gang gär deenen „Nonnen“ no, wa se sangen. Wa si zu Veiane bei de Kranken hire fräien Dag hat, ass si an d'Apdikt geträppelt, wou si Echantillone krut, fir sech ze maquilléieren.



¹ Luxemburger Wörterbuch: schausseg, -ig (lok. Echt: schaus) Adj.: «närrisch»

² Den Ern Wagner erénnert sech esou un déi deemoleg Geschäftswelt zu Waldbëlleg: d'Hiewan Kannerketti, déi Ketti Franck geheesch huet; de Coiffer Ärches Will; d'Epicerie-Café A Schmitten; d'Epicerie-Bäckerei A Feltes; d'Epicerie An Hanspittesch; d'Epicerie A Franken Geimer. Merci, Erny!

³ Vill Lëtzebuerger Jongen a Meedercher sinn am Krich vum Nazi-Okkupant gezwonge ginn, an Däitschland an de Reichsarbeitsdienst (RAD) ze goen. No sechs Méint RAD sinn d'Jongen dann an d'Wehrmacht zwangsrekrutéiert ginn.

Eng vun der Marechen hire Schwesterner wor eemol danze gaang an huet do engem schmocke Kärel erzielt, datt si nach eng onbestuete Schwester hätt ... an nu kuck! kuerz drop gouf d'Marechen bestuet. Hire Mann wor de Victor Parmenier vu Léck, e gescheetenen Eisebunner.

D'Marechen huet émmer gär gekacht a krut och dofir vill Besuch. Am Gaart huet si ganz vill geschafft, a si weist oft fir kromm Fangeren, di „net fir näischt esou sinn“, betount si. „Dat ass vum Schaffen!“ An hire Gaart ass jo émmer nach do a wonnerschéin. Si freeet sech iwwert d'Fotoe vun hirem Liewenswierk, déi ech fir matbruecht hunn. Si hat deemols ausser vill Geméis och „zwee Schwäin, Hénger, Kanéngercher, eng Wäschmaschinn an e Frigo“ an huet duerfir „alles selwer gemat“. Vun Uebstbeem hat d'Marechen Äppel, Biren, Kiischten, Quetschen a Mirabellen. Si zielt alles genee a frou op.

D'Marechen huet dem Besuchsmupp Pipo seng traditionnell Leckerlie léif eragefiddert, a wi kee mi do wor, sot si op eemol grinsend zu him: „You haven't understood, my darling,“ an huet him di eidel Tut gewisen. Dee Saz huet eng Niess vun Esch si eemol geléiert, wéi si an der Vakanz beim Marechen wor.

Nach e bëssi Kamm an e bëssi Gesichtscrème, a schon ass et Zäit fir bei d'Méttegiessen erof ze trëppelen.

Léif, houffregt Marechen, mir kommen erëm - mam neie FUUSS mam Artikel iwwert lech ... a lauschteren gär nach anerer vun Äre Liewensgeschichten.

Villmools MERCI dem Marechen fir ech Begeeschterung un dësem Interview.

Damaris Pletschette



Damaris Pletschette

AG VUN DER SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE

Den 3. Mäerz war d'Generalversammlung vun der Société préhistorique luxembourgeoise (SCL), déi hire Sëtz zu Waldbëlleg huet. Leider konnt de President Marcel Ewers net drun deelhuefen; dofir huet de Vize-President Fernand Spier d'Activitéite vun der Societéit presentéiert.



Mike Michels

D'SCL war virun e puer Joer op Waldbëlleg geplännert. 2017 krut d'SCL Raim an den neie Gebaier vun der Nationalbibliothéik ugebueden. De Comité huet awer decidéiert, zu Waldbëlleg ze bleiwen, well déi Raimlechkeeten an der Sportshal et besser erlaben, déi grouss Bibliothéik vun der Societéit ze stockéieren. Den 29. Juni 2017 gouf en Oftkommes mat der Gemeng Waldbëlleg signéiert, dat der SCL déi Raimlechkeeten zur Verfügung stellt.

2017 gouf et eng Partie Konferenzen a Visitte vun interessante Sitten. Dat ass och fir 2018 esou geplant, an déi knapp 200 Membere vun der SCL ginn dorriwwer mat engem Bulletin informéiert.

De Comité vun der SCL huet déi heiten Zesummesetzung: Marcel Ewers, President; Fernand Spier, Vize-President; Marie-Paule Wagener a Georgette Bisdorff, Secretariat; Georges Thill, Keessjee; Pierre Ziesaire, national an international Kommunikatioun; Johnny Karger, Georges Jomé, Denise Leesch, Jean-Paul Müller, John J. Müller, Jean-Yves Ringenbach, André Schoellen, Jean-Paul Stein, François Valotteau, Memberen.

D'Société préhistorique huet hir Bibliothéik zu Waldbëlleg an der Sportshal. Wien déi wëllt kucke goen, soll de President Marcel Ewers um Telefon 83 61 52 kontaktéieren.

Marc Barthelemy

ÜBER DAS LOHESCHÄLEN BEI UNS

Wir sogenannte Gutländer mit unseren herrlichen, mit wertvollen Eichen- und Buchenstämmen durchsetzten Waldbeständen, erlauben uns manchmal respektlose Bemerkungen über die mickrigen *Eisleker Louhecken*. Diese meistens an steilen Felswänden wachsenden Hecken bestanden früher aus bewusst klein gehaltenen Eichenbeständen. Heute müssen diese immer häufiger den ertragreicherden, nicht einheimischen Fichten weichen. Das war nicht immer so, denn bei der Lederherstellung benötigte man früher die Rinde junger Eichen, die Lohe. Das Loheschälen war einst eine lohnende Nebenbeschäftigung der Öslinger Bauern, Tagelöhner und Dorfhandwerker. Neben dem Verkauf der Lohe lieferte das geschälte Eichenholz das benötigte Brennholz für den Winter. Dieses unentbehrliche Brennmaterial hatte zudem den besonderen Vorteil, dass es weiter nichts als die Arbeit kostete.



Ein heutiges Schweizer Gertel - so wird dort die Kromm genannt.

Im Mai, wenn der Saft in den Bäumen stieg, musste die Lohe geschält werden. Als Werkzeuge benötigte man Axt, Beil und Krummaxt (*Kromm*) sowie ein Spezialwerkzeug, den Lohlöffel (*Louschlüssel*). Der Dorfschmied stellte dieses, mit einer löffelförmig geschmiedeten Spitze und einer Schafftülle versehene Werkzeug her. In die Tülle kam ein hölzener Griff.

Früh am Morgen begaben sich die Lohschäler zu ihrem Arbeitsplatz in die Lohhecke. Ein erfahrener Lohschäler machte sich sofort an die Arbeit. Er führte seinen Begleitern, besonders den Anfängern, vor, wie man sich anlegen sollte, um die jungen Eichen fachgerecht von ihrer Rinde zu trennen. Gleichzeitig wollte er herausfinden, ob der Saft bereits gut stieg und sich dadurch die Rinde leicht vom Holz trennen ließ.

Bei den zu schälenden Eichenbeständen konnte man nicht von Bäumen sprechen, denn sie waren kaum 20 Jahre alt. Ab diesem Alter war die Rinde in der Regel nicht mehr abschälbar. Bei den jungen Eichen betrug der Durchmesser des Stammes in Mannshöhe etwa acht bis zehn Zentimeter.

Etwa zwanzig Zentimeter vom Boden über dem Wurzelstock kerbte der Schäler mit der *Kromm* die Rinde horizontal rund um den Stamm ein. Das gleiche tat er in rund zwei Metern Höhe. Dann ritzte er mit der scharfen Spitze der *Kromm* die Rinde senkrecht von oben nach unten ein. Nun wurde der *Louschlëssel* eingesetzt, der durch die Ritzen zwischen Rinde und Stamm getrieben wurde. Mit kräftigen Auf- und Abbewegungen und dem nötigen Druck drang der Schäler tief unter die Rinde. Diese löste sich, unter Protest mit leicht bis laut krachenden Geräuschen, vom Stamm.

Für die jüngeren Leser drängt sich eine Erklärung oder Beschreibung der immer wieder genannten *Kromm* auf¹. Dieses Gerät befand sich früher in jedem Haushalt und wird auch heute noch benutzt. Sie ersetzt in vielen Fällen die Axt oder das Beil, besonders bei leichterer Holzbearbeitung. Die *Kromm* hat eine halbrunde Form. Die Unterseite besteht aus einer scharfen geraden Klinge mit einer nach unten gebogenen, ebenfalls scharfen Spitze. Die Handhabung erfolgt über einen kurzen hölzernen Griff.

Nach dem Lösen der ersten Lohe wurde der halb geschälte Stamm gefällt. Mit der Axt wurde der Stamm über dem Wurzelstock zu zwei Dritteln eingeschlagen und dann mit einem kräftigen Ruck umgestoßen. Das elastische Holz bog sich durch, ohne abzubrechen. Dies war wichtig, denn das Lostrennen vom Stock hätte bewirken können, dass der Stock im eigenen Saft erstickte und im nächsten Jahr nicht mehr austriebe.

Nach dem Fällen des Baums wurde die Baumkrone entästet. Für die stärkeren Äste (*Loukléppelen*) wurde das Beil benutzt, während für die schwächeren die *Kromm* zum Einsatz kam. Wegen der zahlreichen Astlöcher mit hie und da hervortretenden Knoten war das Gipfelschälen wesentlich schwieriger als beim glatten Stamm. Mit einem Schlegel aus Eichenholz wurde deshalb die Rinde losgeklopft. Mit der flachen Seite der *Kromm* wurde ein schmaler Rindenstreifen zwischen den Astknoten abgetrennt, um den Lohschäler einsetzen zu können. Das Resultat war eine stark durchlöcherte Rinde.

Die Eichenrinde wurde eingesammelt und zum Trocknen ausgelegt. Nach mehreren Wochen wurden die trockenen, harten und spröden Rinden mit Faschinendraht (also Bindedraht) zu mächtigen Bündeln von ungefähr 25 kg gebunden und an einen gesicherten Platz zum Abtransport geschleppt.

Nach getaner Arbeit wurden die nun trockenen Stämme vom Wurzelstock abgeschlagen und ebenfalls zum Lagerplatz der Lohbündel geschafft und so schnell wie möglich als kostbares Brennholz nach Hause gefahren. Hier wurden sie zerkleinert und im Holzschuppen für den Winter eingelagert.

Mit dem Lohbettwagen – nomen est omen – wurde die Lohe zum Lohmüller gefahren. Über den Erlös aus dem Verkauf der Lohe haben wir nur wenige zuverlässige Anhaltspunkte. Im FUUSS von 2014 auf Seite 188 steht ein Artikel über die Seeblockade während des Ersten Weltkriegs, die den Import des billigen amerikanischen Quebrachogerbstoffs² für die einheimischen Gerbereien unterbrach. Dadurch erlebte die Eichenlohe eine neue Blüte. Vor dem Krieg kostete das Bündel 38 Sou (1 Franken = 20 Sou); im März 1916 erreichte der Preis der Eichenlohe 47 Franken pro Bündel.

Waren Lohe und Holz weggefahren, wurde im Herbst gesengt, d. h. alles Geäst, dürres Holz und Gesträuch wurden verbrannt. Den ruhenden Wurzelstöcken konnte dieser kleine Flächenbrand nicht schaden und sie trieben im folgenden Jahr wieder aus. In die Asche wurde Roggen gesät und mit der Hacke leicht untergescharrt, um im nächsten Jahr als Brotgetreide geerntet zu werden. An drei aufeinanderfolgenden Jahren konnte am gleichen Platz gesät und geerntet



¹ Eng Hipp (och: Héip, Häpp oder Heep), a verschiddene Géigende vum Land och nach Kromm oder Krëmmes genannt, ass e Schlomesser, dat zum Gaarden- a Bëschgeschrif gehéiert. Et gëtt gebraucht, fir Äscht ofzeschloen a Gestrépp ze botzen. (lb.wikipedia.org)

² Quebracho ist ein pflanzlicher Gerbstoff südamerikanischer Herkunft. Er wird aus Holz von Quebracho-Bäumen gewonnen, die in subtropischen Ebenen bei durchschnittlichen Tagestemperaturen von 24 bis 28 Grad Celsius gedeihen, hauptsächlich in Bolivien, Paraguay und Argentinien. Der Gerbstoffanteil des Holzes beträgt 20 Prozent. (www.leder-info.de)

werden, dann mussten die jungen Eichentriebe in Ruhe gelassen werden. Diese wurden dann nach ungefähr 20 Jahren als junge Eichen von einer neuen Generation Lohschälern in Lohe und Brennholz umgewandelt.

Vor Jahren fand ich in einem Abstellraum unseres Hofes eine alte Holzkiste; ihr Inhalt bestand aus vier sonderbaren Geräten, deren Verwendung mir ein Rätsel war. Ich fragte meinen Vater, wozu man diese Geräte eigentlich benutzt habe. Er erklärte mir, es handle sich um Lohschäler, die zum *Louschleissen* benutzt worden waren, im Seitert, dem kleinen Wald zwischen Haller und Waldbillig. Dass auch bei uns früher Lohe geschält wurde, war mir nicht bekannt gewesen. Diese Tätigkeit war für mich eine typische regionale Beschäftigung der Öslinger, mit ihren zahlreichen Lohhecken und den ortsansässigen Abnehmern. Als dann 1981 Emile Erpelding seine Chronik *Die Mühlen des Luxemburger Landes* herausbrachte, fand ich in diesem gut dokumentierten Wälzer mehrere Lohmühlen in unserer näheren Nachbarschaft, z. B. in Medernach, Fels, Ernzen, Gilsdorf, Reisdorf und Echternach. Die vielen Lohmühlen auf engstem Raum hätten ohne Belieferung mit Lohe aus der Umgebung keine Existenzberechtigung gehabt. Also ein weiterer Beweis für das Eichenschälen bei uns!

In den Lohmühlen wurde die trockene Eichenlohe zwischen Mühlsteinen zu einem feinen braunen Pulver gemahlen. Der Gerbstoff Tannin befindet sich in der Baumrinde der Eiche und wurde in der Gerberei zur chemischen Behandlung der Tierhäute benutzt, die zur Herstellung von Leder verwendet wurden.

Aufstellung der Lohmühlen in unserer Umgebung:

1. Medernach: Im Kataster von 1824 wird die seit 1802 bestehende Follmühle als Lohmühle bezeichnet.
2. Ernzen: Am 7. Januar 1828 wurde die Ermächtigung erteilt, in Ernzen eine Loh- und Follmühle zu erbauen.
3. Fels: Durch einen Beschluss vom 15. Februar 1823 wurde dem Eigentümer einer bisher ohne Erlaubnis erbauten Ölmühle die Genehmigung erteilt, abwechselnd neben der Ölmühle eine Lohmühle zu betreiben.
4. Gilsdorf: 1604 besaß die Herrschaft Rodt bei Vianden hier eine Mühle. François Poncin war 1766 Müller in Gilsdorf. 1824 war die Mühle verschwunden. Es wird angenommen, dass zuerst eine Getreidemühle, später eine Lohmühle betrieben wurde. Die Stelle, wo die Mühle stand, wird noch heute Op der Loumillen genannt.
5. Echternach: Am 6. Ventôse V, also dem 24. Februar 1797, ließ die französische Regierung ein erstes Los der Abteigebäude, begreifend eine Lohmühle (*moulin à tan*) und ein Sägewerk, als Nationalgut versteigern. 1824 besitzt das Zivilhospiz von Echternach in der Umgebung der Felsmühle neben drei anderen Mühlen eine Lohmühle. Die Vorkickmühle stand etwa 120 Meter oberhalb der alten Sauerbrücke und lag außerhalb der Stadtmauer, war aber an diese angebaut. 1760 verkaufte die Schusterinnung diese Lohmühle. 1824 gehörte die Lohmühle dem Gerber Foehr aus Echternach. Noch 1828 wurden in unserer Nähe Lohmühlen erbaut und gingen in Betrieb. So können wir annehmen, dass bis Ende des 19. Jahrhunderts bei uns Eichenlohe geschält wurde.

Marcel Ewers

- Bibliographie:
- Dichter N: Das Loheschälen. In Heimatkalender 1984, Landkreis Bitburg-Prüm.
 - Erpelding E: Die Mühlen des Luxemburger Landes. 1981 St. Paul.
 - Ewers M: Sorgen und Nöte der luxemburgischen Zivilbevölkerung im Ersten Weltkrieg. De FUUSS 2014.

PORTRAIT : MARCEL EWERS

Wie sidd Dir?

Ech sinn de Marcel Ewers, gebuer den 3. Abrëll 1938 zu Haler a mengem Heemechtshaus, A Schoustesch. D'Haus ass vu 1782, an eis Famill ass säit néng Generatiounen an dësem Haus a féiert zanterhier de Bauerebetrib. Ech si bestuet mam Marie-Anne Bartimes vu Befert. Mir hun dräi Kanner, d'Francine, d'Marielle an de Georges.

Ech sinn diploméiert vun der Akerbauschoul an hunn esou och de Bauerebetrib gefouert. Säit e puer Joren hunn ech meng Pensioun, an eise Bouf, de Georges, féiert den Betrib virun.

Dir hutt eng besonnesch Passioun. Kënnt Dir eis dovun erzielen, a wéi Dir dozou komm sidd?

Meng Passioun ass d'Préhistoire. Duerch Zoufall hat ech an engem Stéck vun eis, warscheinlech e Gromperefeld um Schreineschbierg am Niesendall, eng réimesch Ménz fonnt. Do war eng réimesch Villa.

Et war eng selwer Ménz (mat Koffer dran), déi ech an de Musée bruecht hunn. Duerno war ech op Iechternach an d'Librairie, wou ech mer Bicher iwwer réimesch Ménze kafe wollt. Si haten awer keng, an ech hu mer amplaz e Buch vum Marcel Lamesch iwwer d'Préhistoire am Marscherwald matgeholl. An ech hu mech gefrot: Wann ee Saachen am Marscherwald fénnt, wisou dann net och an eiser Gemeng?

Déi Woch drop sinn ech sonndes an den Immendall (vis-à-vis vum Marscherwald) zwou Stonnen an e Stéck siche gaang, a wéi ech heemkoum, hat ech iwwert zwanzeg Silexen opgeraf, mat enger Feilspëtz. Sou war et ugaang.

An där Zäit, 1979, ass zu Lëtzebuerg eng wëssenschaftlech Gesellschaft gegrënnt ginn, d'Société préhistorique luxembourgeoise.



Dir sidd säit e puer Joren President vun der Société préhistorique luxembourgeoise. Wat ass dat fir e Veräin, an wat si seng Aktivitéiten?

D'Société préhistorique luxembourgeoise huet 200 Memberen. Si huet hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg an der Sportshal an huet do och hir Bibliothéik. Mir kruten am Joer 2006 d'Méiglechkeet vun der Gemeng Waldbëlleg, an dës Lokalitéiten eranzelënneren. An eis d'Bibliothéik kënnen interesséiert Leit kommen, wann se bei mir e Rendez-vous froen.

Mir hu reegelméisseg Konferenzen, déi mer an der Gemeng Waldbëlleg maachen. Mir bedeelegen ons un Ausgruewunge vum Musée hei am Land, an all Joer bréngt mir e Buch eraus. Mir hunn an eiser Sociétéit international renomméiert Wëssenschaftler fir d'Préhistoire.

Mir hu kee Musée hei zu Waldbëlleg mat eise Saachen, mee et fénnt een der am Musée um Fëschmaart an der Stad. Do ass esouguer d'Karelslee nogebilt, déi hei an der Gemeng ass.

Dir sidd zanter ville Joer énnerwee an der Gemeng op der Sich no raren Objeten. Wéi eng besonnesch interessant Objeten hutt Dir fonnt? Wou sinn déi interessantste Plazen hei an der Géigend?

Um Reineschhof (Gemeng Miedernach) hunn ech Outile vum Magdalénien (20.000-12.000 viru Christus) fonnt. Déi sinn elo an enger Vitrinn am Staatsmusée.

Den Immendall hei an der Gemeng bleibt émmer nach eng vun den interessante Plazen. Do fénnt ee vill aus dem Mesolithikum, der Mëttelsteenzäit (10.000-7.000 viru Christus). De Gréiwenhoff ass déi Plaz, wou een am meeschte fénnt. Do hunn ech an engem Joer bis zu zwanzeg Feilspätzte fonnt.

Ech hunn hei an der Géigend och eng ganz Partie Aaxten aus Silex vu verschiddenen Type fonnt.

Dir waart och jorelaang an der Gemengepolitik aktiv, zwielef Joer als Conseiller a sechs Joer als Schäffen. Wéi ass et dozou komm, a wisou wollt Dir lech engagéieren?

Ech hunn deemoos virun 30 Joer, wéi ech mech engagéiert hunn, wëlle Saache veränderen. Als Conseiller ass et schwéier, fir kënnen eppes ze änneren oder sech duerchzesetzen. D'Majoritéit hält zesummen.

Mee ech hunn awer, mengen ech, déi Zäit verschidde Saachen zum Gudde gedréint kritt an diplomatesch nei Impulser ginn, och wann ech hei ansdo méi haart Oppositounsaarbecht hu misse leeschten. Doduerch war et mir an där Period och net méiglech, an de Schäfferot ze kommen. Meng Demissioun no zwielef Joer Conseiller huet, mengen ech, bei den nächste Walen eng komplett Émwälzung bruecht.

No enger Paus vun 18 Joer huet den deemolege Buergermeeschter Gérard Bender mech erëm dovun iwwerzeeght kritt, fir matzegoen. Ech gouf du Schäffle fir sechs Joer, wat eng schéin Zäit war.

Wat sinn Är markantste Souvenire vun all deene Joren am Déngscht vun der Gemeng?

Déi Zäit am Schäfferot war eng ganz flott Zäit, an där mer bis bal zum Schluss allen dräi ganz gutt zesummegeschafft hunn. Mir hunn deemoos vill realiséiert a sinn och gären dorëmmer am Déngscht vun der Gemeng énnerwee gewiescht, sief et fir Aweiungen oder Reuniounen.

Ech sinn houfreg op déi Aarbechte vun deemoos, ewéi zum Beispill déi nei Maison relais, oder och dorobber, wat aus der Heringer Millen am Mëllerdall entstanen ass.

Entwéckelt sech d'Gemeng esou virun, ewéi Dir lech dat virgestallt hat?

Ech sinn der Meenung, datt bis elo d'Gemeng émmer moderéiert gewuess ass. Mir hunn eng Infrastruktur, déi an der Rei ass, déi eventuell op der enger oder anerer Plaz muss verbessert ginn. Mat deem moderate Wuesstem sinn ech ganz zefritten.

Wat ech net gäre géif gesinn, ass, datt op eemol vill Residence géife kommen, an esou den Duerfcharakter verluer géing.

Wat sinn Är perséinlech Zieler? Gëtt et eventuell eng Ausstellung vun Ären Objeten ze gesinn?

Natierlech wünschen ech mir eng gutt Gesondheet fir déi nächst Joren.

Et gëtt eng Ausstellung vun der Kultur- an Tourismuskommissioun mat mengen Objeten am Oktober organiséiert. Do géif ech mech natierlech freeën, wa vill Leit déi interessant Objeten aus der Préhistoire bewonnere kéimen.

Marcel Ewers, mir soe Merci fir dat interessant Gespräch a wünschen lech weiderhin alles Guddes, eng gutt Gesondheet an nach vill nei Entdeckunge bei Äre Recherchen.

Interview: Maxime Bender



80 Joer!

Eng Delegatioun vun der Kultur- an Tourismuskommissioun war dem Marcel Ewers wünschen, fir seng 80 Joer: Marc Barthelemy, Maxime Bender, Marc Feidt, Henry Wickens.


Dobäi ass natierlech och d'Gespréich op dem Marcel Ewers seng Sammlunge komm an eng Partie vun de schéinste Stécker si sech ugekuckt ginn.

Maxime Bender & Marc Barthelemy



Marc Barthelemy

Damaris Pletschette



WOU ASS DAT ?



1



2



3

Wat gesitt Dir op den heite Fotoe vun Damaris Pletschette, Elisabeth Koltz a Marc Barthelemy?

Wou ass dat ?

Schreift eis op fuuss@waldbillig.lu mam Stéchwuert *Wou ass dat?*

Fir déi beschten Äntwert gëtt et eng Iwwerraschung!

WOU WAR DAT ?

D'Äntwerten op de Concours vun der leschter Ausgab sinn déi heiten :



Dëst ass eng Vue op déi **hënnescht Säit vum Hotel Cigalon am Mëllerdall**, vun engem Feldwee aus, dee vum Mëllerdall a Richtung Haler iwwert de Mëllerdall-Trail féiert.



Dës Foto ass vum Parking vum Hougericht aus gemaach, **op der Strooss téscht Chrëschtnech an der Fiels**. Vun hei aus huet een eng schéi Vue op d'Héicht erop, wou ee riets d'Haiser 11 an 13 vum Freckeisen gesäit a lénks d'Scheier vum Theinshaff, deen zur Ärenzdaller Gemeng gehéiert. Mee d'Scheier vis-à-vis vum Haff läit an der Gemeng Waldbëlleg.

Déi Héicht mécht net némmen d'Grenz téscht de Gemengen, mee do treffen och d'Bezierker Osten an Norden openeen.



Zu Chrëschtnech steet **an der Schoulstrooss op dem Terrain**, dee fréier dem Entrepreneur Marcel Greischer gehéiert huet, eng al Bensinspompel.



Vu Waldbëlleg an de Mëllerdall erof, op der CR 356, steet bei der Plaz, déi Millepitter genannt gëtt, eng al Dréchemauer, op där Beem gewuess sinn.



Wann ee vun Hiefenech aus op Chrëschtnech erafiert, dann huet een hei kuerz viru Chrëschtnech eng flott Vue op d'Duerf.



Dat heiten ass eng vun de Brécken, déi Trëppelfrënn am Mëllerdall iwver d'Schwaarz lernz féieren. Dës Bréck ass **vis-à-vis vum Cigalon**, an de Wee W3 féiert doriwwer.

Et ass Privatterrain, mee iwwert e Bail emphytéotique huet d'Gemeng Wald-bëlgel kierzlech de Wee an d'Bréck iwwerholl a suergt fir den Entretien.

De Gewënner

Déi beschten Äntwert huet de **John Trierweiler** vu Chrëschtnech eraginn. Hie krut dofir e klenge Präis iwwerreecht.



Op der Foto, déi vum Kim Ruppert geholl ginn ass, ass de John Trierweiler encadréiert vun Isabelle Oberlé a Marc Barthelemy, Membere vum Redactiounscomité.

D'MILLEFEST 2018

Sonndes, den 13. Mee war am Mëllerdall d'Millefest. Hei si visuell Impressioune dovunner vum Filipe Soares.





Damaris Pletschette & Filipe Soares



LIEBE FREUNDE DES KLIMASCHUTZES!

Nach einer wahlbedingten Pause im letzten Jahr, schwingt sich nun auch das Klimateam Waldbillig wieder in den Sattel, um den grünen Gedanken in der Gemeinde voranzutreiben. Im ganzen Land wurde die Arbeit am Klimapakt aufgrund der Gemeindewahlen zwar eingeschränkt, kam aber nicht zum Erliegen.

Auch der neue Schöffenrat wird die Arbeit im Klimapakt weiterführen und setzt sich das Ziel, die bisherige Bewertung von 51% zu verbessern. Grundlage wird ein Aktionsplan anhand des Maßnahmenkatalogs des Klimapakts sein, der klare Zielsetzungen fordert. Eine nachhaltige und klimaschützende Ausrichtung der Politik ist also auch unter neuer Führung gesichert.

Dementsprechend startet Waldbillig mit teilweise neuen Gesichtern im Klimateam in das Jahr 2018. Dieses Team wollen wir den Einwohnern der Gemeinde natürlich nicht vorenthalten. Ein Foto wird Ihnen in einer der nächsten Ausgaben des De FUUSS nachgereicht.

Mitglieder des Klimateams:

- Andrée Henx-Greischer, Bürgermeisterin
- Serge Boonen, Schöffe
- Théo Moulin, Schöffe
- Maxime Bender, Gemeinderat
- Corinne Meyers, Gemeinderätin
- Mike Michels, Gemeinderat
- Romain Tobes, Gemeinderat
- Jean-Joseph Tholl, Gemeinderat
- Marc Feidt, Bürger
- Regina Ladroye, Bürgerin
- Filipe Soares, Gemeindeverwaltung
- Thomas Rünnenburger, Klimaberater

Am 27.03.2018 fand dann auch die erste Klimateamsitzung statt um die neuen Mitglieder über den Klimapakt und die Aufgaben des Teams zu informieren. Zu den bereits bekannten Informationen kam die Erweiterung des Klimapakts um die Themen *Loftqualitéit* und *Économie circulaire*, die in einem eigenen Bewertungssystem eine Zusatzzertifizierung ermöglichen.



Zusatzzertifizierung LOFTQUALITÉIT Zusatzzertifizierung ÉCONOMIE CIRCULAIRE

Die Mitglieder trugen sich in die sechs Arbeitsgruppen der jeweiligen Bereiche des Maßnahmenkatalogs des Klimapakts ein.

Im Mai wird sich die Arbeitsgruppe zum Thema *Pädagogischer Spielplatz im Müllerthal* treffen. Das Projekt bietet sich an, um den Klimapakt einer breiten Öffentlichkeit zu kommunizieren. Hier spielen die Themen regionale Produkte, Nutzung erneuerbarer Energien, Sensibilisierung von Einwohnern und Einbringung des Klimaschutz-Maskottchens eine wichtige Rolle.

Womit wir zum allseits beliebten Super-Klimapakt-Fuuss kommen. Dieser taucht seit 2018 als Begleiter der Kinder auf ihrem Schulweg auf und zeigt den sicheren Schulweg in der Gemeinde über die dargestellte Beschilderung an:

De Schoulwee ouni Auto



Die Rubrik Klimapakt informiert die Einwohner der Gemeinde Waldbillig in schöner Regelmäßigkeit über die Themen Klima- und Umweltschutz sowie Energieeinsparungen und CO2-Senkung.

Hier sei erwähnt, dass man auch auf der Homepage der Gemeinde immer wieder Informationen zum Thema unter *Environnement & Écologie / Pacte climat* finden kann. Hier werden Sie umfassend mit Beiträgen und Tipps versorgt und wir würden uns freuen Ihr Interesse und Engagement auch an dieser Stelle zu wecken.

Die Kosten der Gemeinde für den Klimapakt werden vom Staat bezuschusst. Die Höhe der finanziellen Förderung hängt von der Zertifizierung ab. Waldbillig, mit 50prozentiger Zertifizierung, erstattet der Staat 25 Euro pro Einwohner bis zu einem Maximum von 250.000 Euro, im Jahre 2018.

Bei Erreichung des Goldlabels der 75prozentigen Zertifizierung steht der Gemeinde eine höhere Förderung zu.

In diesem Sinne einen guten Start in den Sommer,

Ihr Klimaberater
Thomas Rünnenburger



Thomas Rünnenburger, 45 Jahre, als Architekt und Energieberater ausgebildet, ist Klimaberater der Gemeinden Bettembourg, Bissen, Colmar-Berg, Dudelange, Rosport-Mompach und Waldbillig.

GROUSS BOTZ AN DER GEMENG AN DE PHENOMEN VU ,LITTERING'

De 7. Abrël war zu Waldbëlleg di alljärlech Freijoersbotz. D'Organisateure waren d'Gemeng, d'Pompjeeën an de Syndicat d'Initiative. De Rendez-vous war beim Parking vun der Maison relais zu Waldbëlleg um 9 Auer moies mat Kaffi a Croissanten. Ëm 12 Auer ass d'Aktioun mat Spaghetti fir jiddereen ofgeschloss ginn.



 Jonathan Thill

Ronn 50 Leit hu gehollef, virun allem d'Weeër an d'Stroosseränner vu Chrëschtnech, Waldbëlleg, Haller, Mëllerdall a Freckeisen ze botzen.

Agesammelt goufen eng zwee Kubikmeter Offall, meeschten Béchsen a Plastiksbehälteren. Et ass eng gutt Camionnette voll Dreck ginn, ongefëier d'Hallschend vum Joer virdrun, sot de Rol Wagner vun de Waldbëlleger Pompjeeën.

Virdrun haten allerdéngs och schonns Ponts et Chaussées eng Kéier gebotzt.

De Phenomen vu ,Littering' ass a leschter Zäit emmer méi präsent. Béier-, Energydrinkbéchsen an Zigarette verschampeléieren d'Natur.

D'Zigarettestëmp hu Gëftstoffer wi Arsen, déi an de Buedem oder an d'Gewässer kommen. Plastik zersetzt sech a Mikropartikel a geréit esou an de System vun Déier a Mënsch.

D'Gullien, di d'Waasser sammelen, können duerch de Plastik oder soss Offall verstoppt ginn, an da kann et éischter zu Iwwerschwemmunge kommen.

D'Waasser, dat sech am Dreck, z.B. an ale Containeren oder Pneue sammelt, zéit Moustiquen un a ka Krankheete verbreeden.

De „Littering“ huet och ekonomesch Konsequenzen: D'Botzen duerch Ponts et Chaussées all Joer gëtt deier. All dee Knascht laanscht d'Strooss oder d'Weeër schuet dem Tourismus am Naturpark Mëllerdall: Wee geet scho gär do spad-séieren, wou iwverall Dreck läit?

Isabelle Oberlé



© Isabelle Oberlé

© Damaris Pletschette



NEI BIERGER AN EISER GEMENG

De 26. Mäerz goufen déi neigebuere Kanner mat hiren Elteren vum Schäffen- a Gemengerot zu Chrëschtnech am Veräinsbau empfaang.

Wéi et an eiser Gemeng Traditioun ass, krut al Kand e jonke Bam geschenkt. Do konnten d'Eltere wielen, an am meeschte gouf sech e Kiischtebeemche gewünscht.



SPEKTAKÜLÄR AARBECHTEN AM BËSCH

Den 20. Februar goufen um Seitert, bei Haler, Beem mat enger Seelbunn aus dem Bësch geholl. Dat huet et dem Filipe Soares erlaabt, schéi Fotoen ze maachen.



EN TOUR DUERCH D'DUERF

Vum 17. September bis de 7. Oktober 2017 haten d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg an de Verkéiersverbond invitéiert, mam Vélo duerch déi eege Gemeng ze fueren an esou dës douce Mobilitéit kennen ze léieren. Esou sollt de Leit, a speziell de Gemengeresponsabelen, d'Situatioun vun de Vélosfuerer an der Gemeng gewisen an even-tuell Verbesserungen émgesat ginn.



36 Gemengen am ganze Land hate matgemaach. 199 Equipe mat 731 Vélosfuerer sinn zesummen 113.979 Kilometer gefuer an den dräi Wochen, déi d'Aktioun gedauert huet. Dat sinn 16,19 Tonnen CO₂ manner, ewéi wann een déi Strecke mam Auto gefuer wier.

Et war déi 4. Editioun vum Tour duerch d'Duerf, an déi mam meeschte Succès, wat d'Zuel vun de Gemengen, vun den Equippen a vun de Vélosfuerer ugeet, déi matgemaach hunn.

An der Gemeng Waldbëlleg sinn 2007 Kilometer mam Vélo gefuer ginn. Dëst entsprécht 285 kg CO₂ manner am Ver-glach zu engem Mëttelklass-Auto. Wann een déi gefuere Kilometerzuel pro Awunner rechent, dann huet sech Waldbël-leg op déi aachte Plaz klasséiert vun de 36 Gemengen, déi derbäi waren.

De 5. Februar 2018 huet de Schäffens- a Gemengenrot d'Vélosfuerer aus der Gemeng Waldbëlleg geéiert, déi do mat-gemaach haten. No enger Usprooch vun der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer krute si en Diplom iwver-reecht.

Geéiert goufen :

- Madame Jil Beckené
- Här Gilles Bormann
- Här Matt Bormann
- Här Henri Colbach
- Här Alex Federmeyer
- Madame Andrée Henx-Greischer
- Madame Ann Penning
- Här Jean-Luc Schleich
- Madame Myriam Scholtes
- Här Filipe Soares
- Här Ern Wagner
- Här Romain Wies

Dëst Joer ass nees den Tour du Duerf 2018, vum 17. September bis de 7. Oktober. Méi Infoen doriwwer gëtt et um Internetsite www.tourduduerf.lu.

Marc Barthelemy



Filipe Soares



Pacte Climat

Ma commune s'engage pour le climat

Commune engagée

Pacte Climat




Pacte Climat



Pacte Climat

European Energy Award

Pacte Climat



LANDWIRTSCHAFT A WAASSERSCHUTZ

Den 9. Abrëll war am Veräinsbau zu Chrëschtnech eng gutt besichte Konferenz iwwert Kooperation zwischen Wasserversorger und Landwirtschaft vun der Madame Jeanne Hennicot vum Waasserwirtschaftsam. Si huet do virun allem iwwert d'Prozedure geschwat, déi Bauerebetriber mussen anhalen, fir d'Bestëmmungen iwwert de Waasserschutz ze respektéieren. Dat ass an der Gemeng Waldbëlleg besonnesch wichtig, well e grousse Deel vun der Gemeng an de Waasserschutzone vun den Drénkwaasserquelle leien. D'Madame Hennicot huet émmer erëm énnerstrach, datt et drëm geet, systematesch Verknaschtungen ze identifizéieren an ze suppriméieren.



Dofir waren nieft dem Gemengen- a Schäfferot an de Beamten aus der Gemeng all Bauerebetriber aus der Gemeng an vun de Gemenge ronderëm vertrueden an et gouf interesséiert nogelauscht. Nom Virtrag huet d'Madame Hennicot dann och op Froe geäntwert, vun deenen der eng Partie gestallt goufen.



Marc Barthelemy

SYNDICAT POUR L'AMÉNAGEMENT ET LA GESTION DU PARC NATUREL DU MËLLERDALL

Den 20. Januar huet de Syndicat vum Naturpark Mëllerdall sech getraff.

De President Camille Hoffmann, Buergermeeschter vu Beefort, ass fir en neit Mandat erëmgewielt ginn. Hie war eenzige Kandidat a krut 13 vu 14 Stëmmen.

Als Représentant vun de Gemengen ass de Romain Osweiler vu Rouspert-Mompech gewielt ginn, mat 7 Stëmmen géint 6 Stëmme fir de Ben Scheuer vun lechternach an enger Enthalung.

Als Member vum Bureau sinn d'Liette Mathieu vum Departement Aménagement du territoire an de Ben Scheuer vun lechternach eestëmmeg gewielt ginn. Och d'Madame Françoise Elvinger vum Landwirtschaftsministère ass mat 13 Stëmmen an enger Enthalung gewielt ginn.

De Claude Petit ass eestëmmeg als Delegéierten an d'Birgit Kausch als seng Vertriederin an de Groupement d'action locale (GAL) LEADER Regioun Mëllerdall gewielt ginn.

 Damaris Pletschette



CIGR MËLLERDALL

De 26. Mäerz war zu Bäerdref déi uerdentlech Generalversammlung vum Centre d'initiative et de Gestion régional (CIGR) Mëllerdall. De President Ern Walerius huet a senger Usprooch d'Reussite vun de Projete vum CIGR éännerstrach.



Vu lénks en Deel vu de Membere vum Conseil d'administration: Dan Scharff (Gemeng Bäerdref), Christian d'Harcour (Gemeng Hiefenech), Hughes Herbillot (Responsabel vum CIGR Mëllerdall), Ern Walerius (President), Camille Hoffmann (Gemeng Beefort), Guy Biren (Gemeng Noumer).

De CIGR bitt jo enger Partie Leit op der Sich no enger Aarbecht d'Méiglechkeet, am Kader vun dem Service de proximité oder dem Rentabike ze schaffen.

De Rentabike am Mëllerdall huet 2017 no un 3.500 Véloë verlount. Dat sinn der duebel esou vill wéi 2013. Am meeschte ginn d'Véloen natierlech am Juli-August gefrot, an am mannsten an de Wanterméint. De Reparatiounsatelier ass net méi zu Bäerdref, mee um Grondhaff a wesentlech méi grousse Lokalitéiten.

E Vélo kascht 12 Euro pro Dag, e Mountainbike 15, en E-Bike 20. D'Awunner vun de Gemengen, déi um CIGR bedeelegt sinn, kréien eng Remise a bezuelen just 8, 10 a 15 Euro.

De Service de proximité, d'Heinzelmännercher, huet och en zolitte Wuesstem. Mat bal 9.000 Stonnen a bal 1.000 Interventiounen am Joer 2017 sinn et der zéng Prozent méi ewéi dat Joer virdrun. Eng Êmfro huet gewisen, datt 98% vun de Clienté mam Service zefridde sinn.

De Finanzrapport ass vun engem agreeiéierte Réviseur d'entreprises présentiert ginn. Déi finanziell Situatioun ass gesond. D'Konte sinn dann och vun der Assemblée générale ugeholl ginn an den Trésorier krut d'Décharge.

Verschidden Delegiéerte vun de Gemengen am Conseil d'administration sinn ersat ginn, dorënner och d'Andrée Henx-Greischer vun der Gemeng Waldbëlleg, där hir Plaz de Marc Barthélémy iwwerholl huet.

DE RECYCLINGZENTER JONGLËNSTER

De Recyclingzenter (RC) Jonglënster huet den 3. Mäi 2011 seng Dieren opgemaach, op enger Gesamtfläch vu 4.500 Quadratmeter. E gëtt benotzt vun den Awunner aus de Gemenge Bech, Bäerdref, Konsdref, Jonglënster a Waldbëlleg, déi vun hirer Gemeng eng Kaart kréien, fir kënnen an den RC eranzefueren.

Am Total sinn dat 14.414 Awunner (Stand 1/1/2018). 2017 sinn 58.124 Autoen eragefuer, an déi hunn Offäll an Héicht vu 5.318 Tonnen hannerlooss.

Stoffgruppen	Total 2017 (kg)
Al Kleeder	46 144
Holz	955 670
Bauschutt	2 049 977
Elektroschrott	184 986
Glas	119 501
Metaller	239 342
Pabeier/Kartong	220 828
Planzenoffäll	812 850
Plastik	32 448
Pneuen, Gummi	31 670
Sperrmüll	448 820
Superdreckskëscht	176 058
Stoffgruppen total	5 318 294



Zanter 2011 ass d'Unzuel vun den Entréeë vun Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg vun 813 op 3.761 geklommen. Mat enger Awunnerzuel vun 1.767 Leit sinn dat elo ronn 2,13 Entréeën op de Kapp. Fir d'Gemeng falen domadder Onkäschten an Héicht vun 53.940,01 € un, also iwwer 14 Euro pro Entrée an iwwer 30 Euro pro Awunner.

De RC Jonglënster bitt méi ewéi némme Sammele vun Offall. Am Secondhand-Shop kann ee Saachen ofginn, déi nach gutt sinn. An et kann ee bis zu dräi Géigestänn pro Besuch erëm mathuelen.

Als Privatpersoun kann een och gratis zwee Säck Kompost à 40 Liter mathuelen. Gréisser Quantitéité ginn et beim SIGRE am Muertendall ze kafen. Bis zéng Tonne kascht dat 7,50 € pro Tonn, ab zéng Tonne sinn et 4 € d'Tonn.

Romain Tobes

De Recyclingzenter zu Jonglënster ass sonndes a méin-des zou. Déi aner Deeg ass en déi heiten Zäiten op:

- dënschdes vu 7h bis 13h
- mëttwochs vun 12h30 bis 18h30
- donneschdes vun 13h30 bis 19h30 (am Summer)
- freides vun 12h30 bis 18h30
- samschdes vu 9h bis 17h

Tel.: +352 26 78 32-1

Fax: +352 26 78 32-22

E-Mail: info@rcjunglinster.lu

Adress: Recyclingcenter Jonglënster,
Beim Rossbur, L-6114 Junglinster



INFORMATIOUNE FIR DE BIERGER

D'GEMENG

D'Gemengenhaus ass am *Hentgesbau*,
1, rue André Hentges L-7680 Waldbéllég

D'Gemeng ass op:

- méindes bis freides, vu 7h30 bis 12h,
- dënschdes mëttes vun 13h30 bis 17h,
- donneeschdes mëttes vun 13h30 bis 19h.

Telefon an E-Mail:

- Recette 83 72 87 23, recette@waldbillig.lu
- Sekretariat 83 72 87 22, secretariat@waldbillig.lu
- Population 83 72 87 21, gemeng@waldbillig.lu
- Bauten 83 72 87 27, batisse@waldbillig.lu

DE FUUSS

Dräimol d'Joer kënnt de Gemengebulletin *De FUUSS* eraus, deen iwwert d'Gemeng an Ëmgéigend informéiert. *De FUUSS* gëtt un all Boîte an der Gemeng verdeelt.

Wien net (méi) an der Gemeng wunnt, dee kann *De FUUSS* bestellen um Sekretariat vun der Gemeng.

Wien interesséiert ass, dorunner matzeschaffen, soll weg. eng Mail schécken: fuuss@waldbillig.lu

OFFALL

All Datumer an Informatiounen iwwert d'Ewechhuele vun den Déchete stinn um Offallkallenner vun der Gemeng, deen am Dezember fir dat ganzt Joer drop opgestallt an all Boîte verdeelt gëtt. Op der Gemeng kritt een eng Kopie dovun, oder op www.waldbillig.lu

D'Poubellen an d'Biotonnen ginn all Dënsdeg eidel gemaach.

- D'Poubellë ginn et an de Gréissten 40 Liter, 60 Liter, 80 Liter, 120 Liter.
- Et kann een eng Biotonn vu 40 Liter oder 80 Liter kréien.

Glas a Pabeier ka jiddwereen an extra Këschte samme-lén. Déi kritt een op der Gemeng, a si gi virun all Haus all

INFORMATIONS UTILES

L'ADMINISTRATION COMMUNALE

*L'administration communale se situe dans la Maison communale, appelée *Hentgesbau*, 1, rue André Hentges L-7680 Waldbillig.*

Horaires :

- du lundi au vendredi, de 7h30 à 12h,
- mardi après-midi, de 13h30 à 17h,
- jeudi après-midi, de 13h30 à 19h.

Téléphone et adresses électroniques :

- recette 83 72 87 23, recette@waldbillig.lu
- secrétariat 83 72 87 22, secretariat@waldbillig.lu
- population 83 72 87 21, gemeng@waldbillig.lu
- bâisses 83 72 87 27, batisse@waldbillig.lu

DE FUUSS (Le renard)

De FUUSS est le bulletin communal qui paraît trois fois par an. Il est distribué à tous les ménages de la commune et renseigne sur la commune et les environs.

Quiconque n'habite pas (plus) dans la commune de Waldbillig, peut faire la demande à la commune de se faire envoyer le bulletin à son adresse.

Toute personne intéressée peut collaborer à la rédaction du De FUUSS. Contact : fuuss@waldbillig.lu

DÉCHETS

Toutes les informations relatives à l'enlèvement des déchets ménagers sont fournies par le calendrier des collectes de déchets, distribué en début d'année à tous les ménages. Le calendrier est disponible sur www.waldbillig.lu

Les poubelles pour les déchets ménagers et celles pour les déchets bios sont enlevées les mardis.

- Les poubelles pour les déchets ménagers contiennent 40 litres, 60 litres, 80 litres ou 120 litres.
- Les poubelles pour les déchets bios contiennent 40 litres ou 80 litres.

Le verre et les vieux papiers sont enlevés tous les quinze jours, dans des bacs mis à la disposition des ménages.

Blo Tuten: Eng Partie recyclabel Verpakungen gi mat de bloen Tute vun der Valorlux all 14 Deeg virun all Haus agesammelt. Informatiounen: <http://valorlux.lu>

D'Superdreckskëscht fierst regelméisseg duerch d'Gemeng, fir toxesch Décheten ze sammelen. D'Informatiounen doriwwer stinn um Kalenner an op www.sdk.lu.

De Kalenner gëtt och en Datum un, wou **al Kleeder** gesammelt ginn.

Fir **Schratt an elektresch Apparate** kann een op der Gemeng froen, datt se ewech geholl ginn.

Fir **Gaardenoffäll** gëtt et en Dépôt bei Waldbëlleg, nieft der Strooss, déi laanscht d'Schoul op Freckeisen erop geet.

Recyclingcenter Jonglënster: dofir brauch een eng Kaart, déi all Bierger vu Waldbëlleg vun der Gemeng geschéckt kritt.

Den Center ass zu Jonglënster, beim Rondpoint uewe bei den Antennen. Et kann een do Décheten aus dem privaten Haushalt offlueden, ë. a. Sperrmüll, Kartonen, Eeäerkartonen, Stëpp, Holz, all Zorte Plastik (zortéiert no de Plastiknummernen 1 fir PET, 5 fir PP, 6 fir PS), Sondermüll.

Informatiounen op www.rcjunglinster.lu

TRANSPORT

BUSLINNEN

Horaires op www.mobiliteit.lu

D'Buslinn 107 Beefort-Lëtzebuerg hält zu Haler, zu Waldbëlleg an zu Chrëschtnech. Si fierst iwwer Jonglënster neierdengs bis op de Kierchbierg, wou een an den Tram èmklémmt. Si fierst an der Woch eemol d'Stonn vu moies 6 his owes hallwer 11.

De **Bus 108** fierst wiertes siwe Mol vum Mëllerdall déi eng Säit op de Grondhaff an déi aner Säit op d'Schanz (Altréier).

De **Bus 414** fierst aachtmol wiertes vun Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech op Beefort an lechternach.

De **Bus 416** fierst véiermol wiertes vu Waldbëlleg a Chrëschtnech iwwert Konsdref op lechternach an iwwert d'Fiels op Miersch.

Les **emballages recyclables** sont enlevés tous les quinze jours dans des sacs bleus, à retirer à la mairie. Informations : <http://valorlux.lu>

Les **déchets toxiques** sont collectés par la Superdreckskëscht, aux dates indiquées par le calendrier et sur www.sdk.lu.

Le calendrier indique aussi les dates pour la collecte de **vieux vêtements**.

Pour la **ferraille et les appareils électriques** et électriques, on peut demander à l'administration communale de les faire enlever sur rendez-vous.

Les **déchets de jardin** (terre, herbe, feuilles, arbustes) sont à mettre au dépôt aménagé à cet effet, à proximité de Waldbillig sur la petite route partant du centre scolaire et menant à Freckeisen.

Des détritus de toutes sortes, cartons, bois, bouchons, plastiques (PET, PP, PS) peuvent être déposés au **centre de recyclage à Junglinster**, L'accès se fait avec une carte électrique fourni à tout habitant de la Commune de Waldbillig.

Renseignements : www.rcjunglinster.lu

TRANSPORTS

LIGNES DE BUS

Les horaires se trouvent sur le site : www.mobiliteit.lu

Les lignes touchant le territoire de la commune de Waldbillig sont les suivantes, avec les fréquences indiquées du lundi au vendredi :

Bus 107 : de Haller, Waldbillig et Christnach, de 6h à 10h30 vers la gare du tram à Luxembourg-Kirchberg.

Bus 108 : de Mullerthal sept fois par jour vers Grundhof, six fois vers Altrier.

Bus 414 : huit fois par jour de Haller, Waldbillig et Christnach vers Beaufort et Echternach.

Bus 416 : quatre fois par jour de Waldbillig et Christnach vers Consdorf et Echternach, ainsi que vers Larochette et Mersch.

De **Bus 470** fiert wiertes all Stonn vum Mëller dall, vu Waldbëlleg a Chrëschtnech op Konsdref an op d'Schanz (Altréier).

De **Bus 504** fiert wiertes all Stonn vun Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech iwver d'Fiels, Miedernach a Steeën op Ettelbréck.

De **Bus 848** fiert moies ganz fréi, mëttes an owes iwver Miedernach a Cruuchten op Colmar an hannescht.

DE BUMMELBUS

De Bummelbus ass en Transportservice op Demande vum Forum de l'Emploi, vun deem d'Awunner aus verschidde Gemenge kënne profitéieren, dorënner och déi vu Waldbëlleg.

De Bummelbus féiert lech op Rendez-vous an d'Ëmgéigend a bréngt lech heem. Je no Distanz kascht dat 2 bis 7 Euro fir ee Wee. De Bummelbus fiert an der Woch vu 6h30 bis 21h15, samsdes bis 17h15.

De Rendez-vous muss 24 Stonnen am Viraus gebucht ginn, um Telefon **26 80 35 80** an de Bureausäite vun 8h bis 18h, oder iwver E-Mail bummelbus@fpe.lu.

De Bummelbus ass nomëttes meeschters ausgebucht, wann d'Schoukkanner an hir Fräizäitaktivitéité gefouert ginn. Faarten déi Zäit sinn dacks net méiglech an et muss ee flexibel sinn.

DEN NIGHTRIDER

Den Nightrider fiert am ganze Land, freides a samschdes vun 18h bis den anere Moien um 5h. Et bucht een de Nightrider am Viraus, ewéi en Taxi.

Fir d'Bierger an der Gemeng Waldbëlleg zielen déi heite Virdeeler, wa si sech en Nightrider-Abo op der Gemeng kafen:

- **Abo fir Jugendlecher bis 25 Joer** (inklusiv), 25 Euro fir all Faarte pro Joer;
- **Abo fir Erwuessener**, 100 Euro fir bis zu zwielef Faarte pro Joer (en Aller-retour zielt als 1 Faart).

ELEKTRO-AUTO

Zu Chrëschtnech steet zanter dem 9. Mee Am Lahr eng Borne, fir Elektro-Autoen opzelueden.

Bus 470 : toutes les heures de Waldbillig et Christnach vers Consdorf et vers Altrier.

Bus 504 : toutes les heures de Haller, Waldbillig et Christnach vers Larochette, Medernach, Stegen et Ettelbruck.

Bus 848 : tôt le matin, à midi et le soir, vers Medernach, Cruuchten à Colmar, et retour.

LE BUMMELBUS

Le Bummelbus est un service de transport sur demande. Il est offert aux habitants de Waldbillig comme à ceux de diverses communes du Nord du pays.

Sur rendez-vous, le Bummelbus vous conduit à votre destination dans la région. Le prix varie selon la distance de 2 à 7 euros par trajet. Ce service fonctionne de 6h30 à 21h15 en semaine, jusqu'à 17h15 le samedi.

Il faut réserver au moins 24h heures à l'avance. Les après-midi il est le plus souvent difficile de faire une réservation à courte échéance vu que les bus sont pris d'assaut par les enfants partant pour leurs activités extrascolaires.

*Réservation au téléphone **26 80 35 80** entre 8h et 18h du lundi au vendredi, ou par courriel : bummelbus@fpe.lu.*

LE NIGHTRIDER

Le Nightrider dessert tout le pays le vendredi et le samedi soir de 18h au lendemain matin à 5h. Il est à réserver à l'avance comme un taxi.

Les habitants de la Commune de Waldbillig bénéficient des conditions avantageuses suivantes en achetant un abonnement à la mairie :

- **abonnement pour jeunes jusqu'à 25 ans compris :** 25 euros par année, avec un nombre illimité de courses ;
- **abonnement pour adultes :** 100 euros par année, pour 12 courses aller et retour.

VOITURE ÉLECTRIQUE

Depuis le 9 mai, une borne pour charger les voitures électriques se trouve à Christnach, Am Lahr.

WALDBILLIG WELCOMES CHARGY!



Les bornes Chargy viennent de faire leur apparition sur le territoire de votre commune – les portes de l'électromobilité s'ouvrent donc grandes à vous. En 2020, le réseau Chargy compta 800 bornes publiques, soit 1.600 points de charge, pour les voitures électriques et les voitures plug-in hybrides au Luxembourg.

Seit kurzem halten die Chargy-Ladestationen Einzug in Ihrer Gemeinde - somit ist Tür und Tor zur Elektromobilität für Sie geöffnet. Bis 2020, sieht das Chargy-Netz 800 öffentliche Ladestationen, sprich 1.600 Aufladeplätze, für Elektro- und Plug-In-Hybrid-Fahrzeuge in Luxemburg vor.

Vous voulez devenir client et profiter du réseau Chargy ?

Rien de plus simple: Pour pouvoir recharger votre voiture électrique ou plug-in hybride sur les bornes Chargy, vous devez souscrire un contrat avec un fournisseur de service de charge au Luxembourg.

L'accès aux bornes Chargy se fait simplement via la **mKaart du Verkéiersverbond** qui vous sera remise par votre fournisseur de service de charge. Si vous êtes déjà en possession d'une mKaart, votre fournisseur de service de charge vous rajoutera le produit Chargy directement sur celle-ci.

Sie möchten Kunde werden und die Vorteile des Chargy-Netzes nutzen?

Nichts einfacher als das! Um Ihr Elektro- oder Plug-In-Hybrid-Fahrzeug an den Chargy-Stationen laden zu können, müssen Sie einen Vertrag mit einem Service-Anbieter in Luxemburg abschliessen.

Der Zugang zu den Chargy-Stationen erfolgt einfach über die **mKaart des Verkéiersverbond** die Ihnen Ihr Service-Anbieter zur Verfügung stellt. Falls Sie bereits eine mKaart besitzen, wird Ihr Anbieter das Produkt Chargy direkt auf Ihrer mKaart aktivieren.

Liste des fournisseurs de service de charge au Luxembourg

Liste der Service-Anbieter in Luxembourg:

Edissertio ⚡ BLUEenergy.lu ⚡ Blue Corner ⚡ Eida S.A. ⚡ Electris ⚡ Enovos Luxembourg S.A. ⚡ PlugSurfing GmbH ⚡ Pluxx Holding S.A. ⚡ Sudstrom

Profitez de la plateforme MyChargy

Votre contrat vous donnera aussi accès à la plateforme MyChargy qui propose les fonctionnalités suivantes:

- **carte interactive** du réseau avec toutes les bornes indiquant leur statut (libre, occupé, hors service);
- **réservation en ligne** d'une borne de charge (max. 2 réservations simultanées);
- **calcul du trajet** et navigation vers la borne de votre choix;
- **notification** lorsque la charge de votre véhicule est terminée;
- **consultation** de vos consommations électriques;
- **téléchargement** de toutes les informations nécessaires pour la gestion.

Nutzen Sie die MyChargy Plattform

Mit Abschluss Ihres Vertrages erhalten Sie Zugriff auf die MyChargy Plattform mit folgenden Funktionalitäten:

- **Interaktive Netzkarte** mit allen Ladestationen und ihrem jeweiligen Status (frei, besetzt, außer Betrieb);
- **Online-Reservierung** einer Ladestation (höchstens 2 Reservierungen gleichzeitig);
- **Wegberechnung** und Navigation zur Ladestation Ihrer Wahl;
- **Benachrichtigung**, wenn der Ladevorgang Ihres Fahrzeugs beendet ist;
- **Anzeige** Ihres Energieverbrauchs;
- **Download** sämtlicher Informationen, die für die Verwaltung benötigt werden.

BRAUCHT DIR HËLLEF?

URGENCE

- Accidenter ouni Blesséierten: Telefon **113**, Police
- Accidenter mat Blesséierten: Telefon **112**, Ambulanz
- www.112.lu: Spideeler an Apdikten, déi Garde hunn

MEDIZINESCH SERVICER, HËLLEF DOHEEM

Maison médicale du Nord, 110, avenue Lucien Salentiny, Ettelbruck: Do ass en Dokter, vun owes 20h bis Mëtternuecht, an de Weekend vu 7h moies bis Mëtternuecht. No Mëtternuecht muss een den **112** uruffen

- Dispensaire Laroche**, 29, chemin J.A. Zinnen, Laroche. De Büro ass besat vu méindes bis freides tëschend 7h30 a 16h30. Telefon: **40 20 80 34 00**.
- **Blutanalyse** vu méindes bis freides moies tëschend 7 an 11 Auer;
 - **Sprëtzen a Verbänn** op Rendez-vous;
 - Organisatioun vu **Fleeg doheem**.

DÉFIBRILLATEUR

En Défibrillateur hänkt:

- **zu Waldbëlleg**: virun der Gemeng a virum Pompjeesbau;
- **zu Chrëschtnach**: virun der Kierch nieft dem Busarrêt;
- **zu Haler**: virun der Schoul vum Précoce;
- **am Mëllerdaal**: virum Restaurant Heringer Millen.

Am Fall vun engem Arrêt cardiaque (Häerzstellstand) ass séier Hëllef immens wichteg. Et soll een do fir d'éischt den 112 ruffen, dann d'Häerz 120 Mol pro Minutt masséieren a waméiglech en Défibrillateur asetzen. Deem säi Gebrauch ass um Apparat beschriwwen a ganz einfach.

SOZIAL HËLLEF

- Office social, 25, chemin J.A. Zinnen L-7626 Laroche (Op der Gare). Et ass op méindes bis freides vun 9 bis 16h45. Telefon: **26 87 00 23**

EN CAS DE BESOIN

URGENCES

- accident sans blessés : téléphoner au **113**, police
- accident avec blessés : téléphoner au **112**, ambulance
- www.112.lu : hôpitaux et pharmacies de garde

SERVICES MÉDICAUX ET PARAMÉDICAUX

Maison médicale du Nord, 110, avenue Lucien Salentiny, Ettelbruck : Il y a un médecin en permanence, de 20h à minuit en semaine, de 7h du matin à minuit les samedis, dimanches et jours de fête. Après minuit, il faut appeler le **112**.

- Dispensaire à Laroche**, 29, chemin J.A. Zinnen, Laroche. Horaires de bureau : de 7h30 à 16h30 du lundi au vendredi. Téléphone : **40 20 80 34 00**.
- **analyses sanguines** de 7h a 11h du lundi au vendredi ;
 - **pansements et bandages** sur rendez-vous ;
 - **aide au domicile**.

DÉFIBRILLATEUR

Des défibrillateurs se trouvent :

- **à Waldbillig** : devant la Mairie et devant le hall des pompiers ;
- **à Christnach** : devant l'église près de l'arrêt de bus ;
- **à Haller** : devant l'école du précoce ;
- **au Mullerthal** : devant le restaurant Heringer Millen.

En cas d'arrêt cardiaque, il est de toute première importance que les personnes présentes agissent rapidement, en appelant d'abord le 112, en procédant ensuite à un massage cardiaque avec une fréquence de 120 mouvements par minute et en recourant si possible à un défibrillateur. L'utilisation de ce défibrillateur est expliquée sur l'appareil ; elle est à la portée de tout un chacun.

AIDE SOCIALE

- Office social, 25, chemin J.A. Zinnen L-7626 Laroche (ancienne gare).
- Horaires : de 9h à 16h45 du lundi au vendredi ;
téléphone : **26 87 00 23**

PROBLEMER MAT DER NOPERSCHAFT

- **Service de médiation sociale.** Dëse Service ass gratis, Telefon: **80 02 38 83**.

HEINZELMÄNNERCHER

Eeler Bierger vu 60 Joer un aus der Gemeng Waldbëlleg kënne vum Service D'*Heinzelmännercher* vum CIGR Mëllerdall profitéieren.

Op Rendez-vous ginn do Aarbechten doheem erleedegt, zu engem gënschtegen Tarif: 14 Euro d'Stunn pro Heinzelmännchen plus 4 Euro pro Maschinn.

Déi heiten Aarbechte kënne gemaach ginn:

- kleng Reparaturen ewéi Rollueder flécken, Schlässer ersetzen, verstoppte Kanalréier opmaachen, e Krunn flécken,
- Wiss méien, Uebstbeem schneiden, Hecke schneiden,
- op d'Haus oppassen,
- Schnéi schéppen, Blieder ewechraumen,
- e Graf an d'Rei setzen ...

Telefon: **26 78 46 24**, E-Mail: mellerdall@cig.lu

CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT

De Club Senior, mat Sëtz zu Beidler an der aler Schoul, bitt mat engem variéierte Programm eng Plaz un, wou d'Matbierger aus der Regioun vu 50 Joer u sech kënne begéinen an austauschen. De Club Senior huet de speziellen Optrag, fir den intergenerationellen Austausch ze férderen.

Duerch d'Zesummennaarbecht mat de Gemenge Bech, Betzder, Konsdrëf, Jonglënster a Waldbëlleg huet de Club Senior e regionale Charakter an énnerstëtzzt den Zesummenhalt vun de Bierger aus der Regioun. D'Aktivitéite gi bekannt gemaach duerch eng Brochure déi regelméisseg un all Haushalt verdeelt gëtt.

Aschreibungen, fir un den Aktivitéiten deelzehuelen, kann ee maache per Mail un d'Adress club-loupescht@croix-rouge.lu, direkt op der Adress 1, rue de l'École zu Beideler, oder iwwer Telefon **27 55-33 95**.

De Büro ass wiertes op vun 8h30 bis 12h30.

PROBLÈMES DE VOISINAGE

- **Service de médiation sociale**, au téléphone **80 02 38 83**. Ce service est gratuit.

SERVICE DE PROXIMITÉ HEINZELMÄNNERCHER (les lutins)

Les habitants de la commune âgés de 60 ans au moins peuvent recourir à ce service offert par le CIGR (Centre d'initiative et de gestion régional) Mullerthal.

Des travaux au domicile sont effectués à un tarif avantageux :

14 euros par heure et personne, plus 4 euros par machine.

Il s'agit des travaux suivants :

- déblayage de la neige, salage, ramassage des feuilles mortes, taille des haies, plantations, débroussaillage ;
- nettoyage haute pression à l'extérieur, préparation de la terre (fraise, motoculteur) ;
- plantation du potager, entretien de la pelouse ;
- garde de la maison pendant les vacances ;
- interventions en sanitaire, travaux de bricolage, petites rénovations.

Téléphone : **26 78 46 24**, adresse électronique : mellerdall@cig.lu

CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT

Le Club Senior An der Loupescht a pour objectif de proposer des activités de loisirs, sportives, culturelles, de santé à des personnes actives de 50 ans et plus des communes de Bech, Betzdorf, Consdorf, Junglinster et Waldbillig. L'accent dans ce club senior est mis sur le lien de l'intergénérationnalité. Les membres se retrouvent à Beidler dans l'ancienne école. Les Clubs Seniors sont des centres de rencontre pour les personnes âgées de 50 ans ou plus, qui offrent un éventail d'activités dans les domaines les plus divers.

Contact :

- adresse électronique : club-loupescht@croix-rouge.lu,
- adresse postale : 1, rue de l'École zu Beidweiler
- téléphone : **27 55-33 95**.

Horaires de bureau : de 8h30 à 12h30 du lundi au vendredi.

MAISON RELAIS A SCHOUL

D'Primärschoul, also d'Cyclen 2, 3 a 4 vun der Grondschoul, ass am Schoul- a Sportzenter Michel Rodange baussent Waldbëlleg, de Préscolaire ass am Zentrum vu Waldbëlleg bei der Gemeng an de Précoce ass zu Haler.

D'Maison relais ass am Zenter Michel Rodange an hëlt Kanner vun 18 Méint un op. D'Maison relais fonctionnietet 49 Wochen am Joer, vu 7h bis 18h30.

Et gëtt do fir d'Kanner gekacht. Et gi vill Activitéiten ugebueden an och Hëlfel fir d'Hausaufgaben aus der Primärschoul, eng Stonn vu méindes bis donneeschdes.

Déi kleng Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn, kënne ganz Deeg an d'Maison relais kommen, oder just pro Plage. Wann se an de Précoce ginn, kënne se mam Bus vun der Schoul an d'Maison relais fueren.

Maison relais: Telefon **87 88 46 40**,
E-Mail: maisonrelais.waldbillig@ecole.lu.

All Informatiounen iwwert d'Maison relais an d'Grondschoul stinn am Schoulbuet, dee virun all Schouluufank am September un d'Eltere verschéckt gëtt an um Site www.waldbillig.lu steet.

MAISON RELAIS ET ÉCOLE FONDAMENTALE

L'enseignement primaire, c.-à-d. les cycles 2, 3 et 4 de l'école fondamentale, a lieu au centre scolaire et sportif Michel Rodange, aux confins du village de Waldbillig. Le préscolaire est rassemblé au centre de Waldbillig, non loin de la mairie ; le précoce se trouve à Haller.

La maison relais se trouve au centre Michel-Rodange, elle accueille les enfants âgés d'au moins 18 mois. La maison relais est ouverte en semaine de 7h à 18h30, 49 semaines par an.

La restauration des enfants se fait sur place. Il y toute une gamme d'activités. Du lundi au jeudi, une heure est proposée aux enfants scolarisés pour l'aide aux devoirs au domicile

Les enfants non encore scolarisés peuvent intégrer la maison relais soit pendant toute la journée soit par plages horaires. S'ils sont scolarisés au précoce à Haller, ils peuvent rejoindre la maison relais par bus.

*Téléphone : **87 88 46 40**,
Adresse électronique : maisonrelais.waldbillig@ecole.lu.*

Les informations concernant la maison relais et l'école fondamentale de Waldbillig sont rassemblées dans le Schoulbuet, le bulletin scolaire, distribué en septembre aux parents d'élèves et disponible sur www.waldbillig.lu.

LE BIBHERBUS AN D'BICHERSAIL

De **Bicherbus** fiert duerch d'ganzt Land a kënnt reegelméisseg bei d'Michel-Rodange-Schoul zu Waldbëlleg. E steet do um Arrêt vum Schoulbus vun 8h35 bis 10h:

- donneeschdes, de **7. Juni**
- donneeschdes, den **28. Juni**
- donneeschdes, de **27. September**

Dir kënnt lech op der Plaz aschreiwen, fir Bicher ze léinen.

Virun der Gemeng steet d'**Bichersail**. Si huet d'Form vun enger Telefonskabinn.

Jiddwereen dierf sech zu jiddwer Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Dat kascht näisch. Et kann een d'Bicher halen oder se hanneschtbréngent.

Jiddwereen dierf och Bicher drastellen, esou laang Plaz ass. Et solle wannechglift just Bicher a guddem Zoustand, an d'Inhalter manéierlech an net extremistesch sinn.

LE BIBLIOBUS ET LA BOÎTE AUX LIVRES

*Le **bibliobus**, véritable bibliothèque sur roues, parcourt l'ensemble du pays. Il vient régulièrement à l'école Michel Rodange à Waldbillig, à l'arrêt des bus scolaires, de 8h35 à 10h, aux dates suivantes :*

- jeudi, le **7 juin**
- jeudi, le **28 juin**
- jeudi, le **27 septembre**

Vous pouvez vous inscrire sur place afin d'emprunter des livres.

*Devant la maison communale se situe la **boîte aux livres** dans une structure ayant la forme d'une cabine téléphonique.*

Tout un chacun peut y prendre des livres. Il n'y a pas de frais. On rapporte les livres lus ou on les garde.

On peut également y mettre des livres tant qu'il y a de la place. Merci d'y déposer uniquement des livres en bon état qui comportent des contenus conformes aux bonnes mœurs et sans caractère extrémiste.

ET SI FONNT GINN

Informatiounen an der Gemeng um Telefon **83 72 87 22**

OBJETS TROUVÉS

Informations à la commune au téléphone **83 72 87 22**



WAT ASS LASS?

REGIONAL ERAUSGEPICKT:

Samschdeg 2. Juni bei der Gemeng zu Konsdref, um 9h30: **gefiererten Tour Kuelscheier.** Umellen: 79 02 86

Sonndeg 3. Juni bei der Gemeng zu Noumer, um 14h: **Geologesch Wanderung duerch d'Noumerleeën.**

Präis: 5 Euro. Umellen: 26 87 82 91 26,
birgit.kausch@naturpark-mellerdall.lu

Mëttwoch 6. Juni am CAPE zu Ettelbréck, um 19h30:
Haydn + 1777. Haydn, Abel, J. C. Bach, Lidl. Michel J. Rada Igisch, Baryton à cordes, Vincent Ranger, piano-forte

Mëttwoch 6. Juni am Trifolion zu lechternach, um 20h:
Sven Hannawald: „4 gewinnt! Erfolg in Balance“

Freideg 8. Juni am Trifolion zu lechternach, um 20h:
Concert vun der Bigband vun der Militärmusek

Freideg 8. Juni am CAPE zu Ettelbréck, um 20h:
Tram des Balkans - Kobiz Project

Samschdeg 9. Juni Op Kéngert an der Fiels, um 10h:
Kichen am Bësch. Präis 25 Euro. Umellen: 26 87 82 91-1,
info@naturpark-mellerdall.lu

Samschdeg 9. Juni am Trifolion zu lechternach, um 20h:
Ambitus presentéiert Gioacchino Rossini „Petite Messe Solennelle“

Samschdeg 9. Juni am Little Woodstock zu lernzen, um 21h30: **The Heritage Blues Company**

Méindeg 11. Juni am Trifolion zu lechternach, um 20h:
Konferenz mat der Prof. Dr. Renate Zimmer: „Was Kinder wirklich stark macht – und was sie gesund hält? Zu den psychosozialen Ressourcen von Bewegung und Sport“

Freideg 15. Juni um Bloen Eck zu Steeën: **ECSA Fussball Turnéier**, vun 9h un

Samschdeg 16. Juni 2018 am Trifolion zu lechternach, vun 10h un: **Fête de la musique**

Samschdeg 16. Juni am Little Woodstock zu lernzen, um 21h30: **Heavy Petrol**

Sonndeg 17. Juni 2018 am Trifolion zu lechternach, vun 10h un: **Fête de la musique**

Samschdeg 30. Juni op der Place Bleech an der Fiels, vu 14h un: **Bleechfest, vun der Fielser Musek**

Samschdeg 7. Juli Op Kéngert an der Fiels, um 10h:
Kichen am Bësch. Präis 25 Euro. Umellen: 26 87 82 91-1,
info@naturpark-mellerdall.lu

Samschdeg 7. Juli am CAPE zu Ettelbréck, um 19h:
La danse au CMNord dans tous ses états

Sonndeg 8. Juli um Beeforter Schlass, um 16h30:
Concert mat der Waldbëlleger Musek um Schlassfest

Sonndeg 8. Juli am CAPE zu Ettelbréck, um 18h:
La danse au CMNord dans tous ses états

Freideg 13. Juli an der Fiels, um 14h:
Ouverture vun der Kiermes

Samschdeg 14. Juli um 20h beim Kierfecht zu Ettelbréck, um 20h: **Nuechtwanderung op der Sich nom Dachs.**
 Umellen: nordstadsektiouon@naturemwelt.lu

Sonndeg 15. Juli zu lechternach um Parking a Kack, vun 9h un: **History on wheels, 30. Gebuertsdag vum Käfer-Club Lëtzebuerg**

Sonndeg 15. Juli an der Fiels, vun 10h un:
Braderie, Stroosseverkaf, Brocante

Sonndeg 15. Juli um Fiessser Schlass, um 15h:
Concert mam Youth Orchestra BMBM

Méindeg 16. Juli, Haler Buergmauer zu lechternach, um 17h: **10 Owenter laang Wiewe léieren.** Präis 300 Euro.
 Umellen: 26 87 82 91-1, info@naturpark-mellerdall.lu

Dënschdeg 17. Juli um Camping Kéngert, um 14h30:
Concert mam Youth Orchestra BMBM

Dënschdeg 17. Juli énnert dem Dénzelt zu lechternach:
Concert mat der Waldbëlleger Musek

Mëttwoch 18. Juli um Visiteursparking an der Industriezon Pirel zu Colmer, um 16h: **Visite vum Logistikzenter vun der Superdreckskëscht.**

Umellen: 48 82 16-228, training@sdk.lu

Freideg 27. Juli am Little Woodstock zu lernzen:

Little Woodstock Festival mat DJs

Samschdeg 28. Juli um Frombuerger Haff zu Osweiler, um 15h: **Alternativen an der Landwirtschaft.** *Präis 10 Euro. 26 87 82 91-1, info@naturpark-mellerdall.lu*

Samschdeg 28. Juli am Little Woodstock zu lernzen:

Little Woodstock Festival mat Live-Concerfe vu Rockgruppen

Sonndeg 29. Juli op der Place Bleech an der Fiels, um 16h: **Concert mat Vielingsbeek**

Sonndeg 29. Juli am Little Woodstock zu lernzen: **Little Woodstock Festival mat akustesche Live-Concerfen**

Donneschdeg 2. August: **Maart an der Fiels**

Samschdeg 4. August bei der Jugendherberg an der Fiels, um 19h: **Owendwanderung fir Familljen.** *Präis 15€ an 11€ bis 12 Joer. Umellen 26 27 66 20-0, animation@youthhostels.lu*

Samschdeg 4. August a Sonndeg 5. August, op der Maartplatz zu lechternach, vun 11h un:

Steampunk-Convention

Sonndeg 5. August, bei der Sportshal um Däich zu Ettelbréck, vu 7h un: **Marche populaire.**

Information: 691 30 26 87, info@flmp.lu

Donneschdeg 9. August bei der Fielsser Buerg, vun 9h30 un: **Tour mat der Päerdskutsch.**

Umellen: 621 20 21 34, origer@mullerthal.lu

Freideg 10. August bis Sonndeg 12. August beim Séi zu lechternach: **E-lake mat Hip-Hop, Rock, Indie, Reggae, Danchall, Electro Trance, Techno**

Mëttwoch 15. August, beim Zenter Kuerzwénkel zu Konsdref, vu 7h un: **Marche populaire.**

Information: 691 30 26 87, info@flmp.lu

Mëttwoch 15. August bei der Kierch zu Ettelbréck, um 9h: **Léiffrawëschdag. Heelplanze kennen an zesummesstellen.** *Umellen: 621 65 04 70, nordstadsektioun@naturemwelt.lu*

Dënschdeg, 21. August um Visiteursparking an der Industriezon Pirel zu Colmer, um 16h: **Visite vum Logistikzenter vun der Superdreckskëscht.**

Umellen: 48 82 16-228, training@sdk.lu

Samschdeg 25. August a Sonndeg 26. August, am Trifolion, zu lechternach um Denzelt, am Rokoko-Pavillon an an der Kierch: **Internationale Festival fir Mandolinnen a Gittaren**, www.divertimento.lu

Samschdeg 1. September an der Sportshal zu Miedernach, vun 10h un:

Expositioun Lëtzebuerger Produkter

Donneschdeg 12. September: **Maart an der Fiels**

Samschdeg 15. September am Little Woodstock zu lernzen, um 21h30: **Stelise**

Sonndeg 16. September am Centre sportif Filano op Bierkelt an der Fiels, um 8h: **VTT-Randonnée.**

Kontakt: www.vc-filano.lu

Samschdeg 29. September am Little Woodstock zu lernzen, um 21h30: **Irina**

Déi **oppe Piscine zu Beefort** huet den 10. Mee opgemaach, bis den 2. September. Si ass all Dag op vun 13h bis 19h, vum 2. Juli bis den 19. August vu moies 10 un bis 19h. Et kascht 5 Euro, 3 Euro fir Kanner vun 3 bis 14 Joer.

Déi **mëttelalterlech Buerg an d'Renaissanceschlass zu Beefort** sinn op vum 24. Mäerz bis de 4. November 2018.

D'**Schlass an der Fiels** ass op vun Ouschteren un, all Dag vun 10h bis 18h.

Um **Wassertuerm zu Bäerdref** huet een eng schéi Vue, a bannen ass eng interessant Ausstellung iwwer d'Waasser. Am Juli an August ass all Dag vun 10h bis 18h op, méindes just vum 16. Juli bis de 14. August. Soss ass méindes zou. Am Juni an am September ass all Dag ausser méindes vu 14h bis 18h op.

Vum 29. Mee bis den 19. Juni ass am **Trifolion** eng **Fotosaustellung** mam Thema *Move together #respect*.

Vum 26. Juni un ass am **nationale Literaturzenter zu Miersch** d'**Austellung Schrift und Bild im Dialog. Über Literatur und Bildkünste in Luxemburg**. Si ass all Dag op vun 9h bis 17h.



WAT ASS LASS AN DER GEMENG WALDBËLLEG AM JUNI, JULI, AUGUST A SEPTEMBER?

Samschdeg 16. Juni am Kalkewee zu Waldbëlleg, um 13h30: **Spaléierbamschnëtt**. Präis 5 Euro. Umellen: 26 87 82 91-1, info@naturpark-mellerdall.lu

Freideg 22. Juni, **Virowend vum Nationalfeierdag**:
• 18h45: **Reunioun** um Parking vum Veräinsbau zu Chrëschtnech fir de Cortège an d'Kierch.
• 19h: **Te Deum** an der Kierch zu Chrëschtnech.
• Géint 20h hält d'Buergermeeschtesch an der Sports-hal zu Waldbëlleg eng **Usprooch**, a verdéngschtfoll Ekippen a Membere vu Veräiner gi geéiert.
• D'Gemeng offréiert duerno den **Éierewäin** an der Cafeteria.

Sonndeg, 15. Juli zu Haler bei der Schoul, vu 15h un: **Duerffest**, mat um 17h der Iwwerdroung vun der **Finall vun der WM**, an dono ass e **Concert mat den Toxkäpp!**



Samschdeg, 8. September: **3. Editioun vum Ultra Trail Mullerthal**; Kids Adventure Run a Shorty Trail am Mëllerdall; Trail, Long Trail an Ultra Trail mat Départ zu lechternach a Ravitaillement am Mëllerdall.
Informatiounen an Aschreiwungen: www.utml.lu

Sonndes, den 30 September an der Porkierch Waldbël-leg, um 17h: **Concert mat dem Ensemble Ad Libitum**, Leedung: Rosch Mirkes. Organiséiert vun den Uergelfrënn Waldbëlleg

D'Schoulvakanz ass vum 16. Juli bis de 14. September

Den **Touristcenter op der Heringer Millen** ass all Dag op vun 9h30 bis 16h30.

D'Restauranten an der Gemeng:

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op donneschdes, freides a samsdes owes vun 19h un, bis 21h30 fir déi lescht Commande, samsdes a sonndes mëttes vun 12h bis 14h. Bei guddem Wieder ass d'Terrass op. Telefon: 83 67 48
- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall ass all Dag op, ausser Dënschdes, mëttes vun 12h bis 14h an owes vun 19h bis 20h30. Nomëttes kritt ee Glacen a kleng Restauratioun. Bei guddem Wieder ass d'Terrass op. Telefon: 79 94 95
- De Restaurant an der **Heringer Millen** ass vu mëttwochs bis sonndes op, am Mee, Juni, Juli an August och dënschdes. Sonndes owes a méindes ass émmer zou. Et gëtt vun 12h bis 21h z'iessen, (sonndes bis 17h) a bei guddem Wieder kann een op der Terrass iessen. Telefon: 26 78 47 17.
- De Restaurant um Chrëschtnecher Golf **Aux fines herbes** ass all Dag, ausser méindes, op vun 12h bis 21h, och op der Terrass. Reservatioun um Telefon 87 83 83. An der Sky Sports Bar kritt een all Dag vun 8h bis 21h z'iessen, och méindes.
- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Méindes, dënschdes a mëttwochs vun 18h bis 23h, freides vun 18h bis 1h, de Weekend vun 11h bis 14h a vun 18h samschdes bis 1h a sonndes bis 23h. lessen op Bestellung. Telefon: 621 31 83 69.



*De FUUSS
als PDF online!*



